


INFO BLAT



°04 21

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 28. ABRËLL 2021

Conseil communal du 14 juillet 2021

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 14 JUILLET 2021



Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Laura Pregno (échevine, déi gréng)

Guy Altmeisch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Paulo De Sousa (déi gréng)

Jerry Hartung (CSV)

Pierre Hobscheit (LSAP)

Georges Liesch (déi gréng)

Fränz Meisch (DP)

Erny Muller (LSAP)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déi gréng)

Guy Tempels (CSV)

Eric Weirich (déi Lénk)

Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{04 21}

COMPTE-RENDU DU 28 AVRIL 2021

3-43

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 04/2021, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 28 AVRIL 2021

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Georges Liesch (déi gréng)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	François Meisch (DP)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)	Erny Muller (LSAP)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Ali Ruckert (KPL)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),	Christiane Saeul (DP)
Guy Altmeisch (LSAP)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Fred Bertinelli (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
Paulo De Sousa (déi gréng)	Eric Weirich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)	Nicole Wohl (déi gréng)
Pierre Hobscheit (LSAP)	

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Finances communales : avis et titres de recettes pour l'exercice 2020.
3. Actes et conventions :
 - a. Acte notarié d'échange de parcelles au lieudit rue Rattem à Oberkorn ;
 - b. Acte notarié de cession gratuite d'une place d'une contenance de 3,22 a au lieudit rue Docteur-Émile-Pauly à Niederkorn ;
 - c. Acte notarié portant sur une convention de concession d'un droit de superficie dans la rue des Artisans à Niederkorn ;
 - d. Procès-verbal notarié d'ouverture de soumission cachetée du 31 mars 2021 de quatre lots du bâtiment résidentiel du complexe Gravity Tower à Differdange ;
 - e. Convention pour l'occupation d'un immeuble situé à Saulnes (F), section AC parcelle 71, au bénéfice de l'État français (ministère de l'Intérieur) ;
 - f. Contrat de bail commercial pour la brasserie Aalt Stadhaus à Differdange ;
 - g. Deux contrats de bail commercial de courte durée d'un local situé au n° 3 rue du Parc-de-Gerlache à Differdange ;
 - h. Contrat de bail commercial d'un local situé au n° 55 avenue de la Liberté à Differdange ;
 - i. Contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub et notification d'une résiliation de contrat ;
 - j. Contrats de bail d'un atelier d'artiste dans la Maison Depienne à Lasauvage ;
 - k. Contrats de bail à Niederkorn, rue des Ligures, pour des exploitations jardinières ;
 - l. Convention bipartite 2021 pour les services d'éducation et d'accueil pour enfants ;
 - m. Nouveaux statuts avec augmentation de capital de la Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM).
4. Règlements communaux :
 - a. Stratégie d'aide et support financier aux commerces et sociétés locales liés aux conséquences économiques de la pandémie COVID-19 ;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
5. Changements au sein des commissions consultatives.

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

se réjouit de retrouver les conseillers communaux sans vidéo-conférence et sans procuration. Madame Wohl semble en retard.

Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal s'il veut bien commencer par le point 4a, le soutien financier aux commerces. Cela permettrait de libérer plus rapidement monsieur Felten, qui est chargé de la présentation.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch annonce que le DP a introduit des questions. Elles seront traitées à la fin de la séance.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch ajoute que monsieur Muller et monsieur Altmeisch ont aussi des questions. Pour ce qui est des communications, elle explique que les écoles ont connu 12 cas de COVID-19 au 27 avril. La commune a aussi organisé des tests à grande échelle. Quatre-mille membres de la communauté scolaire ont été testés. On n'a dénombré que dix cas.

Monsieur Turmes a eu une entrevue avec le collège échevinal. La pose de la première pierre du commissariat a eu lieu.

La commune fait partie de Mayors For Peace, une organisation commémorant Hiroshima. Christiane Brassel-Rausch a participé à une réunion récemment. Les différents acteurs ont décidé de commencer petit. Les événements seront organisés par une commune chaque année. Cette année, Reckange a prévu une activité le 6 aout.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch précise que les événements seront organisés à tour de rôle. Il peut s'agir d'activités culturelles, de soirées thématiques...

TOM ULVELING (CSV) *a une communication concernant le parking du contournement. Le collège échevinal est en train de préparer une soumission avec Ernst & Young. Le collège échevinal doit élaborer un programme définitif. L'adjudication et le début des travaux devraient avoir lieu l'année prochaine.*

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot haut vum 28. Abrëll 2021. Ech si frou, Iech emol erëm eng Kéier an esou enger grousser Ronn kënnen ze begreifen ouni Videokonferenz an ouni Procuration. Ech denken, dass d'Madamm Wohl nach kennt, dass se Retard huet. Jiddefalls huet si sech net ofgemellt. Soudass ech unhuelen, dass se nach wäert kommen.

Fir d'alleréisch wollt ech Iech froen, ier mer ufänken, ob Der averstane sidd, de Punkt 4a, Stratégie d'aide et support financier aux commerces am Kader vun der Pandemie, virzehuelen. Den Här Felten ass hei, da géif hien dat erklären an da wär hien duerno liberéiert. Sidd Der d'accord? Well da géife mer d'Kommunikatiounen maachen, de Punkt 4a huelen an da mam Ordre du jour normal virufueren, wéi e virgesinn ass. Wann Der domadder averstane sidd, dass mer dee Punkt virrëckelen, da géif ech ëm ee Vott bieden.

Da soen ech Iech villmools Merci. D'DP huet eis Froen eraginn. Här Meisch, mir maachen dat wéi üblech, mir huelen dat um Schluss vun der Séance publique no.

An den Här Muller an den Här Altmeisch mellen och nach Froen un. Déi och um Enn vun der Séance publique.

Da géif ech einfach zu de Kommunikatiounen kommen. Ech hunn net ganz vill ze soen. Ech hunn den Tablo hei mat de Covidfäll an de Schoulen. Do hate mer bis de 27. Abrëll zwielef Fäll. Ech wëll awer och ervirhiewen, dass mer virun der Ouschtervakanz de Large-Scale-Testing hei an der Gemeng Déifferdeng haben. Do ass eng Communauté scolaire vun ongeféier 4.000, e bësse manner wéi 4.000 Leit, getest ginn. Dat waren: de Fondamental, d'Leit vum SEA, Service d'éducation et d'accueil, an d'EIDE. Am Ganze waren zéng positiv Fäll erauskomm. Wat u sech ee ganz gudde Bilan ass.

Da kann ech Iech och nach soen, dass den Här Turmes am Schäfferot war, en vue vun eventuelle gemeinsame Projete mam Ministère a mat der Gemeng Déifferdeng. Vum Policegebei ass d'Po-

se de la première pierre gemaach. A wat ech Iech och nach wollt matdeelen, dat ass, dass mer Mayors for Peace erëm reaktivéiert hunn. Et si 16 Gemengen hei am Land. Dat ass a Gedenke vun der Atombomm vun Hiroshima. 16 Gemengen hei aus dem Land hunn dat erëm reaktivéiert a sinn zesumme-komm, fir an deem Kader op d'Atomwaffen opmierksam ze maachen an och deen Desaster, deen dat mat sech bréngt.

Mir haten elo eng Reunioun. Et ass probéiert ginn, d'Parteien all dra vertrueden ze hunn. De Syvicol ass och derbäi. Mir hunn eis elo mol gëeenegt kleng unzufänken. Dat heescht déi Gemengen, déi eppes wëllen organisieren, da gëtt dat ëmmer pro Gemeng gemaach. Et ass net, dass all déi Gemengen eenzel eppes maachen. An dëst Joer wäert et da Recken sinn, déi eppes wäert organisieren fir de 6. August. Dat ass den Dag en mémoire vun Hiroshima.

(Ënnerbriechung)

Recken. An dat maache mer à tour de rôle, da loosse mer dat schéi lues wuesen. Do kënne kulturell Aktivitéiten stattfannen, et kënnen Theemenowenter stattfannen, also dat ass relativ op.

Dat ass et elo vu menger Säit fir d'Kommunikatiounen. Ech géif dann d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, e puer Informatiounen. Fir d'éischt: Parking Contournement. Zesumme mat Ernst & Young si mer amgaang, e Bewerbungsverfahren opzestellen. Et si schonn éischt Leit kontaktéiert ginn, déi hir Meenung dozou gesot hunn. Elo musse mer en definitive Programm am Schäfferot opstellen, wat mer gär hätten. Da kann et ausgeschriwwen ginn. Mir ginn dovun aus, dass mer den Zouschlag d'nächst Joer kënne maachen, an dass d'nächst Joer kéint ugefaange gi mat bauen.

Dat anert sinn Informatiounen iwwer Kontrakter vun Esch2022. Dir wësst, mir mussen déi an de Gemengerot ginn. Dat wäerte mer natierlech och maachen. Mir wäerten och eng kleng Pre-

sentatioun maachen, wann et esou wäit ass.

Just de Problem ass, de Ministère de l'Intérieur huet déi Kontrakter nach eng Kéier iwwerkuckt. Si haten e puer Remarken ze maachen. Déi mussen elo erëm e bëssen ëmgeschriwwen ginn. An da muss déi Konventioun definitiv festgehalten an ënnerschriwwen ginn. Soudass mer dovun ausginn, dass mer déi ganz Kontrakter spéitstens am Juli wäerten hei am Conseil virleeën, déi mir als Gemeng Déifferdeng hu mat deenen Artisten, déi fir 2022 hei zu Déifferdeng wäerten optrieden.

Am März 2022 ass zesumme mat Dideleng eng Veranstaltung virgesinn. Am März 2022 wäerten déi éischt Saachen hei zu Déifferdeng stattfannen, bis Enn Oktober. Dat ass ee volle Programm. Dir wësst, datt mer bal 28 verschidden Evenementer geplangt hunn hei op eise Territoire. Soudass mer dat relativ kompakt iwwert d'Bün musse kréien.

Eng kleng Informatioun iwwert de Lommelshaff. Do hate mer jo d'leschte Kéier de Projet vun deem Pavillon gestëmmt. Mir waren dovunner ausgaangen, dass mer deen am August opriichte kéinten. Do muss ech Iech awer informéieren, dass mer festgestallt hunn, dass mer eis do musse selwer eng Baugeneemegung ginn, an dass déi Baugeneemegung, à ce stade, méi schwierig ass, wéi wa mer deen neie PAG hunn. Dofir wäerte mer waarden, bis deen neie PAG geneemt ass, ier mer eis d'Baugeneemegung ginn. Soudass mer dovunner ausginn, dass de Pavillon eréischt wäert am März 2022 kënnen opgeriicht ginn.

Zum Polizeigebai wollt ech eppes richtegstellen, wat ech an de soziale Medie gelies hunn. 2012 war dee ganze Projet ugaangen. An do waren net nëmmen d'Sozialisten, mee och nach aner Parteien concernéiert. Notamment och d'DP. Well 2012 war d'DP jo hei am Schäfferot. Si hunn also och hire Merite. An ech wëll just soen, dass eng Informatioun falsch ass, nämlech déi, dass iergendwann eng Kéier ee gesot gehat hätt, d'Gemeng Déifferdeng wëlt aus deem Projet erausklammen. Dat war ni de Fall.

Dat eenzeg, wat eng Kéier gesot ginn ass, ass, wa mir net géifen d'Zouséche-

rung kréie vum Ministère, dass si déi sämtlech Käschte géifen iwwerhuelen, da kéinte mer de Projet net maachen. Well zu engem gewësse Moment war eng Unzuel vu Milliounen an Aussicht gestallt ginn a gesot ginn, net méi. Duerno hat mussen noverhandelt ginn. Dir wësst alleguer, dass de Bauindex all Joer an d'Luucht geet. A mir kënnen awer net, wann de Projet elo scho 17,8 Milliounen ass, net soen, dass wann et iwwer 18 geet – wéi deemools am Gespräch war –, dass mir dann als Gemeng Déifferdeng dee Rescht géifen iwwerhuelen. Dofir hat et e bësse méi laang gedauert. Mee et war zu kengem Zäitpunkt – dat wëll ech ganz kloer hei soen – envisagéiert ginn, dass d'Gemeng Déifferdeng net wëlt fir d'Police dat Gebai do opriichten. Dat war et, wat ech ze soen hat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Ulveling. Da géif ech d'Wuert weiderginn un den Här Mangel.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir begrëssen déi Enquête, déi elo ageleeet ginn ass iwwert de Coronacluster zu Nidderkuer am Altersheim. Et ass natierlech schlëmm, wa bei Leit, déi an enger Struktur betreit ginn, wou ee sech drop verléisst, da Problemer optrieden a vill Leit bannent kuerzer Zäit stierwen. Dat ass awer leider heiansdo de Verlaf vun enger Epidemie. Ech hoffen, datt do ee gutt Resultat erauskënnt, an datt mer an Zukunft esou Problemer vermeide kënnen.

Perséinlech war ech och oft an esou Strukturen, mä Papp hat Alzheimer. Et ass net ëmmer einfach, déi Leit ze betreien. Et ass och net ëmmer evident, fir déi sanitär Reegelen anzehalen. An ech mengen, et soll een dat hei dann huelen a kucken, wéi een déi Situatioun eventuell verbessere kéint.

D'Gedenken un déi Verstuerwen, mengen ech, sollt ee maachen no der Kris. Wéi dat och landeswäit virgeschloe ginn ass. Datt een duerno alle Leit gedenkt. Net nëmmen deenen, déi zu Nidderkuer am Altersheim waren, mee all

Tom Ulveling passe à des contrats pour Esch2022. Il fera une présentation des projets au conseil communal le moment venu. Le ministère de l'Intérieur a vérifié les contrats et a fait plusieurs remarques. Les contrats doivent donc être modifiés. Tom Ulveling suppose que tous les contrats avec les artistes intervenant à Differdange en 2022 pourront être présentés au plus tard en juillet.

Les premiers événements se dérouleront à Differdange en mars 2022 – notamment un projet avec Dudelange. Differdange accueillera 28 événements.

Tom Ulveling rappelle que le conseil communal a approuvé l'aménagement d'un pavillon au Lommelshaff. Le pavillon devait être installé en août, mais entre-temps, la commune a constaté qu'un permis de construire est nécessaire. Ce permis sera plus facile à fournir avec le nouveau PAG. C'est pourquoi le pavillon ne sera érigé qu'en mars 2022.

Tom Ulveling souhaite rectifier quelque chose qu'il a lu sur les réseaux sociaux. Les socialistes ne sont pas les seuls à avoir lancé le projet du nouveau commissariat en 2012. Le DP faisait partie de la majorité. Par ailleurs, il n'a jamais été question d'abandonner ce projet. Mais le collège échevinal exigeait la garantie du ministère que les frais seraient remboursés intégralement. Car il était question de millions et les prix risquaient d'augmenter avec l'indice de construction. La Ville de Differdange refusait de payer ces éventuelles augmentations. C'est ce qui a pris du temps, mais personne n'a jamais envisagé de ne pas construire le commissariat.

ROBERT MANGEN (CSV) salue l'enquête menée actuellement en relation avec le cluster de coronavirus dans la maison de retraite de Nidderkorn. Que des gens meurent en peu de temps dans une structure censée les encadrer est grave. Mais ce genre de choses peuvent arriver pendant une pandémie. Robert Mangel espère que ce type de problèmes pourront être évités à l'avenir.

1. Communications

Le père de Robert Mangen souffrait d'Alzheimer. Il sait que l'encadrement de ces personnes n'est pas évident. Mais il faut chercher des améliorations.

Robert Mangen trouve que les commémorations pour les personnes mortes de COVID-19 devraient avoir lieu après la crise.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) remercie les 400 participants au nettoyage de la forêt. À cause de la crise, il a fallu éviter les rassemblements au Thillenbergr. La commune n'a pas pu leur servir un repas.

Des groupes de particuliers, les associations, les classes scolaires et les maisons relais se sont inscrits. La commune leur a fourni des sacs que la voirie a récupérés par la suite. Laura Pregno est ravie qu'autant de personnes aient contribué à ramasser les déchets abandonnés par d'autres dans la forêt. Elles recevront un petit cadeau au cours des prochains jours.

Le ministère de l'Intérieur a envoyé son avis concernant le nouveau PAG. Le conseil communal dispose de 90 jours à partir du 29 mars pour approuver le plan. La Ville de Differdange va analyser l'avis de l'Administration de l'environnement et toutes les réclamations de particuliers. Le cas échéant, elle procédera à des adaptations.

Laura Pregno propose de tenir une séance de travail non publique le 2 juin aux heures habituelles. La séance au cours de laquelle le PAG sera approuvé aura lieu exceptionnellement le mardi 29 juin en fin d'après-midi.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise que la séance aura lieu à 17 h.

PAULO AGUIAR (DP) annonce que les cours de sport pour adultes commenceront la deuxième semaine du mois de septembre et dureront jusqu'au mois de décembre. Il s'agit de 15 cours pour 50 €.

La session suivante est prévue du mois de janvier au mois de mai.

En novembre 2020, la commune a dû diviser les cours en deux groupes et fin novembre, le gouvernement a mis en place une fermeture administrative de trois se-

de Leit, déi u Corona gestuerwe sinn am ganze Land an och op der ganzer Welt, fir dann deenen ze gedenken. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Dammen a léif Hären, ech géif als Éischt gären ee grouse Merci ausschwätzen un déi ongeféier 400 Participante vun eiser Bëschbotzaktioun. Coronabedéngt konnte mer déi net lafe loosse wéi soss aner Joren, mat Iessen a Rassemblementer um Thillebergr. Mir haten eis fir eng coronagerecht Versioun entscheet, wou Gruppen, privat Veräiner, Klassen, Maison-relais-Gruppe sech konnten umellen a vun eis d'Tute kruten, fir den Dreck anzesammelen.

D'Leit konnten dann zu hirem gewëschte Moment an op hirer gewëschter Plaz den Dreck asammele goen an eis herno Bescheed soen, wou se d'Tuten hannerlooss hunn. Eis Leit vun der Voirie sinn déi dann dohi recuperéiere gaangen. Wierklech eng super Aktioun, dass esou vill Leit matgemaach hunn an an hirer Fräizäit den Dreck vun anere Leit oprafe gaange sinn. An deenen nächsten Deeg wäert och nach vu Säite vun der Gemeng ee kleng Mercier un déi Leit ausgedeelt ginn.

Eng zweet Informatioun, déi ech gär géif mat op de Wee ginn, do geet et ëm de PAG an eis Prozedur. Wéi Der alleguerte wësst, ass den Avis vum Ministère de l'Intérieur betreffend eise PAG zeréckkomm. Mir hunn elo 90 Deeg Zäit, ier eise PAG muss am Gemengerot votéiert ginn. Also 90 Deeg Zäit vum 29. Mäerz un.

Zesumme mam Avis vum Environnement ginn all d'Reklamatiounen vu private Leit, gëtt alles am Detail gekuckt. A wann et muss sinn, ginn natierlech och Upassungen gemaach. Intern gëtt dat an der Gemeng gemaach. Mir schloen Iech, wann dat alles gemaach

ass, eng Aarbechtssitzung vir. Déi wäert mëttwochs den 2. Juni, moies, zu normalen Zäiten, wou sech de Gemengerot ëmmer trëfft. Dat ass dann awer eng netëffentlech Sitzung.

An da géife mer eng Sitzung plangen den 29. Juni, dat ass exzeptionell op engem Dëschdeg. Dat ass dee virleschten Dag, soudass mer nach am Delai sinn. Do wäert dann déi ëffentlech Sitzung vum Gemengerot am spéiden Nomëtten. Ech kucken eng Kéier no riets, ob mer schonn eng Zäit festgehalen hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Fënnf.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Um fënnf Auer.

Dat wäert et vu menger Säit. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Pregno. Här Aguiar, wannechgelift.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, madame la bourgmestre. Mesdames et messieurs, il s'agit des cours de sports pour adultes. Nos cours commencent la deuxième semaine du mois de septembre jusqu'au mois de décembre. Ce sont 15 cours pour le prix de 50 €. Une deuxième session est toujours prévue du mois de janvier jusqu'au mois de mai. Également 15 cours pour le même prix.

Début novembre 2020, les restrictions nous ont obligés à diviser nos sports en deux groupes A et B afin de respecter ces règles. Fin novembre, une fermeture administrative de trois semaines a été décidée par le gouvernement.

En date du 23 novembre, nous avons proposé à nos participants de basculer vers la visioconférence afin que les gens puissent continuer à faire du sport. Six cours avaient déjà eu lieu jusque-là.

4a. Support financier aux commerces

Donc, il nous fallait assurer encore neuf cours. Les personnes qui ne voulaient plus participer étaient indemnisées d'un forfait de trente euros. Ces cours sont venus à échéance au début des vacances de Pâques 2021.

Comme la tenue d'un 2e semestre nous était impossible pour les 17 cours différents, nous avons dû procéder à une augmentation de notre budget afin de pouvoir offrir à nos membres 5 séances supplémentaires dans les cours en présentiel et 10 séances dans les cours par visioconférence. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, ech weess, dass et net üblech ass, eppes ze kommentéieren, wann de Schäfferot Kommunikatioun mécht. Ech wëll dat och guer net maachen. Ech wëll just eng Informatioun ginn: Dir hutt eis hei geschwat, dass d'Gemeng Déifferdeng, an Dir als Buergermeeschtesch, sech engagéieren am Kampf géint d'Atomwaffen. Domat ass bestëmmt all Mënsch hei am Sall absolutt d'accord. Wat eng gutt Initiativ ass. Ech wëll awer an deem Zesammenhang och d'Informatioun ginn, dass d'Regierung, wou déi gréng dra sinn, wou d'LSAP dran ass a wou d'DP dran ass, sech kategoresch weigert, den UNO-Vertrag iwwert de Verbuet vun den Atomwaffen ze ënnerschreiwen an ze ratifizéieren! Ech mengen, et ass wichteg, dass de Gemengerot, an och d'Leit zu Déifferdeng, dat awer wëssen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Wéi ofgestëmmt, géif ech d'Wuert direkt un eisen Ekonomist, den Här Felten, ginn. Hie soll eis dat erklären. Merci Max.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL):

Schéine gudde Moien. Ech géif kuerz iwwert de Punkt goe vun den Aides de commerce. Wéi Der alleguer wësst, spillt niewent där extremer sanitärer Kris och den ekonomeschen Deel eng grouss Roll. Net méi spéit wéi geschter hat den Här Gramegna eis gesot, dass d'Situatioun besser ass wéi 2020 gegaart. An trotzdeem ass et extreem schlecht.

Et ass déi schlechteste Situatioun zënter dem Zweete Weltkrich. An dat huet natierlech och deementspreechend Impakter op eise Commerce. Och hei zu Déifferdeng. Dofir hate mer schonn deemools am Budget en Artikel virgesinn, dee sollt Mesuren erméiglechen, fir eise Commerce ze hëllefen. Do stoungen 250.000 Euro dran. A mir hunn eis elo einfach eppes hei zesummegesat, fir dass mer eise Commerce sou equitabel wéi méiglech kënnen entgéintkommen.

Et ass genau dat, wat ech Iech ganz gäre géif weisen: Dir hutt et an Ärem Dossier. Dat ass wierklech dee selwechten Deel. Ech erläutere just, wat do hannendrustéicht. Déi éischt Etapp, déi mer wëlle maachen, ass déi direkt Finanzhëllef. Dat ass näischt Aussergewöhnlech. Dat huet virun eis schonn d'Stad Lëtzebuerg gemaach. Dat huet och d'Stad Esch gemaach. A mir maachen et och.

Mir hu vill Commerçanten hei zu Déifferdeng, wou mer mierken, wat mer och mam City-Management kucken, dass wierklech massiv Problemer, Liquiditéitsenkpäss opdauchen. Virun allem, wa mer kucken, dass dës Lockdown sech verlängert bis haut nach souzesoen inclus. Och wann d'Terrassen am Horeca-Bereich erëm ophunn, bedeit dat net, dass dat deene kleng Commerçante wierklech géif extreem vill hëllefen.

Déi direkt Finanzhëllef soll ee sech esou virstellen, dass mer probéieren, deene Commerçanten, déi wierklech am meeschten ënnert dëser Kris, ënnert dësem Lockdown leiden, dee beschte Push ginn, fir iwwert dës Bierg ze kommen. Et muss ee sech et esou virstellen, dass Der an enger Biergetapp sidd an Dir sidd op deem leschte Kilometer an et fänkt un, richteg wéize-

maines. C'est pourquoi le 23 novembre, la Ville de Differdange a proposé aux participants de basculer vers la visioconférence. Les personnes qui ont refusé ont été indemnisées d'un forfait de trente euros, car six cours avaient déjà été tenus.

Comme la commune n'a pas pu organiser un deuxième semestre, elle a augmenté le budget alloué aux cours pour offrir cinq séances supplémentaires en présentiel et dix séances en visioconférence.

ALI RUCKERT (KPL) n'a pas pour habitude de commenter les communications du collège échevinal. Mais il souhaite revenir sur la lutte contre les armes nucléaires. C'est une bonne initiative que tout le monde approuve. Il rappelle cependant que le gouvernement composé du LSAP, du DP et de déi gréng refuse catégoriquement de ratifier la résolution de l'ONU interdisant les armes nucléaires. Le conseil communal et les citoyens doivent le savoir.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Ruckert et cède la parole à monsieur Felten, l'économiste de la commune.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL) explique que la crise sanitaire s'accompagne d'une grave crise économique. Hier, monsieur Gramegna a expliqué que la situation était meilleure que prévu, mais elle reste extrêmement mauvaise. Bien évidemment, elle impacte le commerce, y compris à Differdange. C'est pourquoi le collège échevinal avait prévu un article budgétaire de 250 000 €. Désormais, il s'agit d'aider les commerçants de façon équitable.

Les conseillers communaux disposent de toutes les informations dans leurs dossiers. Differdange veut procurer aux commerçants une aide financière directe comme Esch ou Luxembourg. Les commerçants differdangeois ont des problèmes massifs de liquidité. Le confinement se poursuit. Et même si les terrasses ont rouvert, cela ne signifie pas que les petits commerces sont tirés d'affaire.

4a. Support financier aux commerces

L'objectif de l'aide financière est de les aider à surmonter la crise. Max Felten compare leur situation à une course cycliste en montagne où il ne manque qu'un kilomètre à l'arrivée. Même un petit soutien peut permettre d'arriver au bout.

Le budget prévoit 250 000 €. Il est clair que la commune ne peut pas répartir cette somme entre tous les commerces, car le montant serait trop faible pour aider qui que ce soit. En plus, un tel système ne permettrait pas de distinguer ceux ayant vraiment besoin d'aide et ceux qui souffrent moins. La commune propose aussi d'accorder la priorité aux commerces actifs dans l'histoire et la culture.

Elle a établi une clé de calcul permettant une répartition équitable. Un cadre réglementaire est aussi nécessaire.

Parmi les critères figure le fait que le commerce doit avoir son siège à Differdange. Le collège échevinal veut éviter d'aider financièrement les multinationales, qui sont moins concernées par la crise.

L'entreprise doit être une PME, dont la définition est fixée par règlement grand-ducal. Elle ne peut donc pas avoir plus de cinquante employés et le chiffre d'affaires avant la COVID-19 ne peut pas dépasser dix-millions d'euros. L'objectif est d'éviter qu'une entreprise comme Auchan ne profite d'une aide de 250 000 €.

Les entreprises bénéficiant de l'aide doivent démontrer qu'elles n'ont pas recouru au travail clandestin au cours des dernières années. Elles doivent respecter les lois.

Les commerces doivent avoir versé régulièrement l'impôt commercial comme fixé par le collège échevinal. En effet, la Ville de Differdange profite de cet impôt.

L'aide financière n'est pas destinée aux entreprises en procédure de faillite, dont les actifs sont gérés à travers une ordonnance du tribunal ou qui se trouvent en cessation d'activité. Le collège échevinal n'a pas l'intention de payer des avocats ou des juges. L'aide se destine aux commerces pouvant être stabilisés. Le point 7 a été modifié légèrement par rapport à la version dont disposent les conseillers communaux. Ces modifications sont la consé-

doen. Dat ass, wou mer de Moment sinn. An déi lescht Stëtz, déi kann definitiv hëllefen, dass een iwwert de Bierg kënnt a sech dann herno erëm kann ënner dem normale Marchésgesetz weiderentwéckelen.

Fir dat Ganzt ze maachen – wéi gesot, et stinn 250.000 Euro am Budget –, ass et ganz kloer, dass een net kann einfach higoen an eng Lump Sum pro Commerçant ausbezuelen. Domat kéim een op ee Montant, dee kengem méi wierklech vill hëllef gëif. En plus gëift Der keng Differenz maache par rapport zu deem, deem am meeschte getraff gouf an dëser Pandemie, an engem Business, deem zum Beispill vun dëser Kris elo net esou betraff war. Et kënnt och dobäi, dass mer probéieren, fir den Interesse vun der Stad Déifferdeng an de Commerçanten, déi laang verbonne si mat der Geschicht an der Kultur hei zu Déifferdeng, méi entgéintzekomme wéi deenen aneren.

Dofir hu mer ee Schlëssel opgebaut, fir ze probéieren, dës 250.000 Euro sou equitabel wéi méiglech ze verdeelen. An niewent deem Schlëssel ass et och wichteg, dass Der Iech e reglementäre Kader setzt. Ee Kader, no deem mir kënnen hannendrun déi Finanzhëllef exekutéieren.

Wat hu mer festgehalten? Deen éischte Punkt ass: De Siège social vum Commerce muss hei an der Stad Déifferdeng sinn. Et geet dorëms, dass mer wëlle vermeiden, dass déi grouss Multinationellen iergendwéi probéieren, och un eng Hëllef ze kommen. Déi awer an dësem Sënn net esou virgesinn ass an och ganz oft net gerechtfäerdigt wär. Dat heescht déi éischt Konditioun war: de Siège social hei zu Déifferdeng.

Mir hunn och festgehalten, dass et sech muss ëm eng PME handeln. Eng petite, moyenne entreprise. Do hu mer eis op de Règlement grand-ducal vun 2005 baséiert. Do ass festgehalten, dass de Commerce net méi wéi 50 Employéë soll hunn an den Ëmsatz pre-covid net méi wéi 10 Milliounen Euro ausmaache soll. Ganz kloer mam Hannergedanken, dass herno net en Auchan, zum Beispill, deem Ëmsazzuelen huet, déi ganz wäit heiriwwer erausginn, probéiert, eng Hëllef vun deenen 250.000 Euro ofzezweigen. Also, et ass

wierklech den Target: kleng a mëttelgrouss Entrepreneuren.

Deen drëtte Punkt, deem och ganz wichteg ass, an deem och déi aner Gemengen ëmmer esou duerchgezunn hunn, wann déi Hëllef hei ausbezuel ginn, ass, dass d'Attestatioun virleie muss, dass et keng Schwaarzaarbecht ginn huet an deem Commerce iwwert déi lescht Joren. Dat ass fir ze vermeiden, dass mer eng Sociéitéit géifen ënnerstëtzen, déi sech net un d'Gesetz gehalen huet an deene leschte Joren.

Weider hu mer festgehalten, all déi Commercen ze honoréieren, déi reegelméisseg an deene Jore virdrun hir Gewerbesteier bezuelen hunn an zwar no dem Taux communal, wéi de Schäfferot en hei an der Stad Déifferdeng festgeluecht huet. Firwat? Ganz einfach: D'Gewerbesteier ass déi, wou mir als Gemeng jo och dovun profitéieren. Zwar net méi esou wéi virun der Finanzreform. Elo gëtt een Deel an dat grouss Dëppe verdeelt. Mee trotzdem hu mer awer heider nach ëmmer en Income vu Steieren.

Dann eppes, ech mengen, dat ass ganz logesch: Déi Sociéitéiten, déi an engem Insolvenzverfahren sinn, dat heescht, déi an enger Prozedur vun der Faillite wieren, wou hir Aktiva verwalt ginn iwwer eng Veruerdnung vum engem Geriicht, respektiv wann eng Cessation d'activité gëif virleien, och wann et bedéngt ass duerch eng Faillite, dann ass et natierlech kloer, dass mer keng Hëllef ausbezuelen. Dat huet domadder ze dinn, dass mer keng Euroe wëllen un iergendwellech Affekoten oder Riichter ginn, déi hannendrun dat Ganzt ofwéckelen, mee dass et wierklech drëm geet, fir de Commerce ze stabiliséieren an erëm richteg ze positionéieren.

Am Punkt 7, par rapport zu deem, wat Der do stoen hutt, hu mer nach eppes bäigesat an zwar dat, wat an deene leschten Diskussiounen, besonnesch och mat der ACOMM, e bëssen erauskomm ass, dass mer iwwer de Bilan 2019 an de Bilan 2020, déi mer a sech wollten huelen, fir dës Berechnungen ze maachen, nach zwee Joer no vir réckelen. Einfach aus deem Grond, well sech 2019 schonn deelweis, coronabedéngt, delayed huet, fir d'Deklaratioun vun de Steieren ze maachen.

4a. Support financier aux commerces

Fir dass mer wierklech déi Situatioun gesinn, wéi se pre-covid war, wäerte mer wa méiglech d'Bilane vun 2017, 2018, 2019, 2020 kucken. An dann – dat nenne mer e Kassensturz –, wäerte mer eis d'Ëmsazzuele vu Januar 2021 bis Enn Abrëll 2021 och ukucken, vu dass de Lockdown sech jo definitiv verlängert an d'Joer 2021 eran.

Wichtig ass och fir eis, dass mer natierlech eng Hëllef dorunner bannen, dass et sech ëm temporär Liquiditéitsenkpass handelt. Dass et Ëmsazabréch sinn, déi ganz kloer covidbedéngt sinn, lockdownbedéngt sinn, dass mer net och nach Hëlfefen un déi ausbezuelen, déi schonn avant pandémie a strukturelle Problemer waren. Déi scho vläicht souwisou dozou condemnéiert waren, dass se vläicht hätte missen hir Dieren zoumaachen. Dass mer elo net mat Euroen hannendru probéieren, déi um Liewen ze halen. Dorëms geet et net.

Et geet net dorëms, an ee Marché anze-gräifen. Et geet hei just dorëms, fir deene Commerçanten, déi wierklech temporär a Problemer komm sinn, fir hire Business ze finanzéieren, hire Business kënne weiderlafen ze loossen, trotz engem gudden Businessplang beispillsweis hannendru. Dass mer deenen hëlfefen, um Liewen ze bleiwen a weider der Stad Déifferdeng hiren Déngscht ze maachen, sou wéi dat och viru Covid war. Duerfir: temporär Liquiditéitsenkpass begrënnt duerch de Covid.

De Punkt 9, dat ass een, dee kléngt vläicht e bëssen haart, mee et ass awer eppes, wat een iergendwou och muss virgesinn, aus Erfarungen eraus. Dass wann een eis en Dossier eragëtt mat falschen Angaben, beispillsweis, dass een net an engem Registre de commerce festgehalé wier oder soss aner falsch Angaben, dass mer d'Méiglechkeet hunn, dës Hëllef, déi dës Commerçant kritt huet, dann och erëm zréckzefuerderen.

Eng Konditioun, déi mer hei drastoen hunn, dat ass, wann dat hei elo duerchgeet, da probéiere mer dat natierlech schnellstméiglech och ëmzesetzen. Sachant, dass et wierklech bei ville ganz, ganz enk gëtt. Soudass mer wierklech déi Kommunikatioun direkt uschléissend probéieren opzesetzen an erauszeginn. An dass mer de Commerçanten ee Mount Zäit ginn, fir déi

Dokumenten, déi mer brauchen, eranzeschécken.

Vläicht, fir dat awer schonn direkt ze preziséieren, wat ech oft héieren hunn, dat ass: Pass op, et gëtt ganz kleng Commerçanten. Et gëtt verschidde Societäten, fir déi dat vläicht extreem vill Opwand ass, fir déi Dokumentatiounen zesummenzekeréien oder wou et och vläicht net direkt kloer ass, wat gebraucht gëtt. Do probéiere mir natierlech esou gutt wéi méiglech verfügbar ze sinn. Dat heescht, et ass ëmmer ee bei eis, zumindest bei mir, verfügbar am Fall, wou déi Froen opkommen, dass ee ganz kloer erläutere kann, wat gebraucht gëtt, ëm wat et geet, wou een et fënnt, wou een et kann eraschécken, u wien a wéi d'Prozedur hannendru ofleeft. Dee Support ass definitiv hei inclus.

Et geet net dorëms, dass ee Commerçant soll elo higoen an dausend Euro op den Dësch tässele bei engem Comptabel, fir sech do iergendeppes zesummerechnen ze loossen oder fir Saachen zesummenzesichen. Dat ass net de Sënn vun der Saach. Well da komme mer herno op ee Punkt, wou mer eng Hëllef ausbezuelen, déi op där anerer Säit Käschte verursaacht huet. Dat ass definitiv net de Sënn vun der Saach. Duerfir, wann oppe Punkte sinn, wa Froe sinn, da sti mir natierlech och zur Verfügung, fir ganz kloer déi Kommunikatioun nach eng Kéier ze ginn, wat mer do genau brauchen, fir déi Berechnungen ze maachen.

De Punkt 11 ass de Businessplang. Wann eng Societät ee Businessplang huet, da froe mer, dass se eis deen eraschécken. Da kënne mir eng Kéier een A drop werfen, wou se am Beräich vun der Digitaliséierung sinn. Et gesäit een e bëssen d'Situatioun vun der Konkurrenz. Et gesäit een e bëssen de Product Placement vun der Societät. Dat ass interessant. Dat ass ganz oft de Fall, wann d'Societät scho méi grouss ass, wa se schonn eng bestëmmte Positioun um Marché huet.

Spréch fir all déi, déi kee Businessplang hunn – an dat hu mer och ganz kloer matkritt, dass et där zu Déifferdeng awer och genuch gëtt: Déi Hëllef hei ass net gebonnen un de Businessplang, deen erakënnt. Ech weess net, ob et vläicht heiansdo falsch verstane ginn

quence de discussions menées avec l'ACOMM. Au départ, la commune voulait demander les bilans de 2019 et 2020. Mais la déclaration d'impôt de 2019 a été repoussée à cause de la COVID-19. C'est pourquoi la commune a finalement décidé de vérifier les bilans de 2017 à 2020 ainsi que le chiffre d'affaires de janvier à avril 2021.

L'aide financière doit permettre de surmonter des problèmes de liquidités temporaires. La chute des revenus doit être liée à la pandémie et non à des problèmes structurels datant d'avant la crise. La Ville de Differdange ne veut pas intervenir sur le marché, mais soutenir les commerçants ayant des problèmes temporaires. Ces commerces doivent survivre et continuer à proposer leurs services à Differdange.

Le point 9 semble dur, mais l'expérience montre qu'il est nécessaire. Si les données transmises par le commerçant se révèlent incorrectes, la commune se réserve le droit de demander un remboursement.

Quand l'aide sera approuvée par le conseil communal, la commune essaiera de lancer la procédure aussi vite que possible. Pour certains commerçants, la situation est vraiment grave. Les informations seront communiquées directement. Ensuite, les commerçants auront un mois pour soumettre leurs documents.

Max Felten a entendu dire plusieurs fois qu'il n'est pas évident pour de tout petits commerçants de rassembler la documentation nécessaire. Mais la commune est disponible. Si quelqu'un a une question concernant les documents ou la procédure, il pourra la poser directement à Max Felten ou à son équipe. Un service de support est donc inclus. Car il ne faudrait pas que les commerçants soient forcés de dépenser mille euros chez un comptable pour remplir la demande. L'aide financière ne doit pas occasionner de frais. La commune est disposée à expliquer clairement quels éléments il faut remettre.

Le point 11 porte sur le plan d'affaires. Il permet de voir où en sont les commerces en matière de numérisation, d'évaluer la concurrence... En général, les sociétés plus

4a. Support financier aux commerces

grandes, qui sont déjà bien établies sur le marché, disposent d'un plan d'affaires. Cependant, les commerçants differdangeois n'en ont pas forcément. C'est pourquoi Max Felten précise que l'aide communale n'est pas liée à l'existence d'un plan d'affaires.

La Ville de Differdange va cependant essayer de faire comprendre l'importance d'un plan d'affaires. Celui-ci peut aider les PME à se sortir d'une crise comme celle-ci.

Max Felten répète que la commune va fournir des explications sur le plan d'affaires aux commerçants qui n'en ont pas. Mais l'existence du plan n'est pas une condition pour obtenir l'aide financière.

Lorsque la documentation aura été remise, Max Felten procédera à un «light finance audit». Il ne s'agit pas d'analyser tous les détails pendant des mois comme le ferait Ernst & Young, mais de voir si les critères sont respectés — notamment si l'entreprise était saine avant la COVID-19.

La commune a fixé six critères faciles à calculer quand on dispose des bilans: le degré de liquidité, l'endettement par rapport à l'ensemble du capital, les investissements dans le patrimoine, etc. Max Felten explique qu'il s'agit de calculs typiques dans ce genre de situations.

Un autre point concerne la rentabilité. Lorsqu'un commerçant investit un euro dans sa société, combien de bénéfices engendre-t-il? 0,10 centime par exemple serait synonyme d'un bénéfice de 10 %. Cela permet d'évaluer la performance d'une entreprise avant la crise, pendant la crise et en fin de crise.

La clé de répartition de l'aide se base sur ces éléments. Max Felten précise qu'il s'agit d'une matrice. C'est la façon classique de réaliser ce type de calculs. Le résultat repose uniquement sur des chiffres. Max Felten entrera les chiffres et le montant de l'aide à l'entreprise sera calculé grâce à la clé.

Sur les 250 000 € totaux, 150 000 € seront distribués sur la base du nombre de collaborateurs et des créations d'emploi à Differdange.

La commune vérifiera aussi combien d'employés vivent à Differdange. Ici se pose la question de la

ass, mee et ass keng Konditioun. Et geet just dorëms: Wann Der eng Entreprise sidd oder eng Societët sidd, déi kee Businessplang huet, da geet dat normal an dës Berechnunge weider. Et kann awer sinn, dass mer hannendru probéieren, där Societët matzedeele, wéi wichtig ee Businessplang ka sinn, wou ee sech kann informéiere fir een opzestellen.

Well wann Der ufänkt, an eng moyenne Entreprise eranzekommen, also an déi Taille eranzekommen, da kann ee Businessplang hëllefen, esou Krise wéi déi hei besser ofzefiedere a sech definitiv och besser dorobber ze preparéieren. Dat heescht: De Businessplang, wann en net verfügbar ass, wa keen do ass, da geet et dorëms, dass mer probéieren ze erläutere, wou Der Iech esou ee Businessplang hannendrun opstelle kënnt. Mee d'Hëllef selwer ass net konditionéiert dorobber, ob Der ee Businessplang hutt oder net.

Dat ass dee reglementäre Kader, dee mer eis gesat hu fir déi ganz Ausbezuellung vun Hëllef.

Wat maache mer elo, wa mer déi Dokumentation erakréien, wa mer déi ganz Bilanen erakréie vun de Societëten? Intern, dat ass da bei mir als Ekonomist, maache mer een, wéi et do steet: light Finanz-Audit. Mir sinn net Ernest & Young. Mir sinn net, wat ech eng Kéier fréier gemaach hunn, Investmentbanking. Mir maache keng Méint a Méint, wou mer eis hanner all Bilan knéien an do ganz déif erakucken, wou eng Societët steet.

Et geet wierklech dorëms ze kucken, awéifern déi Krittären, déi mer eis gesat hunn, agehale sinn. Et geet drëms, fir ze kucken, ob d'Societët net scho pre-covid a Problematike war, an dass mer Hëllef ausbezuelen an iergendwou dann an ee Marché intervenéieren. Et geet wierklech drëms, fir ze kucken: Ass dat hei eng covidbedéngte Situatioun, wou eng Societët e bësse mam Réck widder der Mauer steet?

Et si sechs Krittären opgelëscht. Déi si ganz einfach ze berechnen, wann een d'Bilanen huet a wann een d'Informatiounen huet, déi drastinn. Wéi ginn déi berechent? Deen éischten ass de Liquiditéitsgrad. Do gëtt gekuckt, wéi vill Liquiditéit an der Entreprise ass.

De Verscholdungsgrad, do kucke mer par rapport zum Gesamtkapital, wéi vill ass do gezunn iwwer Banken, iwwer aner Kreditgeber, a kucken, wat vun Zënse muss opbruecht ginn, fir dat ofzebezuelen. Mir kucken hannendrun, wann investéiert ginn ass, wann an de Patrimoine investéiert ginn ass, wéi vill d'Kapital dru gebonnen ass an eeben déi Liquiditéiten net méi verfügbar sinn, fir zum Beispill aner kuerzfristeg Scholde kënnen ze begläichen. Dat sinn déi typesch Rechnungen, déi ee mécht.

Niewendrun huet een dann nach déi Rentabilitéiten, déi stinn hei. Do kann ee kucken, zum Beispill, wann ee kleng Commerciant een Euro a seng Societët leet, da kucke mer: wéi vill generéiert den Euro u Beneficer? Dat heescht: Wann hien herno 0,10 Cents erauskritt, da bedeit dat, dass en 10 % Gewënn gemaach huet. Dat sinn esou kleng Saachen, wou een einfach kuckt: Wéi stoung déi Entreprise avant covid? Wéi steet se elo matzen an der Covidsituatioun? Hoffentlech méi zum Enn vun dëser Covidsituatioun. An da kënne mer deemtspriechend hannendrun ee Schlëssel opstellen, fir déi Suen ze verdeelen.

Just ganz kuerz, fir op dee Schlëssel ze kommen. Dat ass eng ganz Matrix, déi ech opgestallt hunn, déi baséiert op statistesche Berechnungen. Dat ass déi classesch Aart a Weis, wéi déi Saachen ëmmer berechent ginn, wann et zu Verdeelunge kënnt. Näischt wat een elo géif einfach esou un d'Mauer werfen. Well et sinn Zuelen, déi do hannendru stinn. Dee Schlëssel gëtt ugewannt dee Moment, wou ech déi Chifferen aus dem Bilan dragesat hunn. Da kréien ech hannendrun ee Montant eraus, den dann herno der Societët zur Verfügung steet.

Ëm wat geet et an de Schlësselen? Deen éischten, dat ass den, dee mer als wichtigsten uginnt. Vun deenen 250.000 Euro sinn der 150.000 do drop. Dee baséiert sech op d'Mataarbechter, op d'Création d'emploi, déi vun der Societët an der Stad Déifferdeng kreéiert ginn ass. Mir probéieren hannendrun och nach eng Kéier iwwer all déi Mataarbechter ze ponderéieren, déi an där Societët ugestallt sinn an déi hei an der Stad Déifferdeng hire Wunnsätz hunn.

4a. Support financier aux commerces

Ech weess, do komme mer an de Sujet Datschutz. Do komme mer an de Sujet GDPR. Do gëtt et awer d'Méiglechkeet iwwer eng Charte de confidentialité, nennt een dat, déi ee kann tëschent der Gemeng, also hei an dësem Fall der Stad Déifferdeng an deem Commerçant, mat deem mer déi Berechnung do maachen, dass se eis einfach d'Nimm weidergi vun hiren Employéen, déi hei an der Stad Déifferdeng wunnen a wou mir intern am Gescom kontrolléieren, ob se bei eis ugemellt sinn. Duerno ginn déi Informatiounen selbstverständlech geschreddert. Dat ass och dat, wat an enger Charte de confidentialité steet.

Et géif eis erlaben, an ech denken, dat wär awer wichteg, dass net nëmmen de Gesamtemploi dekretéiert ass an der Stad Déifferdeng, mee och, wann d'Méiglechkeet besteet, honoréieren, wa Leit aus der Stad Déifferdeng, besonnesch an dëse schwéieren Zäiten, een Emploi kritt hunn.

Do hannendrun, dat ass eppes, wat och deelweis an der Finanzkommissioun eng Ufro war – ech mengen, déi, déi an der Finanzkommissioun sinn, hunn dat jo matkritt –, dass mer do vläicht nach ee Schratt méi wäit ginn. Dass mer soen, mir wëllen d'Licenciementer matabannen, déi stattfonnt hunn.

Dat heescht, dass mer enger Societët, déi iwwert dat lescht Joer licenciéiert huet, ouni dass se wierklech en Abroch ze verzechnen hat duerch dës Pandemie, eng bestëmmten, ech nennen dat elo mol einfach, eng bestëmmte Bestrofung ginn. Dat heescht, si géifen an deem Sënn manner ausbezuelt kréie wéi eng Entreprise, déi net entlooss huet während dëser Period.

Do gëtt et zwou Méiglechkeeten, fir dat ze maachen. Déi éischt ass: Dir huet d'Gesamtbeschäftigung, wéi se ass, an da kuckt Der, wéi vill ass licenciéiert ginn an deenen eenzelen Entreprises? Da kritt Der een neie Rapport vun der Gesamtbeschäftigung.

Da kënnt Der entweder soit dee Montant weiderverdeele vun 150.000 Euro, dee mer virdrun haten an dat si prozentual fir déi Societëten, déi entlooss hunn, manner Suen, déi fléissen, also manner Hëllef, déi fléisst wéi déi Entreprises, déi net entlooss hunn.

Oder Dir huet deen neie Rapport Gesamtbeschäftigung an da verrechent Der dat mat deenen 150.000 Euro. Dat heescht, da verdeelt Der natierlech manner Suen, Dir verdeelt net méi déi 150.000, well manner Gesamtbeschäftigung ass. Dir verdeelt dee méi niddrige Montant, spréich Dir trefft déi, déi licenciéiert hunn nach e bësse méi. Dir honoréiert déi, déi net entlooss hunn, nach e bësse méi. An Dir kënnt déi Differenz vun deenen 150.000 Euro op den tatsächleche Montant, dee verdeelt gëtt, an e Reservefond maachen. An deem Reservefond kënnt Der méiglech nei oder weider Mesurë finanzéieren.

Dat klängt elo extreem komplizéiert. A mir wäerten och kengem Commerce dat esou virschreiwe wéi dat, wat ech elo hei soen. Dat do ass de Schlëssel, dee bleift intern, dee mir berechnen. Mee dat ass, fir dass Dir Transparenz hutt, an dass Der gesitt, wéi mer dat wëlle maachen. De Commerçant kritt schlussendlech eng Notiz, déi ganz einfach soll opgebaut sinn a wou wierklech kloer drasteet, ëm wat et geet a wat mer brauchen. Do kënnt net drastoen, wat ech elo grad gesot hunn.

Deen zweete Schlëssel, deen Der gesitt, mat 50.000 Euro, deen ass ganz einfach: Do geet et dorëms, dass mer déi Societëten, déi Commerçanten hei zu Déifferdeng bevirdelegen, wa se scho laang hei sinn. Dat heescht déi, déi scho jorelaang hei zu Déifferdeng d'Kultur, d'Jugend vun Déifferdeng matënnerstëtzt hunn an och laang mat der Geschicht verbonne sinn, dass mer do soen: Wat Der méi laang Äre Siège social hei zu Déifferdeng hutt, wat Der deementspriedend och mam Schlëssel e bësse méi erauskritt.

An dann hutt Der deen drëtten Schlëssel, deen ass gebonnen un dat, wat ech am Punkt b gesot hunn, dat heescht déi bilanztechnesch, déi finanztechnesch Verdeelung. Wou gesot gëtt, mir kucken déi Societëten, déi wierklech en Ëmsatzbroch haten duerch dës Pandemie, par rapport zu deenen, déi net esou getraff waren. Da gëtt dat gewiichtegt, also ponderéiert, un deejéinegen, dee wierklech massiv getraff ass. Dee kritt natierlech deementspriedend och méi eraus wéi eng Societët, déi net krisebédängt agebrach ass. Déi kritt da manner eraus. Dat ass baséiert op déi Schlësselen.

gestion des données privées. La commune appliquera une charte de confidentialité. Cela signifie que les entreprises communiqueront le nom de leurs employés résidant à Differdange. La commune vérifiera si ces personnes sont bien inscrites à Differdange. Ensuite, toutes ces informations seront détruites. L'objectif est de ne pas se limiter exclusivement à la création d'emplois, mais aussi d'honorer les entreprises ayant recruté des habitants de Differdange en ces temps difficiles.

La commission des finances a demandé que la commune prenne aussi les licenciements en considération. En d'autres termes, les entreprises qui ont licencié des employés sans que cela soit justifié seront «punies» en touchant moins d'argent que les autres. Le calcul peut se faire de deux façons. Soit on conserve le montant de 150 000 €, mais l'on modifie le pourcentage attribué aux entreprises en fonction des licenciements. Soit on retranche le montant des 150 000 € et l'on distribue la somme restante en ciblant les uns et en honorant les autres. La somme retranchée des 150 000 € peut par exemple être placée dans un fonds de réserve permettant le cas échéant de financer d'autres mesures.

Max Felten convient du fait que cela semble compliqué, mais de toute façon, cette clé sera uniquement utilisée en interne. Elle sert à assurer la transparence dans le calcul des primes. Les commerçants recevront, quant à eux, des informations faciles à comprendre.

Cinquante-mille euros serviront à avantager les entreprises implantées à Differdange depuis longtemps. Celles-ci sont liées à la culture et à l'histoire de la ville. C'est pourquoi elles toucheront un peu plus que les autres.

La troisième clé concerne les entreprises ayant connu une chute brutale des revenus à cause de la pandémie par opposition à d'autres entreprises moins touchées.

Lorsque tous ces éléments auront été pris en considération sur la base des dossiers remis par les entreprises, une certaine somme sera définie pour chaque entreprise. Les entreprises recevront un courrier

4a. Support financier aux commerces

leur annonçant le montant de l'aide.

En réalité, tout cela est moins complexe qu'il n'y paraît. Si les clés sont approuvées par le conseil communal, le service communication préparera un texte pour les commerçants et les entreprises differdangeoises. L'information sera diffusée sur le site internet et Facebook. L'ACOMM aidera la commune à contacter les commerçants. Le comité d'accompagnement économique contribuera aussi à informer les commerçants.

Les entreprises auront un mois pour fournir les dossiers. Chaque dossier sera exploité immédiatement. À la fin du mois, la clé va être appliquée. En effet, pour pouvoir l'utiliser, Max Felten doit d'abord prendre connaissance de tous les dossiers.

Un étudiant — par exemple en gestion — va le soutenir dans cette tâche, car il ne pourrait pas s'en occuper tout seul. L'étudiant l'aidera par exemple à classer les bilans ou à effectuer les premiers calculs. Il pourra aussi aider les commerçants si quelque chose n'est pas clair ou s'ils ont des questions concernant les documents à fournir.

La Ville de Differdange entend verser les subsides au plus tard le 15 juillet. Il s'agit de ne pas perdre du temps et permettre rapidement aux commerçants de surmonter les problèmes de liquidité. Plus le temps passe, plus le risque augmente de ne pas les surmonter. C'est ce qui explique le délai du 15 juillet.

(Interruption)

La Ville de Differdange ne veut pas se limiter à fournir une aide financière. Elle veut mettre en place une stratégie incluant les consommateurs. Que peut faire la commune pour inviter les Differdangeois à soutenir leurs commerçants? Comment rendre attractif le commerce de Differdange non seulement pour les résidents, mais aussi pour les voisins?

Ces deux étapes sont en cours d'élaboration. Le city manager participe à ces réflexions.

Max Felten vient, quant à lui, de présenter la première étape.

Wat da passéiert, wa mer dat alles opgebaut hunn, da kënn hannendrun, pro Societët, déi hiren Dossier eraginn huet, ee Montant eraus, dee mer iwwert dës Schlëssele verdeelen. A wou mer déi Notizen erausginn un déi Societëiten, wéi vill se schlussendlech wäerten erauskréie vun dësen 250.000 Euro.

Wéi gi mer vir? Ech wëll dat och awer eng Kéier kuerz erläutere, well dat klénge elo no extreem komplizéiert an extreem grouss opgezunn. Dat ass eigentlech net wierklech de Fall. Wéi gi mer vir? Wann dat heiten elo duercheet, an dat hunn ech och scho bei eis mat der Kommunikatioun gekuckt, gëtt en Text opgesat fir d'Commerçanten a fir all déi Societëiten hei aus der Stad Déifferdeng. Dee gëtt da verdeelt iwwert déi ganz klassesch Kanäl, déi mer hunn. Iwwert d'Homepage, iwwer Facebook. D'ACOMM gëtt matagebonnen, déi eis hëllef, un d'Commerçanten erunzetrieden. Och eise CAE, déi Kommissioun, wou mer probéieren, doriwwer eraus och de Commerçante kloerzemaachen, wat mer wëlles hunn.

Dann hate mer gesot, dass mer ee Mount ofwaarden, bis mer déi Dossieren erakritt hu vun all deene Societëiten, déi sech an dësem reglementare Kader dofir qualifizéieren. A wann een Dossier erakënnt, da kënn dee bei eis an d'Finanz, wou mir ufänken déi ganz Berechnungen ze maachen, déi ech Iech virginn hat am Punkt b. A wat mer da klasséieren am Folder vun där Societët. A wa mer se dann all dobannen hunn, wann dee Mount ofgelaf ass, dann applizéiere mer de Schlëssel.

Dir musst wëssen, dee Schlëssel ass elo näischt, wat een einfach esou pro Societët mécht. Mee duerfir brauch ech déi gesamt Montanten, déi erakomm sinn, déi gesamt Dokumenter, déi erakomm sinn. An dorop berechent maahe mer dann d'Verdeelung.

Virgesinn ass, dass dat Ganzt, bei mir elo, mat enger Hëllef ofleef vum engem Student iwwer déi Zäit, wou déi heite Mesure wäert oflafen. Eleng, an dat ass dat, wat ech e puermol héieren hunn, eleng kriss de dat do net hin. Eleng wär et wierklech schwierig et ze maachen. Duerfir mat engem Student aus engem Beräich vun der Gestoun, zum Beispill, deen dann an dësem Fall kéint eng

Hand matupaken. Dat geet vum Klasséiere vun all deene Bilanen, déi erakommen, bis hin zu den éischte Berechnungen vun deene Schlësselen, dass do dann eng Hëllef ass. An deen och eng Hëllef wäert sinn am Fall vu Froe bei de Commerçanten, am Fall, wou eppes net kloer ass oder ee Punkt vun deenen Dokumenter, déi gefuerdert sinn, dass do zur jidder Zäit ee verfügbar ass, dorobber ze äntweren an eng Hëllefstellung ze ginn.

Wat mer wëlles hunn, an dat ass wichtig fir d'Commerçanten, déi eng Hëllef solle kréien, dass mer eng Auszuelung maache bis allerspéitstens de 15. Juli dëst Joer. Net, dass mer dat weider verschiben. Dat hei ass jo eppes, wat mer kuerzfristeg probéieren, fir deene Liquiditéitsenkpass entgéintzewierken. A wat Der méi laang waart, wat Der méi de Risiko laaft, dass verschidde vun eise Commerçanten dat net méi wäerte packen. Mir probéieren et schnell ze maachen. An duerfir steet dann och hei als Datum, dass mer déi Auszuelung bis spéitstens de 15. Juli duerchzéien.

Hannendru gesitt Der d'Etappen zwee an dräi. Dat wëll heeschen: Mir wäerten net einfach ophalen, nodeems mer iergendwellech Euro-Montanten ausginn, mee mir probéieren dat e bësse méi strateegesch unzegoen. Andeems mer, niewent enger Finanzhëllef, och probéieren d'Säit vum Konsum, also déi Säit vum Bierger, matunzepak an ze kucken: Wéi kënne mer do eppes maachen, fir dass si eis Commerçanten deementspriedend matënnerstëtzen.

An der Etapp dräi geet et dorëms: Wéi kënne mir als Stad Déifferdeng ee Kader setzen, deen attraktiv ass fir eis Commerçanten? An deen och attraktiv ass fir d'Leit, net nëmmen déi aus der Stad Déifferdeng, mee och ronderëm, fir heihinner ze kommen an hei ze konsumméieren an deementspriedend eise Commerçanten erëm eng besser Zukunft ze erméiglechen?

Déi zwou Etappen, déi sinn nach an der Aarbecht. Do gëtt nach iwwerluecht, wat mer kënne maachen. Do ass och eise City-Management mat dran. Ech wollt Iech haut mol dës éischt Etapp, déi elo wierklech dréngend ass, erläutere hunn. Dat war d'Zil vun dëser Presentatioun. Merci.

4a. Support financier aux commerces

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Felten. Dat war elo exhaustiv. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Verrieder vum Schäffen-, a Gemengerot, léif Kollegeinnen a Kollegen, merci, Här Felten, erlaabt mer, dass ech am Numm vun der LSAP zu dësem fir eis séier wichtege Punkt vun dëser Sitzung Stellung huelen.

Ech wëll drun erënneren, dass d'LSAP scho verschidde Kéieren hei am Gemengerot op d'Noutwendegkeet vun esou enger Hëllef fir de lokale Commerce higewisen huet. Nieft enger Hëllef fir substanzuell Perten am Zesammenhang mam Covid-19 ass et och wichtig, Initiativen an d'Weeër ze leeden, fir de Geschäfte a Societäten ze hëllef bei der sougenannter Relance post-covid.

Dat Konzept, wat mer haut virleien hunn, a wat Der eis erkläert hutt, sollt d'Strategie heifir festleeën. Déi baséiert op dräi Achsen. Fir d'éischt wëlle mer mol als LSAP eis Zefriddenheet zum Ausdrock bréngen, dass mer elo endlech esou ee Konzept virleien hunn. Aner Gemengen, an Dir hutt et och gesot, hu schon esou Aiden ausbezuelt. D'Grondiddi vun dësem Projet ass, dass déi direkt Finanzhëllef vum der Stad Déifferdeng bis zum 15. Juli sollen ofgeschloss sinn.

Dee leschte Punkt d vum Dokument weist drop hin, dass am Gesamten eng Enveloppe budgétaire vun 250.000 Euro, wéi och am Budget 2021 virgesinn ass, zum Verdeelen zur Verfügung steet.

Dann zu de Krittären. Als LSAP fanne mir, dass déi ausgeschaffte Prozedur komplex a fir déi meeschten Déifferdenger Geschäftsleit onverständlech ass. Mir sinn zwar mam Prinzip averstanen, dass soll gekuckt ginn, ob eng reell Perte am Kader vum Covid-19 virläit an a wéi engem Ausmooss. Et gëtt en Algorithmus entwéckelt, wou dann no enger Formel, vun där Dir, Här Felten, warscheinlech d'Geheimnis hutt – Dir hutt eis versicht haut e puer Erklä-

rungen dozou ze ginn, dat ass eis och elo e bësse méi kloer, muss ech soen – eng Contributioun vun der Gemeng Déifferdeng festgeluecht gëtt fir all Geschäft oder Entreprise, déi an de Genoss vun esou enger Hëllef a Fro kommen.

Wa mer mat deenen ënner Punk a opgeléichte Krittären nach kënnen averstane sinn, da gëtt et ënner Punkt b ëmmer méi komplex, a mir froen eis, ob déi Déifferdenger Geschäftsleit mat Begrëffer wéi: Liquiditéitsgrad, Egekapitalquot, Anlagendeckungsgrad, Return on Equity, Return on Investment a Cashflow a sou weider eppes kënnen ufänken.

Och ee Businessplang ass deene meeschte kee Begrëff. An Dir hutt gesot, dass dat jo net elo en absolute Must ass, also eng Konditioun ass, mee dass Der wëllt hëllef, de Leit d'Wichtigkeet vun engem Businessplang bäizebréngen. Dat heescht eng gewësse Formatioun ze maachen.

Mir mengen, hei gëtt e bëssen ze vill Opwand bedriwwen. An Dir hutt et, mengen ech, selwer gesot, géintwuer dem Montant vun der Aide, déi dem eenzele Commerce oder Societët herno zousteet. Well mir hunn elo näischt virleien, dat heescht keng Rechebeispiller, wat an deem engem oder deem anere Fall hannen erauskënnt. Dir hutt dat vläicht scho gemaach, fir Iech. Wa mir dat heibannen am Gemengerot virleie gehat hätten, hätte mer eis emol kënnen eng Iddi maachen: Wat kann am Endeffekt erauskomme fir deen eenzelen, deen do betraff ass? Well dat ass elo fir eis nach ee grousst Fragezeichen.

Mir kéimen zum Verdeelungsschlüssel. Eis Meenung ass, dass mer méi en einfache Modus vläicht ... Ech weess, dee Modus do, dat ass dee perfektsten, deen et warscheinlech gëtt, wéi Dir wëllt virgoen. Deen ass am Endeffekt, vläicht och vum Betrüechter vu baussen hier, méi ontransparent, well een net richteg Abléck dra kriit. D'Krittäre sinn zwar alleguer dran, awer en ass schwéier ze duerchkucken.

Do hätt ee sech méi een einfache Punktesystem kënne virstellen, dee besser verständlech gewiescht wär. A wéi gesot, mir vermësse Fallbeispiller. Dat hat ech virdru schonn erwänt. Ech weess

ERNY MULLER (LSAP) va prendre position au nom des socialistes. Il rappelle que le LSAP a souligné l'importance d'une aide au commerce local plusieurs fois. Il ne suffit pas de mettre en place des initiatives pour compenser les pertes dues à la COVID-19. Il en faut aussi pour accompagner la relance.

Le concept qui vient d'être présenté repose sur trois axes. Erny Muller se dit content de l'existence d'un concept. D'autres communes ont déjà versé des aides. L'objectif est de verser ces aides au plus tard le 15 juillet.

La commune dispose de 250 000 € à répartir entre les commerçants.

Erny Muller trouve les critères compliqués et incompréhensibles pour la plupart des commerçants differdangeois. Bien sûr, il faut tenir compte des pertes réelles liées à la COVID-19. La Ville de Differdange a créé une formule dont monsieur Felten a probablement le secret. Il a d'ailleurs essayé de fournir toutes les explications aujourd'hui.

Les socialistes approuvent les critères mentionnés sous le point a. Le point b, en revanche, est plus complexe. Les commerçants differdangeois savent-ils ce qu'est le degré de liquidité, le « return sur equity », le « return on investment » ou le « cash flow » ?

(Interruption)

Erny Muller rappelle que pour monsieur Felten, connaître ces termes n'est pas nécessaire. Il a d'ailleurs dit qu'il expliquerait ce qu'est un plan d'affaires le cas échéant. Bref, il offrira un service de « formation ».

Erny Muller se demande si le temps investi n'est pas exagéré par rapport à l'aide que recevront finalement les commerces. Les conseillers communaux ne disposent pas d'exemples des sommes qui pourraient être versées. Cela aurait permis de savoir quels seront les résultats de tous ces calculs. Pour Erny Muller, cette question reste un grand point d'interrogation.

Le conseiller communal sait bien que la clé de calcul établie est probablement proche de la perfection. Mais de l'extérieur, elle peut sembler peu transparente. Les critères sont complets, mais difficiles à

4a. Support financier aux commerces

comprendre. Un système par points et quelques exemples auraient simplifié la chose. Erny Muller ne sait pas ce qu'en pensent ses collègues, mais pour lui, tout ceci est abstrait. Un système plus simple permettrait d'aller plus vite. Monsieur Felten a l'intention d'analyser chaque demande. Mais rassembler tous les documents prendra du temps. Ceux qui feront tout comme il faut risquent d'être retardés par ceux qui ne soumettront pas une demande complète.

Erny Muller se demande s'il n'aurait pas été plus simple de verser une part fixe aux commerces immédiatement. La part variable aurait, quant à elle, pu être calculée sur la base des critères établis.

La notion de rapidité est importante. Les gens ont besoin d'oxygène maintenant pour pouvoir redémarrer comme il faut en automne. Le délai de juillet est pertinent.

Le collège échevinal aurait aussi pu comparer ce système à celui adopté par d'autres communes. Erny Muller suppose qu'il l'a fait, mais les conseillers communaux n'ont pas ces informations. Monsieur Felten a mentionné Esch et Luxembourgville. Quels montants ces villes ont-elles versés?

Les socialistes auraient souhaité un système plus simple et plus compréhensible. Malgré tout, ils approuveront ce concept d'aide aux sociétés differdangeoises.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *félicite le collège échevinal pour l'élaboration de ce concept. Monsieur Muller a raison de dire qu'il est difficile à lire. Quand on n'est pas un économiste, il faut vraiment le lire une ligne à la fois. Mais les explications fournies au conseil communal et au CAE facilitent la compréhension.*

Les 250 000 € versés font partie des deniers publics. La commune doit veiller à limiter autant que possible les abus et atteindre les commerces qui en ont besoin. Deux-cent-cinquante-mille euros ne suffiront pas à sauver le commerce differdangeois, mais il faut viser la plus grande efficacité possible. Les explications données aujourd'hui vont dans ce sens.

net, wéi et deenen anere Kolleeginnen a Kolleegen hei am Gemengerot geet, mee mir schéngt dat Ganzt e bëssen abstrakt ze sinn, sou wéi dat eis elo virläit.

Dann hätt ee sech och kënne virstellen, méi séier virunzekommen. Well mir gesinn ee Problem. Dir musst elo wierklech all Dossier dobannen hunn, wann Der wëllt jiddweree consideréieren, ier Der kënnt ausbezuelen. An dat kéint ee Problem ginn. Well ech ka mer virstellen, fir déi Dokumenter erbäizebréngen, dass dat awer och e bëssen Zäit brauch. An da kéint dat ee Problem ginn, dass elo Leit, déi hir Aufgab maachen a sech derhannersetzen, vläicht awer benodeelegt ginn duerch anerer, déi dat dann net maachen an doduerch dee ganze Projet a Verzug geréit, dass d'Ausbezuule vum 15. Juli eventuell kéint a Fro gestallt ginn doduerch.

Duerfir hätt ee sech kënne iwwerleeën, ob een net, also ëmmer wuelverstane fir déi Societéiten an déi Geschäfte, déi iwwerhaupt a Fro kommen, ob een do net ee Montant hätt kënne am Viraus bezuelen, praktesch als Part fixe, wou ee gesot hätt, déi do kënne mer vertrieden. An dann hätte mer une part variable, Dir hutt jo och hei vu verschiddene Montante geschwat, jee no Krittären, an dann hätt ee mat deene valabele Krittären, déi méi op déi ganz Detailer vum Fonctionnement aginn, herno kéinten nobezuelen.

Bon, Dir hutt et selwer gesot, dass d'Rapiditéit elo wichteg ass. D'Leit brauchen dat elo. Si hunn Enkpäss, si hu Problemer a si brauchen elo eng Hëllef, fir duerno erëm deen néidege Sauerstoff ze hunn, fir, huele mer un, den Hierscht erëm richtig kënne lasszufieren. Deen Termin vum Juli, dee fanne mer am Fong dee richtigen.

Zum Beispill wär et och interessant gewiescht, dass mer hätte kënne vergläichen: Wat ass an anere Gemenge geschitt? Dir hutt dat och warscheinlech gekuckt. Mir hunn dat elo net direkt. Dir hutt d'Stad Lëtzebuerg, Dir hutt d'Stad Esch erwäant. Wat ass do geschitt? Wéi ass do virgaange ginn? Wat fir Montante sinn ausbezuelen ginn? Also wat fir Krittären?

Eis Konklusiounen heizou: Mir hätten eis eng gewësse Vereinfachung, besser

Verständlechkeet fir jiddweree gewënscht. D'Wichtigkeet schnellstméiglech ausbezuelen. Trotzdeem ënnerstëtze mir dëst Konzept betreffend d'finanziell Hëllef fir déi eenzel Commercen an Entreprises an der Gemeng. An d'LSAP stëmmt och dës Proposition. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt emol vun eiser Säit ee grousst Luef fir d'Ausschaffe vun dësem Konzept. Et ass net einfach ze liesen. Do ginn ech dem Här Muller Recht. Et ass ee Konzept, wat een, zemools wann ee keen Ekonomist an éischter technesch orientéiert ass, wierklech da muss Zeil fir Zeil e bësse liesen. Mee d'Erklärunge vun haut, déi mer kritt hunn, an och d'Erklärungen am CAE, hëllefen, fir dat Ganzt ze verstoen.

D'Problematik gesinn ech am Prinzip doranner, dass mer hei 250.000 Euro ëffentlech Gelder verdeelen. An do ass eng Gemeng natierlech engersäits an der Responsabilitéit, dass déi Suen esou verdeelt ginn, dass esou mann wéi méiglech, ech wëll net soe guer keen Abus, dat ass warscheinlech net machbar, mee esou mann wéi méiglech Abus ka gemaach ginn. An dass déi ëffentlech Gelder natierlech d'Zil treffen. Mir wëssen, mat 250.000 Euro rette mer sécher net dee ganze Commerce hei zu Déifferdeng. Mee mir müssen awer kucken, dass déi 250.000 Euro mat där méiglechst gréisster Effikassitéit do ukommen, wou se dann och fruchten. Dat heescht, wou se och nohalteg kënnen wierken. Duerfir fannen ech déi Erklärungen, déi hei gemaach gi sinn, eigentlech ganz gutt.

Ech hunn et elo vum Här Felten aneschtors verstane wéi den Här Muller. Fir mech ass dat heiten Dokument, wat mer elo hei virleien hunn, op kee Fall dat Dokument, wat no bausse verdeelt gëtt. Wéi den Här Felten gesot huet, gëtt jo elo aus dësem Dokument eng digeste Form gemaach, déi de

4a. Support financier aux commerces

Commerçant da kritt, wou also all déi komplizéiert Begrëffer a Verfaren, déi hei beschriwwen sinn, guer net dra sinn. Déi och, mengen ech, net relevant sinn, fir deejéinegen, deen d'Sue kritt.

Ech vergläichen et e bësse mat eise Subsidegesetz, och wa mer do vun anere Montante schwätzen. De Veräi gëtt och do opgrond vu Krittäre seng Donnéeën eran, déi d'Gemeng brauch. An dann huet d'Gemeng intern ee Schlëssel, fir de Subsid vun engem Veräin ze berechnen. An de Veräi kritt de Subsid iwwerwisen an huet och hannendrun net den Abléck, wéi déi Krittäre sinn an d'Ponderatiounen sinn an déi mathematesch Zesummenhäng. Ech mengen, dass dat an deem Fall e bessen, par analogie, esou änlech wäert geschéien. Dofir ass et mir elo net baang.

Wann ech deen Text hei liesen, ass dat fir mech kloer een internt Aarbechtsdokument. Fir de Gemengerot ass et scho wichteg, mee et ass op kee Fall dat, wat herno iwwer ëffentlech Medien an iwwert d'Zeitung wäert verdeelt ginn. Well dann, mengen ech, brauche mer eis keng Hoffnung ze maachen, da mellst kee sech. Dat ass awer vum Här Felten kloer gesot ginn, dass dat net de Fall ass.

Trotzdem, wa mer et digeste opbereeden, muss de Krittär awer effektiv sinn, dass et fir de Commerçant oder deen, deen ee kleng Betrib hei zu Déifferdeng huet, administrativ net extreem opwänneg ass. Et kann net sinn, dass deen elo deeglaang an nuechtelaang dorunner schafft. Mir hu vill kleng Commerçanten, déi extreem vill schaffen, fir hire Commerce um Rullen ze halen. Et kann also net sinn, dass mer den administrativen Opwand ze héich maachen.

An deem Kontext, an ech mengen, et ass och e bessen ugedeit gi vum Här Felten, schéngt eng Aart Helpline wichteg ze sinn. Dat heescht, dass mer en Telefon hunn, wou d'Leit sech kënnen melden, eis Commerçanten, wa se dat do liesen, fir konkret ze froen: Wéi ginn ech elo vir? Wat braucht Der? Wat hunn ech? Wat hunn ech net?

Et schéngt mer ganz wichteg ze sinn, dass mer d'Leit net eleng loossen, dass mer se mat der Hand huelen. Déi Commerçanten, déi sech wierklech mellen,

dat si jo normalerweis déi, déi wierklech Hëllef brauchen, deenen d'Waasser bis zum Hals steet, dass mer déi mat der Hand huelen an dann iwwer eng Helpline, se iwwer Telefon oder vläicht een eng Kéier laanscht geet, wierklech mat der Hand hält a sech eng hallef Stonn oder eng Stonn Zäit hält a seet: Hei dat brauche mer. Kuck mol deng Pabeieren. Dat do brauche mer. Dëst an dat brauche mer.

Dass mer se wierklech begleeten, sou dass mer och méiglechst vill Demanden erakréien. Dat schéngt mer wierklech ee wichtige Punkt ze sinn an dëser Demarche.

Dann ass ee klengen Detail dran, do hunn ech e bësse méi Bedenken. Dat ass dee Schlëssel – ech verstinn en zwar an der Saach –, wou gesot ginn ass, et gëtt gekuckt, wéi vill Leit sinn entlooss gi virun der Pandemie. Respektiv gëtt gekuckt, fir dat mat an d'Bewäertung fléissen ze loossen.

Ech verstinn d'Iwwerleeung hannendrun, et ass vläicht awer en zweeschneidegt Schwäert. Mir wëssen, et kann och an engem Betrib zu Entloossunge kommen, déi net de raison économique sinn, wou ee sech mat engem Mataarbechter oder Mataarbechterin net méi um selwechte Wee befënnt a sech dann einfach muss vun engem trennen. Et gëtt Entloossungen, wou Faute-graven eventuell geschitt sinn, wou een eng Entloossung muss maachen, déi och net de raison économique ass. An esou engem Zenario géif ech et zum Beispill dann awer net richtig fannen, wann dee Betrib dann och nach géif zousätzlech eventuell gestrooft ginn, andeem en da manner Sue géif kréien.

Op där anerer Säit mengen ech awer och aus Datschutzgrënn, dass een eis net ëmmer ka matdeelen, firwat en deen een oder deen aneren entlooss huet. Ech mengen, dass dat extreem schwierig gëtt, fir dat ze trennen. Ech verstinn d'Iwwerleeung hannendrun, mee denken, dass déi Trennung schwierig gëtt, dass mer vläicht besser hätten, dee Punkt auszeklamieren. Och wann ech d'Motivatioun hannendrun awer verstinn.

Da schéngt et eis ganz wichteg ze sinn, dass mer no där heiter Etapp, wat jo e fast shot ass, wou mer schnell reagéieren

Si Georges Liesch a bien compris, ce document ne sera pas distribué. Les commerçants recevront une version simplifiée ne comprenant pas tous ces termes compliqués. De toute façon, ils ne sont pas pertinents pour le demandeur. La Ville de Differdange procède de la même manière avec les subsides aux associations. Elle dispose d'une clé lui permettant de réaliser les calculs. L'association reçoit ensuite son subside sans connaître la façon exacte dont les calculs ont été faits. Pour Georges Liesch, le document présenté aujourd'hui est un document de travail interne. Il ne sera pas distribué aux commerçants ou aux médias. Autrement, personne ne va déposer une demande. Monsieur Felten l'a clairement expliqué. Bien entendu, fournir les documents demandés ne doit pas prendre énormément de temps. Les commerçants travaillent déjà beaucoup et ne peuvent pas passer des jours et des nuits à rassembler les documents.

Monsieur Felten a proposé de mettre en place une « helpline » où les commerçants pourront poser leurs questions. Pour Georges Liesch, il est important de ne pas laisser les demandeurs se débrouiller seuls. Les commerçants qui demanderont l'aide sont en difficulté. Il faut les prendre par la main et leur dire clairement ce dont ils ont besoin.

Une des clés de calcul inquiète Georges Liesch. Monsieur Felten a expliqué que la commune prendrait en considération combien de personnes ont été licenciées pendant la pandémie. Il s'agit d'une lame à double tranchant. Certains licenciements sont dus à des divergences entre l'entreprise et l'employé. Il y a les fautes graves. Bref, tous les licenciements ne sont pas liés à l'économie. Dans tous ces cas, Georges Liesch ne trouve pas qu'il faille pénaliser davantage encore ces entreprises.

D'un autre côté, un patron ne peut pas communiquer systématiquement pourquoi il a licencié tel ou tel employé. C'est pourquoi Georges Liesch propose de supprimer ce point.

Il est important de s'imposer un calendrier pour verser les 250 000 €.

4a. Support financier aux commerces

On a parlé du 15 juillet. Il faut que les commerçants arrivent à suivre ce rythme. Autrement, la commune risque d'aller à pleine vitesse et le peloton n'arrivera pas à suivre. On n'est pas dans une course cycliste. Il faut soutenir les commerçants activement en les motivant à déposer des demandes.

Georges Liesch propose aussi de communiquer clairement aux commerçants que cette aide n'est pas unique. Plusieurs étapes suivront. Il ne s'agit pas d'aider les commerçants à survivre les grandes vacances, mais aussi de régler d'éventuels problèmes structurels. C'est ce qu'a dit monsieur Felten, qui propose d'aider les commerçants à réaliser un plan d'affaires. Les grandes vacances pourraient être le bon moment, car la situation est calme.

Pour Georges Liesch, il semble évident qu'un boulanger, par exemple, ne comprendra pas qu'il a besoin d'un plan d'affaires alors qu'il n'en a pas eu besoin pendant trente ans. Un économiste pourra lui expliquer la plus-value d'un tel document et cela l'aidera à régler des problèmes structurels.

Cette deuxième étape va prendre plus de temps — peut-être un an —, mais elle permettra d'améliorer le niveau des commerces. Georges Liesch ne veut critiquer personne, mais il est convaincu qu'il y a du potentiel.

Parallèlement à la mise en place cette deuxième étape, il faut aussi commencer à préparer les étapes suivantes. Que peut faire la Ville de Differdange pour renforcer le commerce local? De quels outils dispose-t-elle? Georges Liesch mentionne les monnaies locales. Il y en a quelque 60 en France et près de 70 en Allemagne. Au Luxembourg, il y a le beki. Un tel outil pourrait-il être utile à Differdange? Peut-être existe-t-il aussi d'autres mesures à analyser à long terme pour aider les commerçants.

Georges Liesch compare la situation actuelle à un incendie. Pour éteindre un incendie, les pompiers utilisent de l'eau et tout leur équipement. Une fois l'incendie éteint, ils continuent à surveiller le site pendant des jours ou des semaines.

ren a bis de 15. Juli déi 250.000 Euro och wëllen ausbezuelen hunn, wat ech wierklech extreem gutt fannen, an e ganz sportlechen Timing, awer net däerfe vergiessen, dass an deem sportlechen Timing eis Commerçanten an eis Betriber musse matkommen. Dat ass fir mech wichteg. Net dass mir hei mat Vollgas pedalléieren, fir beim Vëlosverglach ze bleiwen, an de Peloton hannendru kënnt net no. Dat ass am Vëlossport vläicht gutt. Mee hei wär et net gutt.

An dofir mengen ech, dass et wichteg ass, d'Commerçanten hei wierklech aktiv ze begleeten an net reaktiv ze waarden, dass se sech melle mat engem Dossier. Dass mer hei wierklech proaktiv musse virgoen, also demarchéieren an hëllefen a motivéieren, dat heiten ze maachen.

Et schéngt mer och ganz wichteg ze sinn, dass mer no dëser Ausbezuelung, déi mer maachen, de Commerçanten awer och direkt elo scho soen, dass dat heiten net en eenzelen One-Shot ass. Dass mer duerno eng zweet Etapp oder weider Etappen hannendru schéissen. Net, dass mer de Leit elo soen: Dir kritt elo eng gewëssen Zomm X an domadder rett Der Iech elo iwwert d'Summervakanz oder och nach vläicht bis Enn dëses Joers, an et gesäit een awer eventuell, dass strukturell Problemer do sinn, déi duerch de Covid iwwerspëtzt erauskomm sinn, wou de Business, sou wéi en do ass, strukturell deen een oder deen anere Problem huet.

An ech mengen, den Här Felten huet ugedeit, dass et wichteg wär, an enger zweeter Etapp de Commerçanten – et kënnt ee jo elo a Kontakt mat hinnen an dëser Phas – duerno ze soen: Kommt nach eng Kéier erëm, wa mer dat heite bis fäerdeg hunn, huele mer eis e bëssen Zäit, iwwert d'Summervakanz vläicht, wou vläicht viles e bësse méi lues dréit, an do hëlt ee sech dann Zäit, fir de Commerçanten ze erklären, wéi zum Beispill ee Businessplang oder aner Mesuren engem Commerçant kann hëllefen.

Ech mengen, dass et net direkt aliichtend ass, wann, ech huelen als Beispill ee Bäcker, mee dat kann och een anere sinn – firwat soll ee Bäcker, dee schonn 30 Joer schafft, agesinn, dass hien elo ee Businessplang brauch. Dat ass

vläicht aus fachleche Grënn, wou een Ekonomist kann awer soen, do gëtt et awer eng Plus-value, wann s de déi Aarbecht méchs. An ech kann der och hëllefen a weisen, wéi een esou ee Businessplang opstellt. An dat hëlleft engem vläicht aus strukturelle Problemer eraus, déi e soss net géif gesinn.

Dat ass eng grouss Hëllef, déi als zweet Etapp muss hannendru kommen. Déi och méi laang dauert. Wou een och seet, do gi mer eis ee Joer Zäit, fir eis Commerçanten an eis Geschäfte zu Déifferdeng op een anere Level ze bréngen mat enger Hëllef. Ouni elo de Reproche ze maachen, dass se net op engem gudde Level wäeren. Mee d'Verbesse- rung no uewen, mengen ech, ass awer bestëmmt bei verschiddene machbar. An dat géif deenen op jidde Fall hëllefen.

Ech géif souguer esou wäit goen, dass mer nach duerno, oder parallel zu där zweeter Etapp, eigentlech och missten – dat muss een elo natierlech nach net no bausse kommunizéieren, ech mengen, dass dat d'Commerçanten net direkt interesséiert, mee dat sollt eis heibanne vläicht interesséieren, an och am CAE, dass een awer nach de Bléck iwwert d'nächst Joer ewech mécht an Etappen hannendru gesäit. Wou ee seet: Wat kënne mer eigentlech nach hei zu Déifferdeng maachen, fir eise lokale Commerce, dee mer hunn, nach weider ze stäerken? Wat fir eng Outilen hu mer? Sinn, zum Beispill, Outile wéi eng lokal Währung, déi et jo a Frankräich an an Däitschland zu ganz ville gëtt – ech mengen a Frankräich gëtt et eng 60 lokal Wärunge, an Däitschland gëtt et der bal 70, hei zu Lëtzebuerg hu mer eng, dat ass de Beki. Mee ass dat interessant eventuell fir Déifferdeng? Ass et net interessant?

Et gëtt och vläicht nach aner Hiewelen, déi een à long terme kéint analyséieren an och zesumme mat de Geschäftsleit, wa se bis prett sinn, dat diskutéieren. Well fir si ass dat och Neiland an och eppes, wou se jo dann zousätzlech Hëllef brauchen, fir dat ëmzesetzen.

Ech mengen, dass dat heiten de Start ass vun enger Campagne, wou mer ufänken e bësse wéi bei engem Brand, wou elo d'Pompjeesekipp op der Plaz ass a probéiert, mat massive Geräter a Waasser an esou weider d'Feier ze läs-

4a. Support financier aux commerces

chen. Mee duerno ass fir de Pompjee de Brand nach net geläsch. Dee geet nach deeglaang a wochelaang duerno kucken, wéi et ausgesäit.

Déi Prozedur géif ech och hei gesinn, dass mer eis déi Zäit huelen, fir nach eng Etapp 2, eng Etapp 2bis hannendrun ze schéissen, fir eis Commerçanten op een neie Level ze bréngen. An awer och insgesamt, fir hei zu Déifferdeng ze kucken: Wéi kënne mer eis Commercen anescht ersalten? Wat fir eng nei Weeër kënne mer goen? Wéi differenziéiere mer eis, par rapport, zu anere Gemengen? Obwuel ech do d'Konkurrenz net zu anere Gemenge wëll direkt gesinn, mee d'Konkurrenz läit éischter am E-Business.

Wéi kréie mer den E-Business hei an Déifferdeng, dass mer déi Angschtschwell iwuerwannen, déi eis Commerçanten am Moment awer hunn, well se net aschätze kënnen, wéi vill Aarbecht ass dat, fir E-Business mat mengem Commerce ze verbannen. Wann ech nach eng Kéier beim Bäcker bleiwen, dann ass dat net direkt ersichtlech fir ee Bäcker fir ze soen: Wat bréngt dat mir elo, wann ech um Internet sinn? An awer mengen ech gött et do vill Saachen, déi een nach kéint maachen.

Resuméiert fanne mer op jidde Fall dëst Dokument ganz detailléiert. Et erlaabt do duerchzegoen an en Iwwerbléck ze kréien, dass ee seet, an dësem Pabeier ass probéiert ginn, all Abus auszeklamieren, deen een am Fong esou ka fannen, déi Stolpersteng. Et ass an dësem Pabeier probéiert ginn, eng equitable Prozedur opzebauen, wéi een déi Sue verdeelt. Dass se effizient do ukommen, wou se och am meeschten hëllefen.

Gutt, d'Praxis muss dat herno gesinn. Natierlech wäert deen een oder deen aneren Dossier e bëssen nieft der Plack sinn. Mee dat ass normal. Dat muss mer a Kaf huelen. Dat ass awer kee Grond, dës Prozedur net ze maachen. An dat ass och guer kee Grond, deene ville Commercen, déi et direkt brauchen, net ze hëllefen. Mir wäerten op jidde Fall dëst Dokument stëmmen. Mir freeën eis op déi nächst Etappen, wou mer vläicht am Hierscht schonn eppes virleien hunn, wou mer vläicht e

bësse méi wäit kënne kucken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och fir d'Presentatioun. Méi weesentlech Hëllef goufe jo schonn e puermol hei ugeschwat a gefuerdert. Mir mussen sécherlech alles drusetzen, fir ze vermeiden, nach méi Geschäfte, Betriber a sou weider ze verléieren. Et sinn der leider schonn eng Partie, déi et getraff huet. Dofir léiwer spéit wéi ni.

D'Bürokratie minimaliséieren, d'Demarchen duerch Manpower ënnerstëtzen, d'Kommunikatioun esou einfach wéi méiglech halen. Dat kléngt alles gutt. Dat hei kann een awer leider net vun, beispillsweis der Stad Lëtzebuerg, einfach op Déifferdeng projezéieren. Virun allem eis kleng Geschäfte an Entreprisë wäeren bei dësem gefroten Opwand komplett iwuerfuerdert a géifen dat net hikréien. Dat géif laanscht vill Déifferdenger Geschäfte a Betriber goen. Och wann et a fënnef, sechs Sproochen wär a ganz ouni Fachausdréck.

Dat wäeren dann och nach haaptsächlech déi, déi aktuell am schlémmste gefärdet sinn, et net ze packen, a grad elo op all Hëllef ugewise sinn. Dofir mussen mer, et gouf schonn e puermol erwänt, d'Bürokratie op ee Minimum reduzéieren. An, sou wéi ech och an der Finanzkommissioun gesot hunn, mussen mer op den Terrain bei d'Leit goen a Kontakt ophuelen a konkret eng Hand bei hinnen upaken. Nëmme esou erreeche mer grad déi a kriddelegste Fäll, soss falen déi duerch de Raster.

Mir hätten eis gewënscht, de Budget wär nach e bësse méi substanzuell gewiescht. Nichtsdestotrotz stëmme mer déi Propositionen hei mat. An hoffen, wéi et och schonn ugeklungen ass, dass een d'Situatioun am A behält an et net just bei dëser Hëllef bleift. Sief et finan-

Dans le cas des commerces différenciés, plusieurs étapes seront nécessaires pour les amener à un niveau supérieur. Comment Differdange peut-elle présenter ses commerces différemment? Comment peut-elle se distinguer des autres communes? Mais pour Georges Liesch, le véritable concurrent est le commerce en ligne. Comment peut-on convaincre les commerçants à s'y lancer? Combien de travail cela représente-t-il? Pour en revenir au boulanger, il est probable qu'il ne verra pas la plus-value d'avoir un magasin en ligne. Et pourtant, il y a des choses à faire.

Georges Liesch trouve que le document présenté permettra d'éviter les abus et de répartir l'argent de manière équitable. Bien entendu, certains demandeurs remettront des dossiers incomplets. Mais c'est normal. Ce n'est pas une raison pour ne pas aider les commerçants qui en ont besoin.

Les écologistes approuveront le document et attendent avec impatience les étapes suivantes — peut-être dès l'automne.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle qu'il a souvent été question d'aider les commerces et les entreprises. Differdange doit éviter de perdre d'autres magasins. Mieux vaut tard que jamais.

Minimiser la bureaucratie, soutenir les démarches et simplifier la communication sont de bonnes choses. François Meisch insiste sur le fait que l'on ne peut pas appliquer le système de Luxembourg-ville à Differdange. Les petits négoces ne s'en sortiraient pas même si on préparait une communication en plusieurs langues et sans termes techniques. C'est pourquoi il est nécessaire de réduire la bureaucratie au minimum. La commission des finances a par ailleurs demandé que l'on se rende sur le terrain pour aider concrètement les commerçants. C'est la seule façon d'atteindre autant de gens que possible.

4a. Support financier aux commerces

Les démocrates auraient préféré une aide plus substantielle. Mais ils approuveront la proposition présentée. François Meisch espère que le collège échevinal ne se limitera pas à ce subside.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie tous ceux ayant participé à l'élaboration de ce document.

La pandémie a provoqué beaucoup de souffrances — notamment dans le commerce. Aussi bien le secteur de l'Horeca que les autres magasins ont perdu de l'argent. De nombreux commerçants risquent de perdre les investissements d'une vie. C'est pourquoi la commune doit les aider parallèlement à ce que fait déjà l'État. Il faut privilégier les commerces ayant une tradition différenciée sans oublier les autres.

L'enveloppe de 250 000 € constitue la première étape du soutien. La somme sera distribuée selon des critères prédéfinis. Ces critères ont été élaborés en partenariat avec l'ACOMM et le comité d'activité économique.

Pour le CSV, la somme doit être répartie équitablement. Le document présenté aujourd'hui est un guide interne garantissant la transparence. Il vise à soutenir les PME et privilégie les commerces ayant tout fait pour préserver les emplois pendant la pandémie.

Les commerces ayant subi des pertes importantes recevront plus d'argent, mais ils ne peuvent pas être en procédure de faillite.

L'aide est destinée uniquement aux commerces ayant leur siège à Differdange. En tout, il y en a 300, mais le CAE estime que 50 à 100 commerces déposeront une demande.

Il est important que l'argent soit versé rapidement. Jerry Hartung se dit content que la date du 15 juillet ait été retenue. C'est court quand on pense que la communication ne commencera que maintenant, que les commerces devront envoyer de nombreux documents et que la commune doit attendre l'accord de l'État.

La commune voulait éviter les obstacles administratifs. Mais elle doit s'assurer malgré tout que les aides sont justifiées. La devise est que les

zieller, materieller oder intellektueller Natur. Mir stëmmen dat mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieeder vun der Déifferdenger CSV wëlle mir all deene Merci soen, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn.

Ënner der Pandemie huet jidderee vill gelidden. Vun eiser Geschäftswelt ass vill ofverlaangt ginn. Et denkt een un éischter Linn un den Horeca-Sektor, awer och un aner Commercen, wou dës soi-disant Stëllstand direkt oder indirekt Facteur mat sech bruecht huet, wat insgesamt zu staarken Abosse gefouert huet. Vill Commercë risquéieren, hire ganze Liewensinvest ze verléieren. Dofir ass et wichteg, datt mir, nieft de schonns vum Staat decidéierten Hëllef, och als Gemeng Saache virgesinn, fir eise lokale Betriber ënner d'Äerm ze gräifen. Insbesonnesch eise Commercen, déi schon eng laang Traditioun hei an der Gemeng hunn, awer natierlech och deenen aneren.

Haut stëmmen mer iwwer eng Gesamt-enveloppe vu ronn 250.000 Euro of, fir dës éischt Etapp, wou elo eng direkt finanziell Hëllef virgesinn ass. Mir begrëssen déi sënnvoll Krittären, wéi dës Zomm spéider soll verdeelt ginn. Krittären, déi an Zesummenaarbecht mat eise Geschäftsverband an der Commission d'activité économique erstallt goufen.

Fir eis als CSV ass et wichteg, datt d'Suen esou verdeelt ginn, datt et equitabel ass. Wéi schonns erkläert ass dëst Dokument, besonnesch d'Punkte b an c, eng intern Richtlinn fir transparent ze sinn an eng Hëllef ze ginn, wou d'Nohaltekeet priméiert an d'Bürokratie soll kleng gehale ginn.

Dës Modell ass an der Haaptsaach op déi kleng a mëttel Betriber zougeschnidde ginn. D'Mataarbechterzuel spillt eng Roll. Woubäi och gekuckt

gëtt, déi Commercen zousätzlech ze belounen, déi, am Rahme vum Méiglechen, an hirem Commerce alles versicht hunn, fir hiert Personal an der Pandemie ze halen. Dëst huet jo och, gegebenefalls, zu zousätzleche Käschten fir si gefouert.

Et ass ee Verdeelungsschlëssel virgesinn, datt ee Betrib, dee méi Perte huet och méi Hëllef kritt. An de Commerce dierf net an der Faillite sinn, wéi den Här Felten schonn erkläert huet, well soss géifen d'Sue vun der Hëllef an Affekotekäschten oder bei d'Creanciere fléissen, net awer an d'Zukunft vun eisen Déifferdenger Geschäften.

Kloer ass zudeem, datt d'Hëllef just fir e Betrib ka gëllen, deen hei an der Gemeng säi Sëtz huet. Ech mengen, dat ass jo evident. Insgesamt hu mer ronn 300 Commercen op eise Territoire. Am CAE gouf geschätzt, datt ronn eng 50 bis 100 Demandé wäerte gestallt ginn. Mee dat wäert d'Zukunft da weisen.

Wat och schonn oft gesot gouf a wat immens wichteg ass, dat ass, dass d'Hëllef séier ausbezuelte gëtt, well et besteet eng grouss Urgence. Dofir si mer frou, datt de Stéchdatum fir de Versament vun der Hëllef fir de 15. Juli spéitstens virgesinn ass. Dat ass zwar e bësse sportlech, wann ee bedenkt, datt d'Kommunikatioun elo start an d'Commercen nach alles mussen eraarechen a mir als Gemeng den Accord vum Ministère fir d'Ausbezielung mussen ofwaarden.

Déi administrativ Hürd ass ëmmer erëm ugeschwat ginn, wat besonnesch bei de staatlechen Hëllef de Fall war. Natierlech muss een als Gemeng kucken, datt déi Hëllef, déi ausbezuelte ginn, gerechtfäerdigt sinn an och a wéi enger Héicht. Duerfir mussen natierlech verschidde Saache gefrot ginn. Awer déi generell Devis ass, datt si solle mat eise Leit op der Gemeng, eise Ekonomist oder eise City-Manager, Kontakt ophuelen a mat hinne kucken, fir et beschtméiglech auszufüllen. An natierlech ass et och ganz wichteg, datt keng zousätzlech Käschten dierfen ufaalen.

Et ass eng éischt Hëllef, eng Direkthëllef, well et presséiert. Awer doriwwer eraus soll gekuckt ginn, wat jo och hei virgesinn ass, wéi op länger Siicht d'A-

4a. Support financier aux commerces

kafen zu Déifferdeng weider promouvéiert ka ginn, datt d'Geschäftsliewen nees ugekuerbelt gëtt.

Dës direkt finanziell Hëllef stëmme mir als Déifferdenger CSV natierlech mat a wënschen ons an eise Commerçanten, datt mer nees séier zréck an d'Normalitéit kommen a si dës schwéier Period iwwerstinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen, gudde Moien. Fir unzufäken, wéi och meng Virriedner dat scho gesot hunn, ass et natierlech absolutt ze begrëissen, dass mer als ëffentlech Hand, als Gemeng Suen an de Grapp huelen, fir d'Commercen ze ënnerstëtzen, déi ënner der Pandemie Ëmsazréckgäng haten. Dat ass eng ganz gutt Initiativ. Vun dëser Plaz ee Merci un den Här Felten an u jiddwereen, deen un dësem Dokument matgeschafft huet. Et war sécherlech net einfach, equitabel Krittären auszeschaffen an esou auszeleeën, dass déi Sue gerecht verdeelt ginn a wierklech bei deenen Entrepreneuren ukommen, déi et am meeschte brauchen.

Op där anerer Säit, à la première lecture, ass een e bëssen erschloen, wann een dat Dokument déi éischte Kéier liest. Duerch d'Erklärungen elo vum Här Felten ass dat schonn e bësse méi kloer. Mee ech hunn awer nach e puer Remarque respektiv Verständnisfroen.

Dat Éischt wär emol, dat hat den Här Liesch elo gesot, mat den Entloossungen. Ech ginn him do Recht, dass och Entloossungen duerch Fautes graves oder duerch aner Grënn gemaach goufe bei Entrepreneuren. Ech mengen, do gräife mer ze vill an d'Privatsphär vun den Entrepreneuren an, fir dat als Krittär ze berécksiichtegen, fir d'Hëllef auszebezuelen. Dat heescht, do géif ech dem Här Liesch zoustëmmen, fir dat ewechzeloossen.

De Punkt uewendriwwer, beim c.1, fanne ech et net ganz glécklech, dass mer insistéieren, dass d'Employéen um Territoire vun der Gemeng wunnen. Och d'Wunnen zu Déifferdeng ass net geschenkt a gëtt ëmmer méi deier. Wéi iwerall am Land.

Do gräife mer ze vill an d'Entrepreneuren an, wa mer indirekt insistéieren, dass d'Leit um Territoire vun der Gemeng musse wunnen. Ech wär och frou, wa mer deen Detail kéinten ewechloossen. Ech mengen, et geet dier, wa mer soen, et sinn Aarbechtsplazen um Territoire vun der Gemeng geschaf ginn. Mee fir ze soen, mir bannen d'Ausbezuale vun den Hëllefendrun, dass d'Leit och um Territoire wunnen – ech huelen un, dass d'Leit gäre wëilten um Territoire wunnen, mee sech dat net leeschte kënnen. Dat heescht, do wär ech frou, wann dat géif reconsideréiert ginn.

Ze begrëissen ass, Dir hutt et gesot, Här Felten, dass Dir, mat Ärer Ekip, de Commerçanten Hëllefstellung ubitt. Den Här Liesch hat geschwat vun enger Hotline. Dat ass mengen ech geplangt, respektiv Dir versicht, esou gutt wéi Dir kënnt, am Kader vun Äre Ressourcen, de Betriber Hëllefstellung ze ginn. Et ass och absolutt ze begrëissen, fir op d'House of Entrepreneurship ze verweisen, wou se Hëllef kréien, fir e Businessplang ze erstellen. Dat ass en interessanten Exercice fir déi eng oder déi aner Entreprise. Dat ass absolutt ze begrëissen.

Mee en Revanche, stellen ech mer d'Fro: Wann et elo vläicht net kloer ass, wann et vläicht eng Pattsituatioun gëtt fir deen een oder deen anere Betriber, wann et duerno an den Detail geet, wéi gëtt dann déi final Decisioun geholl, wien ee Su kritt oder net? Ech mengen, do komme vläicht net esou ganz kloer Situatiounen eraus. Dat ass éischter eng Verständnisfro: Wien hält déi final Decisioun? Wéi leeft dee Prozess of? Dat géif ech gäre wëssen.

An och wéi strikt mer si mat all deenen Dokumenter, déi gefrot ginn. Dir hat, zum Beispill an der Etapp 1 de Punkt a7 mat de Bilanen an Ëmsazzuelen, déi fir dëst Joer och mussen da scho virgeluecht ginn, souwäit se do sinn. An Dir hat och gesot, Här Felten, d'lescht Joer goufen zum Beispill d'Delaie fir d'Bilanen eranzeginn a fir Assemblées

commerçants doivent entrer en contact avec l'économiste et le city manager pour remplir le formulaire du mieux possible.

Aujourd'hui, il est question d'une aide financière directe pour faire face à l'urgence. Ensuite, il faudra voir comment promouvoir le commerce differdangeois à long terme. Les chrétiens sociaux approuveront l'aide financière et souhaitent aux commerçants de retrouver la normalité rapidement.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) salue le fait que la commune veuille soutenir financièrement les commerces ayant connu des pertes pendant la pandémie. Il remercie monsieur Felten et tous ceux qui ont élaboré le document. Il n'était pas évident de préparer des critères permettant de répartir l'aide de manière équitable.

À la première lecture, le document n'est pas digeste. Mais la présentation de monsieur Felten a clarifié les choses. Il reste cependant quelques questions à Eric Weirich.

Comme monsieur Liesch, il trouve qu'établir les licenciements comme critère constitue une intrusion dans la sphère privée de l'entreprise. Il faudrait supprimer ce critère.

Que les employés doivent habiter à Differdange est aussi un critère un peu malheureux. Vivre à Differdange n'est pas donné. Il suffit de s'assurer que des emplois ont été créés à Differdange. Car Eric Weirich suppose que les employés voudraient bien vivre à Differdange, mais ne le peuvent pas. Il faudrait reconsidérer cet argument.

Eric Weirich se réjouit que monsieur Felten offre un service de soutien. Il faudra expliquer aux commerçants que le House of Entrepreneurship peut les aider à réaliser un plan d'affaires.

Qu'arrivera-t-il si certaines décisions ne sont pas claires? Qui prendra la décision concernant les versements? Comment le processus va-t-il se dérouler concrètement? À quel point la Ville de Differdange va-t-elle être stricte concernant les documents demandés? Monsieur Felten a notamment expliqué que les demandeurs devraient remettre les bilans et les chiffres d'affaires — y compris ceux de cette année s'ils

4a. Support financier aux commerces

sont disponibles. Or les délais pour déposer les bilans et pour tenir les assemblées générales ont été reportés l'année dernière. La commune compte-t-elle vraiment demander le bilan de 2020? Toutes les entreprises ne l'ont pas encore réalisé.

Eric Weirich se dit curieux de voir comment se présentera la communication de la commune, car le document est technique. Il souhaite beaucoup de chance au service de la communication.

Pour Erich Weirich, il faut par ailleurs éviter de reproduire ce qu'a fait la Ville de Differdange lorsqu'elle a voulu soutenir les commerçants pendant le chantier du tram. Déposer une demande était comme la mer à boire. De nombreux commerçants s'étaient plaints du temps qu'il avait fallu investir. La Ville de Differdange devra essayer de mettre en place une procédure aussi simple que possible.

Monsieur Liesch a parlé des monnaies locales. Eric Weirich travaille à un projet semblable à Esch. Le programme de coalition mentionne les monnaies courantes. L'idée est vraiment intéressante.

Eric Weirich approuvera le projet, mais demande à monsieur Felten de répondre à ses questions.

ALI RUCKERT (KPL) constate que l'on a dit qu'intervenir sur le marché est difficile. Mais toute aide publique constitue une intervention sur le marché qu'elle soit petite comme dans ce cas-ci ou grande comme dans le cas de l'État. Malheureusement, en général, les interventions sur le marché vont dans le sens des grands groupes et non dans le sens des petits commerçants.

Dans toutes les crises, y compris cette crise sanitaire, on retrouve des multinationales qui en profitent et de petits commerçants qui perdent tout.

Ali Ruckert espérait que le collègue échevinal parlerait de la situation concrète à Differdange. Comment est-il arrivé à la somme de 250 000 €? Est-elle arbitraire? Est-ce le maximum que le collègue échevinal veut dépenser en ce moment? La commune sait qu'une partie des magasins ont fait faillite. Il ne faut

générales ofzehalen an esou weider an esou fort verlängert, deelweis bis an de September eran. An do wollt ech och froen, wéi strikt mer do sinn, fir da wierklech och de Bilan, zum Beispill 2020, scho virleien ze hunn. Well et ass warscheinlech net all Betrib, deen zu dësem Zäitpunkt schonn ee Bilan vum leschte Joer virleien huet.

Ech sinn och gespaant op den Exercice respektiv d'Aufgab, déi op d'Kommunikatioun duerkennt. Dat gëtt immens sportlech, fir dëst relativ technesch Dokument an enger verständlecher Sprooch fir all d'Commerçanten ëmzesetzen. Ech wënschen der Kommunikatioun hei schonn op dëser Plaz vill Gléck bei deem Exercice.

An da wollt ech awer och soen: Mir müssen/solle verhënneren, dass et geet wéi an der Stad Lëtzebuerg d'lescht Joer. Do hat Luxtram, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, extra Aiden zur Verfügung gestallt, fir d'Commerçanten an der Avenue, déi impaktéiert waren duerch den Tramschantier, finanziell ze ënnerstëtze beim Réckgang vun hire Geschäftszuelen. An dat war net esou ganz glécklech ofgelaf. Dat war eng zimmlech Mer à boire. Ganz vill Commerçanten hate sech opgereegt iwwert den immens administrative Méiopwand, deen dat mat sech bruecht hat, fir duerch deen Tramschantier dann un e Su ze kommen.

Dat heescht dat ass een Challenge, dee mer eis misste ginn, an Dir hutt et och selwer gesot, dat awer trotzdeem dann esou einfach wéi méiglech ze maachen, fir ze verhënneren, dass mer, wéi et onglécklecherweis an der Stad Lëtzebuerg verlaf ass, an esou eng Situatioun kommen.

Den Här Liesch huet d'lokal Währung ernimmt. Dat freet mech immens. Ech schaffen nämlech am Kader vu menger Aarbecht zu Esch un engem änleche Projet. An do géif ech mech gär abrénge, wa mer wierklech an déi Richtung géife goen, fir esou en Thema unzeschwätzen. Mir hunn et jo och am Kollatiounsaccord stoen. An ech mengen effektiv fir d'Etappen zwéi an dräi wär dat immens interessant, déi Iddi op d'mannst sech emol unzekucken.

Ofschléissend stëmmen ech de Projet natierlech mat. Mee ech wier och frou,

wann den Här Felten nach kéint op déi zwou dräi Froen äntwerten, déi ech elo grad opgeworf hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgeeft.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass gesot ginn, et geet net drëms, an de Marché anzegräifen. Dat ass vläicht keng Absicht, mee ech wëll drun erënneren: All ëffentlech Hëllef, dat ass een Agrëff an de Marché. An dësem Fall ganz kleng. Am Fall vun der Regierung ganz grouss. Wou et leider esou ass, dass déi Agrëffer an de Marché meeschtens am Interesse vu grouss Gruppen oder Konzernger geschéien an net am Interesse vun de kleng Geschäftsléit.

Ech wëll och soen, dass all Kris, och dës Gesondheetskris, derzou féiere wäert, dass et an enger ganzer Rëtsch vu Wirtschaftsbereicher zu enger Konzentration kënn. Wou mer déi Grouss hunn, wéi am Handel zum Beispill, déi grouss Handelskonzerner, wat d'Krisegewënner sinn a wou ee ganze Koup vu kleng Geschäftsléit wäerten op der Streck bleiwen.

Ech hat geduecht, Dir kéint eis haut, zum Beispill, een Iwwerbléck ginn, wéi d'Situatioun zu Déifferdeng ass. Ech weess, dat ass komplizéiert. Mee wann een eng Hëllef stëmmt, da bënnt een déi jo un eng konkreet Situatioun. An dofir hätt ech och d'Fro un Iech: Wéi kommt Der un déi Zomm vun 250.000 Euro? Ass dat eng arbiträr Zomm, déi Der agesat hutt? Oder wëllt Der soen, dat ass de Maximum, dee mer wëllen elo ausginn? Oder u wat fir eng Situatioun ass dat gebonnen, konkreet?

Ech hu mer déi Saach hei duerchgekuckt. Nach eng aner Saach: Mer wëssen, eng Rei Leit zu Déifferdeng hu Faillite gemaach. Dat sinn der vläicht net esou vill, mee d'Situatioun gëtt awer ënnerschat. Well och vum statisteschen Amt kréie mer matgedeelt, d'Situatioun wär jo mol net esou schlëmm wéi virun der Covidkris, well et wäere

4a. Support financier aux commerces

guer net esou vill Faillitte ginn. Dat stëmmt zwar, mee dat gëtt awer déi reell Situatioun um Terrain net erëm.

Well déi reell Situatioun um Terrain ass, dass während där gläicher Zäit, wou et net méi Faillitte gi sinn, sinn et awer ganz vill méi Liquidatiounen ginn, wou d'Leit einfach de Schlëssel ënner den Teppich leeën, well se net méi kënnen weiterfuere. An do ass an eisem Land am Joer 2020 par rapport zu 2019 een Drëttel méi vu Liquidatiounen geschwat ginn. Wéi ass d'Situatioun zu Déifferdeng? Hutt Der do een Iwwerbléck? Oder vläicht net? Ech weess et net.

Op alle Fall ech hu mer dee Virschlag hei ugekuckt, dee ganz an den Detail geet a vill ze vill an den Detail. Iergendwéi ass et esou ee bürokratescht Ungeheuer. Ganz gewëss, elo kann ee soen, d'Geschäftsleit kréien dat net mat, déi kréien dat a vereinfachter Form. Mee trotzdeem mengen ech, dass et net dat ass, wat mir zu Déifferdeng brauchen. Wann ee seet, mer wëlle séier hëllefen a mer wëllen effikass hëllefen. Wann ech dann éischtens emol kucken d'Effikasitéit. Wann ee maximal 250.000 Euro ausgëtt – hei ass elo eng Zomm genannt ginn, 50 bis 100 Geschäfte, déi eventuell kéinten a Fro kommen, wann ech och huelen, dass zum Beispill 100 Geschäfte géifen a Fro kommen, da wär dat am Duerchschnitt 2.500 Euro pro Geschäft. Dat ass eng Hëllef, mee et ass keng ganz grouss Hëllef. Dat muss een awer och soen.

Ech fannen dat geet ze vill an den Detail. An et geet net nëmmen ze vill an den Detail, mee et geet ëm Saachen, wat d'Déifferdenger Geschäftsleit iwwerhaapt net brauchen. Wat einfach iwwer hir Käpp ewech geet, och iwwert dee Modell, wéi se funktionéieren, geet et total ewech. Wann hei geschwat gëtt, zum Beispill vun der Kapitalrenditt, oder mat deem schéine Wuert Return on Investment, dat interesséiert ee ganz groussen Deel vun den Déifferdenger Geschäftsleit net déi Boun.

Well déi meescht vun deene Geschäftsleit, déi hunn ee Geschäft, fir ee gutt Liewen ze féieren, fir sech och nach kënnen een Haus ze kafen. Awer net fir maximal Profitter ze maachen ewéi dat d'Konzerner an d'Spekulationsfonge maachen, déi interesséiert sinn um Return on Investment. Ee kleng Ge-

schäftsmann, dee kann dat net. An dee brauch dat net.

An duerfir fannen ech eng ganz Rëtsch vun deene Saachen, déi hei virgeschloe ginn, dat ass vläicht gutt, wann ee sech an der grousser Finanzwelt befënnt a wann een dofir Bilanen analyséiert vu Gesellschaften, mee net bei de klengen Geschäftsleit zu Déifferdeng.

Ech kann dofir net mat deem Virschlag, dee mer hei virgeluecht kréien, d'accord sinn. Ech sinn d'accord, dass mer als Gemeng d'Geschäftsleit ënnerstëtzen. Mee et wär dach vill méi einfach a vill méi séier – wann ech vu séier schwätzen, wëll ech nach drun erënneren: Déi meescht Geschäftsleit, wa se elo Saache vun hirem Bilan virleeën müssen, déi wende sech dofir un hir Fiduciaire. Well si selwer maachen dat jo net. Si kënnen dat emol net. Se sinn also forcéiert, sech un hir Fiduciaire ze wenden. An dat kascht och eppes!

An, et dierf een den Zäitfaktor net vergiessen. De Moment sinn d'Fiduciairen esou iwwerlaascht, dass ee wierkelech ganz optimistes muss sinn, wann ee mengt, d'Geschäftsleit kéinten innerhalb vun engem Mount déi Donnéeën do all eraginn. Also a mengen Aen ass dat vill ze kuerz. An dat wäert an der Praxis net funktionéieren.

Wéi gesot, als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei sinn ech dofir, dass mer deene kleng Geschäftsleit hëllefen, mee ech hätt et vill méi einfach fonnt, wann d'Gemeng higaange wär a se hätt, zum Beispill – ech ginn elo nëmmen ee Beispill – gesot: All Geschäft bis zu enger bestëmmter Gréisst zu Déifferdeng, dat am Covidjoer en Ëmsatz gemaach huet, dee 40 % oder 50 % méi déif war wéi d'Joer virdrun, dee kritt eng gewëssen Zomm. Loosse mer da soen, am Duerchschnitt 2.500 Euro. Dat géif vill méi séier goen an et wär vill méi effikass an dee ganze bürokratesche Krom géife mer eis erspueren.

Bei der Ofstëmmung wäert ech mech dowéinst enthalten, well ech fannen dat vill ze komplizéiert an net effikass genuch.

Eng zweet Saach wëll ech awer an deem Zesammenhang och soen. Et ass richtig a gutt, wa mer driwwer diskutéieren, wéi mer de Geschäftsleit kënnen

pas sous-estimer la situation même si le nombre de faillites est limité. Il faut tenir compte de la situation sur le terrain. À côté des faillites, il y a les liquidations, qui, elles, ont augmenté d'un tiers par rapport à 2019. Les commerçants mettent la clé sous la porte parce qu'ils ne peuvent plus continuer. Qu'en est-il à Differdange? Quelqu'un connaît-il la situation?

La proposition du collège échevinal est un monstre bureaucratique. Certes, les commerçants en recevront une version simplifiée. Mais ce n'est pas ce dont Differdange a besoin. Il s'agit d'être rapides et efficaces. Il est question de 250 000 € à répartir entre 50 ou 100 magasins. Si l'on se base sur 100 magasins, on obtient une moyenne de 2500 € par magasin. Ce n'est pas une somme énorme. C'est pourquoi Ali Ruckert trouve que les critères sont trop détaillés. Les commerces differdangeois n'ont pas besoin d'un système aussi complexe. Ce n'est pas la façon dont ils fonctionnent. Ils n'en ont rien à faire des retours sur investissement. Ils veulent mener une belle vie ou s'acheter une maison, pas maximiser leurs bénéfices.

Ali Ruckert répète que ce qui est demandé est peut-être pertinent pour le monde de la haute finance, mais pas pour les petits commerçants differdangeois. C'est pourquoi il n'est pas d'accord avec la proposition du collège échevinal. Pour pouvoir présenter un bilan, les commerçants devront s'adresser à un comptable, qu'ils devront payer. Or les fiduciaires sont débordées. Il faut être vraiment optimistes pour penser que les commerçants réussiront à rassembler toutes les données en un mois. Dans la pratique, cela ne fonctionnera pas.

Ali Ruckert aurait proposé d'allouer une certaine somme — par exemple 2500 € — à chaque commerce ayant réalisé un chiffre d'affaires inférieur de 40 % ou 50 % par rapport à l'année précédente. Cela irait plus vite, ce serait plus efficace et on limiterait la procédure administrative.

C'est pourquoi le communiste s'abstiendra lors du vote. Le système est trop compliqué et peu efficace.

4a. Support financier aux commerces

Ali Ruckert tient à ajouter que le conseil communal a raison de discuter du soutien à apporter aux commerçants. Mais il n'y a pas que les commerçants. La plupart des habitants vont travailler tous les jours et sont les premières victimes de la crise. À Differdange comme dans d'autres parties du pays, il a fallu recourir au chômage partiel et les employés ne touchent plus que 80 % de leur salaire normal. Cela signifie qu'une personne gagnant 3000 € par mois a perdu 2 mois de salaire l'année dernière. C'est pourquoi Ali Ruckert demande au collège échevinal ce qu'il compte faire pour ces gens. Va-t-il faire un geste?

Le dossier parle d'augmenter la consommation à travers une politique d'incitation. Mais comment cette consommation peut-elle être augmentée si les gens ne gagnent que 80 % de leurs salaires? Ali Ruckert propose de ne pas prélever les taxes pendant deux ans. Le collège échevinal ferait alors un geste concret en faveur de la population. Ali Ruckert répète qu'il veut soutenir les commerçants, mais qu'il n'est pas d'accord avec le modèle de distribution de l'aide.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
ne voit plus monsieur Felten.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL)
signale sa présence.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
lui demande de répondre aux questions. Ensuite, elle prendra elle aussi la parole.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL)
rappelle qu'il a présenté un document de travail, qui ne sera pas distribué aux commerçants. Aucun commerçant ne devra s'en occuper. La commune ne demandera à personne de calculer son rendement de capital. Ce n'est pas du tout l'objectif de l'exercice. Il est clair que la commune ne peut pas exiger un bilan 2020 contenant tous les chiffres. La COVID-19 a entraîné des retards dans les déclarations d'impôts. Il faudra donc se contenter des chiffres présentés. Aucun demandeur ne sera disquali-

hëllef, vun deenen et der wierklech eng Rei gëtt, déi ganz staark vun där Kris betraff sinn. Mee et gëtt awer net nëmme Geschäftsleit zu Déifferdeng. D'grouss Majoritéit vun der Bevëlkerung, dat si keng Geschäftsleit. Mee dat si Leit, déi all Dag schaffe ginn. An déi zu deenen éischten Opfer vun dëser Kris gehéiert hunn.

Firwat? Ma ganz einfach: Zu Déifferdeng, wéi an anere Stied hei am Süden an an aneren Deeler vum Land, hunn Dausende Leit misse Kuerzaarbecht maachen. Ee Mount, zwee Méint, zéng Méint. An déi, déi Kuerzaarbecht maachen, déi kréien nëmme 80 % vun hirem Akommes, wa se net just de Mindestloun hunn, wou dat net esou ass. Mee all déi aner kréien nëmme 80 % vun hirem Akommes. Dat heescht, een, dee während zéng Méint muss Kuerzaarbecht maachen – an där gëtt et vill och zu Déifferdeng! – an e verdéngt 3.000 Euro, deen huet am leschte Joer zwee Méint Pai verluer. Zwee Méint Pai! Wa mer wëlle gerecht sinn, wat maache mer da fir déi Leit iwwert d'Geschäftsleit eraus? Mécht do d'Gemeng och ee Gest, fir déi ze ënnerstëtzen?

Well ech hunn hei gelies, am Punkt 2 steet: Ukuerbele vum Konsum duerch geziilten Ureizpolitik fir de Bierger. Wéi soll de Konsum dann ugekuerbelt ginn, wann d'Leit nëmme 80 % vun hirem Pai kréien? An do mengen ech, wär et och noutwendeg, dass d'Gemeng géif ee Gest maache vis-à-vis vum Rescht vun der Bevëlkerung. Do kéint ee sech vill iwwerleeën. Ech, als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei, kéint mer iwwerleeën, dass d'Gemeng géif soen: Engem groussen Deel vun der Bevëlkerung geet et schlecht a mer verzichten emol an deenen nächsten zwee Joer drop, d'Taxen, zum Beispill, ze erhéijen. Dat wär ee Gest vis-à-vis vun der Bevëlkerung.

Mee nach eng Kéier: Ech ënnerstëtzen dat, dass eppes fir d'Geschäftsleit soll gemaach ginn, besonnesch fir déi kleng. Mee mat deem Modell hei, dee mer virgeluecht kréien, domat sinn ech net d'accord. An dofir wäert ech mech och enthalte beim Vott.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech géif dann d'Wuert un den Här Felten gi fir ze äntweren. Ass dat okay?

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An da géif ech och nach duerno eppes wëlle soen.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL):

Merci fir dee ganze Feedback. Dat, wat hei steet, dëst Dokument ass, wéi den Här Liesch seet, een Aarbechtsdokument an definitiv net dat, wat un de Commerce erausgeet. Dat ass ganz kloer. Dat ass eng intern Method, déi eis als Schlëssel doläit, fir ze rechnen. Kee Commerçant brauch sech heimat ausenannerzesetzen oder wou mir géife bei e Commerçant goen an hie seng eege Kapitalrentabilitéite froen. Ëm Gottes Willen. Dat ass absolut net de Sënn vun der Saach, mee dat ass een Deel vun eisem Schlëssel.

Fir op déi aner Froen ze kommen. Ganz richteg, de Bilan 2020, do kënnen mer elo net fuerderen, dass do wierklech déi allerbeschten Zuele virleien. Do si mer eis eens. Duerch de Covid kënnt et zu massive Verzögerungen am Beräich vum Areeche vun de Bilanen, am Beräich vun de Steiererklärungen insgesamt. Dat ass eppes, wat mer natierlech müssen esou akzeptéieren, wéi et ass. An dass mer do selbstverständlech op déi leschten Zuelen zrëckgräifen, déi mer fir 2020 zur Verfügung hunn.

Mir ginn op kee Fall hin, also dat ass net de Sënn vun der Saach, wann ee keen ofgeschlossene Bilan 2020 huet, dass mer da soen: Da qualifizéiert Der Iech net fir eng Hëllef. Also dat hei ass eppes, wou mer wierklech der Situation musse gerecht ginn. Fir ze soen, mir huelen déi Chifferen, déi mer zur Verfügung hunn.

4a. Support financier aux commerces

Hannendrun, wa mer déi Berechnungen do maachen, ganz kloer bei 250.000 Euro, wann Der wëllt equitabel sinn, dann ass et wichteg, dass ee Schlëssel agesat gëtt. Dat soen ech elo als Fachmann aus dem Beräich vun der Ekonomie, dat géif jiddwereen Iech soen. Wann Der ee kleng Montant per Géisskan verdeelt, da kënnt näischt Substanzielles dobäi eraus. Et muss gebonne sinn un ee Schlëssel, deen iergendwou esou equitabel wéi méiglech ass, an dass ee wierklech deenen Entrepreneuren, deene Societäten, Commerçanten entgéintkënnt, déi am meeschte vun dëser Kris getraff waren. Duerfir eeben d'Applikatioun vu Schlësselen.

Dat anert, wann et zu enger Pattsituatioun kënnt. Ech mengen, dat ass nach eng Fro, wou mer dann herno musse kucken. Also dat eenzelt, wat ech weess, dat ass, ech maache meng Berechnungen op Basis vun deene Schlësselen, wéi se hei stinn a wéi se ofgeseent ginn. Uschlëssend wäert ech natierlech dat eise Schafferot esou kommunikéieren. A wann ech et richteg matkritt hunn, soll matgedeelt ginn, wat fir eng Societäte sech gemellt hunn, wéi et zu deene Berechnungen kënnt etc. Do wäert et, ech mengen am Juni, nach eng Kéier zu enger Sëtzung kommen.

Et ass ee sportlechen Delai. Ech sinn awer ganz optimistes, dass mer dat hikeréien. Vu dass hannendrun déi Schlëssele schonn eng Kéier getest gi sinn, well ech hunn et jo virdu missen testen, ier ech se herno wëll applizéieren, an dat funktionéiert och. Mee Iech déi elo hei un een Ecran ze werfen, dat géif elo net wierklech vill bréngen.

Also dat si wierklech Gewiichtungen, statistesch Verdeelungsmodeller, wou ech denken, wéi den Här Liesch sot, och bei de Subside sinn dat Schlësselen, déi ugewannt ginn, fir herno eng Berechnung ze maachen. An dat maache mir intern. An ech hunn Iech probéiert just ze erläuteren, wat hannendru stécht, fir ze soen, dat sinn equitabel Schlësselen, fir besonnesch deene kleng Commerçanten entgéintzekommen, déi am meeschte getraff ware vun dëser Pandemie.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Felten. Ech wollt just nach eng Kéier op dem Här Weirich seng Remarken zrëckkommen. Ob Dir Iech et nach eng Kéier iwwerleet oder ob Dir déi Remarque vum Här Liesch a vum Här Weirich kënnt unhuelen, fir mat an Är ...

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL):

Jo, pardon.

Déi Partie vun den Entloossungen, also dat ass eppes, wat elo kee grouse Problem wär, déi ewechzeloossen. Dat war just matagesat ginn opgrond vun Diskussiounen an der Finanzkommissioun an am CAE deemools, wou dat e bëssen opkomm ass. Ech hu se bäigesat, fir dass ee kéint domat rechnen, am Fall, wou dat esou gewënscht wier. Wann de Wonsch ass, déi ewechzeloossen, funktionéiert de Schlëssel genau d'nämmlecht. Dir gesitt d'Verdeelungsschlësselen 1a an 1b. De Schlëssel funktionéiert d'nämmlecht. Et ass just eng Vereinfachung vun der Verrechnung, well mer net müssen op déi Donnéeën zrëckgräifen a kucken, wou Entloossungen stattfonden hunn an ënner wat fir enger Natur, wat tatsächlech schwierig wier. Mee et verännert näischt un der Berechnung hannendrun, vun de Schlësselen. Ech loossen déi Partie dann ewech.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An och mam Wunnsätz, gellt, hat ech Iech verstanen, Här Weirich? Dass d'Leit net müssen hei zu Déifferdeng wunnen.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL):

Och dat ass just bäigefügt. Och wann ech déi Gewiichtung ewechloossen, funktionéiert de Schlëssel genau d'nämmlecht. Et erlaabt eis och do, méi einfach ze sinn, ouni Charte de confidentialité ze funktionéieren. Also et ass kloer, dass mer just d'Gesamtbeschäftigung an d'Création d'emploi en général hei an der Stad Déifferdeng kucken. Keen Thema.

fié parce qu'il n'a pas clôturé son bilan de 2020.

Pour Max Felten, la commune n'a pas d'autre choix que de recourir à une clé de calcul si elle veut répartir équitablement les 250 000 €. En tant qu'expert, il peut assurer les conseillers communaux qu'il ne servirait à rien de partager simplement cette somme entre les demandeurs. Après tout, il s'agit de soutenir les entreprises et les magasins les plus touchés par la crise.

En ce qui concerne les situations limites, il faudra voir. Max Felten effectuera les calculs sur base de la clé. Ensuite, il communiquera les informations au collège échevinal. Max Felten suppose qu'une nouvelle réunion aura lieu en juin.

Le calendrier est court, mais Max Felten est convaincu que la commune peut le tenir. Il a testé les clés de calcul et elles fonctionnent. Mais il ne servirait à rien de présenter ces calculs au conseil communal. Monsieur Liesch a expliqué que l'on procède d'une manière similaire pour les subsides. Le collège échevinal veut aider les petits commerçants les plus touchés par la pandémie à travers des clés équitables.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

demande à monsieur Felten s'il tiendra compte des remarques de monsieur Liesch et de monsieur Weirich.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL)

ne voit pas de problème à enlever la partie sur les licenciements. Il signale cependant que l'initiative vient de la commission des finances et du comité d'accompagnement économique. Il explique que les clés 1A et 1B fonctionneront de la même manière. Enlever la partie sur les licenciements constitue une simplification du modèle. En revanche, il serait difficile d'inclure la nature des licenciements dans les calculs.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que monsieur Weirich voulait aussi supprimer la partie sur le lieu de résidence.

MAX FELTEN (ÉCONOMISTE COMMUNAL)

répond que la clé fonctionnera de la même façon même sans cette

4a. Support financier aux commerces

partie. En plus, la commune n'aura pas à se tenir à une charte de confidentialité.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

remercie monsieur Felten pour la réalisation de ce projet. Certes, le dossier est compliqué, mais le collègue échevinal salue la vision qui se cache derrière. La bourgmestre rappelle qu'il a été réalisé en partenariat avec le city manager. Cette aide financière n'est pas censée être un sparadrap; une idée cohérente de la façon dont doit se développer le commerce s'y cache.

La commune veut par ailleurs communiquer aux commerçants qu'elle les soutient. C'est important pour la ville et pour ses habitants. Christiane Brassel-Rausch a souvent entendu que les gens aiment faire leurs emplettes à Differdange même si l'offre doit être adaptée. Il s'agit d'un luxe, car on n'a pas besoin de voiture. Le Diffbus est gratuit.

Comme l'a dit monsieur Liesch, ce projet n'est qu'un début. La commune aura peut-être l'occasion de recruter des étudiants en économie pour coacher les commerçants. Tout le monde n'a pas de plan d'affaires ou ne sait pas ce qu'est un retour sur investissements. Mais il ne faut pas non plus prendre les commerçants differdangeois pour des imbéciles. Créer un commerce exige des compétences et du savoir-faire.

Monsieur Felten et monsieur Kracheel ont travaillé dur pour présenter ce projet. Christiane Brassel-Rausch salue les critiques constructives et essaiera d'intégrer celles qui sont pertinentes. Elle est consciente qu'il s'agit d'un monstre bureaucratique.

De toute façon, si le collègue échevinal avait décidé de verser une somme fixe à chaque entreprise, on lui aurait reproché de faire des cadeaux. Si les commerçants ne s'en sortent pas, ils pourront demander de l'aide. Le city manager soutient les commerces dans leurs démarches depuis le début de la crise — même si la commune n'en fait pas un post sur Facebook. Mais les commerçants savent à qui s'adresser.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech villmools Merci, Här Felten. An ech wëll och nach e puer Remarque maachen. Fir d'alleréisch emol Iech, Här Felten, ee ganz grouse Merci fir d'Ausschaffe vum Projet. Jo, et ass komplizéiert. Jo, et ass opwänneg. An trotzdem begrësse mir, als Schäfferot, virun allem d'Wäitsicht vun dësem Projet, deem an enker Zesummenaarbecht mat eisem City-Manager ausgeschafft ginn ass, vun deem net vill geschwat ginn ass elo.

Et ass net nëmmen eng Plooschter, déi mer elo op eng Wonn pechen, mee hannerdrun – den Här Liesch huet et, ouni dass mer eis elo ofgeschwat hunn, e bëssen d'nämmlecht gesot, wéi ech et gesinn – hannerdrun stécht ee kohärente Gedanken am Sënn vun der Déifferdenger Geschäftswelt a vun hirer weiderer Entwécklung. Op där anerer Säit ass et och de Message un d'Geschäftsleit: Mir stinn als Stad hanner Iech. Dat ass immens wichtig. Och wann dat eis elo hei schrecklech komplizéiert schéngt. Mir stinn hanner Iech.

An et ass wichtig fir d'Stad, mee et ass awer och wichtig fir d'Leit, déi hei an der Stad wunnen. Wéi dacks hunn ech elo héiere schonn, ech weess et zwar och aus eegener Erfahrung, wéi flott et ass, dass ee kann zu Déifferdeng akafe goen. Och wa mer natierlech d'Offermusse kucken ausgeweit ze kréien an nach méi diversifiéiert ze kréien. Mee wat ass dat fir ee Luxus: Ech brauch keen Auto. Ech brauch kee Bus. Oder ech huelen den Diffbus, deem dann och nach gratis ass. An ech ginn akafen. An dat muss mer probéieren ze ënnerstëtzen.

An elo bitt eis déi Entreprise do, et ass dat, wat den Här Liesch seet, den Ufank vun eppes, wou mer eis als Gemeng drageheien, soen ech elo mol. A mir hunn och nach vläicht d'Méiglechkeet, dat wësse mer net, dat ass jo alles am Entstoen, Leit vläicht, déi spezifesch Ekonomie studéieren, dass mer Studenten vläicht huelen, déi eis Geschäftsleit coachen. Jo, et huet net jiddwereen ee Businessplang, et weess net jiddwereen, wat ee Return on Investment ass. Ech weess et och net.

Mee mir dierfen eis Geschäftsleit awer och net fir domm halen. Déi Leit hunn ee Commerce gegrënnt. Dass se elo vläicht net héich Studien hunn, mee déi sinn awer net domm. An dann ass et mer immens wichtig ze soen, dass d'Geschäftsleit och Kompetenzen a Kënnen hunn. An dass eis Kompetenzen als Politiker och begrenzt sinn. An dass mer eis vläicht mussen aus Saachen eraushalen, wou mer keng Anung dovun hunn.

Den Här Felten an den Här Kracheel hu laang un deem Projet hei geschafft, fir Iech en haut kënne virstellen. Hien huet sech selwer elo als Fachmann betitelt. Alleguerten déi konstruktiv Kriticke begrëssen ech, well ech mengen, mir sollen esou zesummeschaffen. Déi ginn opgeholl. Wat méiglech ass, mache mer. Mir geheien eis elo an d'Waasser. Wat do erauskënnt, wësse mer net. Et ass ee bürokratescht Ungeheuer. Mee ech wollt Är Remarken héieren.

Wa mer soen, mir ginn elo all Geschäft esou vill, da gëtt gesot, mir kënnen net nom Gießkannenprinzip verdeelen. Also et weess ee jo, wat kënnt. Wa Geschäftsleit et net kënnen, et gëtt eng Helpline. Déi gëtt et scho ganz laang. Déi gëtt et scho säit Ufank vun der Kris. Nämlech bei eisem City-Manager.

Deen huet de Geschäftsleit bei all Démarches administratives – vum Mäerz 2020 un, huet deem am Hannergrond, ouni grousst Gedäisch, ouni et un d'grouss Klack ze hänken, de Geschäftsleit gehollef, wann déi Froen hate mat hire Pabeieren, wa se Froen haten, wat hir Demarchë waren.

Et gëtt geschafft. Et gëtt gemaach. Mir stellen et just net uewen op la Une op eis Facebooksäit. Natierlech ass den Här Kracheel mat derbäi, fir konkret Hëllef ze ginn. D'Leit wëssen dat och. Et gëtt och nach eng Kéier en Opruff gemaach mam Här Felten senger E-Mail, mam Här Kracheel senger E-Mail. Si solle sech dohi wenden.

Wat natierlech ganz wichtig ass, dat ass d'Zesummenaarbecht vum Här Felten mat eisem Kommunikatiounsservice. Ech mengen, dat ass wierklech wichtig. Dat ass eng Konscht. Ech hoffen och, dass mer dat hikeréien.

2. Finances communales

A wat de Montant vun 250.000 Euro ugeet, deen hu mer am Budget gestëmmt, fir de Geschäftsleit ze hëllefen. An et läit just un eis, als politesch Vertrieder, wa mir fannen, dass dee Budget net duergeet, da kënne mir hei an de Gemengerot kommen a mir kënne froe fir en ze erhéijen. Esou einfach ass et.

Ech hätt domadder ofgeschloss a géif dann – jo, Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wann een decidéiert, de Geschäftsleit, déi 40 % oder 50 % vun hirem Ëmsaz verluer hunn, eng Hëllef ze ginn, dann ass dat kee Gießkannenprinzip. Mee dann ass dat eng geziilt Hëllef fir déi Leit, déi ee groussen Deel vun hirem Ëmsaz verluer hunn. Dat ass kee Gießkannenprinzip. Et sief, Dir wollt eis hei soen, dass Der Är gréng Kollege an der Regierung kritiséiert, well déi dat decidéiert hunn. Vlächtt hutt Der dat gemengt. Ech weess et net. Mee och da läit Der falsch.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech géif dann einfach elo zum Vott iwwergoen.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver la stratégie d'aide et support financiers aux commerces et sociétés locales liée aux conséquences économiques de la pandémie de COVID-19.

Da soen ech Iech villmools Merci. Och, dass Der averstane waart, dass mer dee Punkt elo virgeholl hunn. Elo ware mer och nach frësch. Da géif ech dem Här Felten villmools Merci soen an zum soisdisant normalen Ordre du jour zrëckkommen, wéi e virgesinn ass. Mir wieren dann elo um Punkt 2, Finances communales. Do geet et ëm Avis et titres de recettes fir d'Joer 2020.

D'Gemeng krut en Tablo vun de Recetten, wou et a sech kee reglementaire

Pendant dozou gëtt. Dir hutt gëschter Owend méi spéit am Nomëtten déi aktualiséiert Lëscht nogeschéckt kritt. Ech soen Iech, wat mer kritt hunn un ICC, Impôt commercial communal. Dat sinn 3.050.576,51 Euro. 2019 waren et 3.200.000 Euro. Dat ass eng lichte Perte. De Fonds de dotation globale des communes, den FDGC, deen ass op 80.941.000 Euro. Dee war d'lescht Joer op 85, bal 86 Milliounen.

Dat sinn déi Zuelen, déi ech wollt ervirhiewen. Wann net, da gi mer den Tablo zum Vott.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, Dir hutt d'Zuele gesot vum Budget original. Wa mer awer elo de Rectifié huelen, wou mer schonn d'Korrekturen afléisse gelooss hunn, wat mer ze erwaarden hätten, do hu mer ronn fënnf Milliounen méi kritt u Fonds de dotation. A mer hu 600.000 Euro méi kritt un ICC.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Soudass mer insgesamt, par rapport zum Rectifié, dee jo gestëmmt ass, 5,6 Milliounen eis méi Recetten erwaarde kënnen. Wat jo awer net schlecht ass. A wat och net schlecht ass fir d'Resultat vun 2021, wou mer elo amgaange sinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo. Merci, Här Muller. Da géife mer zum Vott iwwergoen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avis et titres de recettes pour l'exercice 2020.

La collaboration de monsieur Felten avec le service communication est importante. C'est un art de communiquer sur ce dossier.

Le montant de 250 000 € a été approuvé pour aider les commerçants. Si le conseil communal trouve qu'il ne suffit pas, le collège peut soumettre une adaptation au vote.

ALI RUCKERT (KPL) ne trouve pas que la commune fait des cadeaux en offrant une aide financière à des commerçants ayant perdu 40 % ou 50 % de leur chiffre d'affaires.

À moins que la bourgmestre ne veuille critiquer ses collègues écologistes du gouvernement... Mais même dans ce cas, elle serait dans l'erreur.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

remercie le conseil communal d'avoir accepté de traiter ce point en premier. Elle remercie monsieur Felten et passe au point 2, les avis et titres de recette 2020. Les conseillers communaux ont reçu une liste actualisée hier après-midi. La Ville de Differdange a obtenu 3 050 576,51 € en impôt commercial contre 3 200 000 € en 2019. Le fonds de dotation globale se monte à 80 941 000 € contre 86 millions en 2019.

ERNY MULLER (LSAP) signale que la bourgmestre a cité les chiffres du budget original. Si l'on se base sur le rectifié, la Ville de Differdange a touché 5 millions de plus en fonds de dotation et 600 000 € de plus en impôt commercial.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) donne raison à monsieur Muller.

ERNY MULLER (LSAP) répète que les recettes vont donc augmenter par rapport au budget rectifié. C'est un bon résultat — également dans l'optique de 2021.

(Vote)

3. Actes et conventions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un acte de notaire concernant un échange de terrains dans la rue Rattem à Oberkorn. La valeur s'élève à 23 000 €.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à l'acte notarié suivant portant sur la cession gratuite de la part de monsieur Wildschütz d'une parcelle de 3,22 a dans la rue Docteur-Émile-Pauly à Niederkorn. Une aire de jeu occupe deux parcelles dont une appartient déjà à la commune. Il s'agit donc de régulariser une situation. Un PAP a été réalisé dans les parages aux alentours de 2000. Comme pour chaque PAP, 25 % du terrain doit être cédé à la commune. Cet acte met un terme à cette histoire.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à des droits de superficie dans la zone industrielle Haneboesch. La Ville de Differdange loue une parcelle à Art Thermic contre une indemnité forfaitaire unique de 51 100 € et un loyer annuel de 426,48 €. L'acte porte sur deux terrains de 3,30 a et de 1,81 a.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute que la construction d'un bâtiment a été approuvée par la commission des bâtisses. Il croit savoir que la bourgmestre a aussi donné son accord.

Art Thermic est déjà implantée à Differdange, dans la rue de Pétange, mais ce site n'est pas idéal. Erny Muller espère qu'il pourra être utilisé pour y construire des logements. Le Haneboesch permettra à l'entreprise de se développer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

précise que toutes les entreprises du Haneboesch doivent construire leurs propres bâtiments.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à Gravity.

Villmools Merci. Am Punkt 3a geet et – et geet vill ëm Akten haut – ëm een Nottärsakt an der Rue Rattem zu Uewerkuer. Do sinn d'Terraine getosch ginn. Et ass keng Soulte. D'Valeur ass op 23.000 Euro geschat ginn. Dir gesitt, do ass eng Encoche. Dat ass u sech och fir eis Voirie, dass d'Autoe kënnen dréien. An deen aneren Deel geet laanscht d'Haus vum Proprietär. Et ass een Echange de terrain.

Wa kee sech mell, da gi mer direkt zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié d'échange de parcelles au lieudit rue Rattem à Oberkorn.

Da si mer beim Punkt 3b. Dat ass erëm en Acte notarié. Do geet et ëm gratis Ofriede vun enger Plaz vun 3,22 Ar au lieu-dit Rue Dr Emile Pauly zu Nidderkuer. Dat ass eng Geschicht mat engem ganz, ganz laange Baart. Den Terrain gëtt vum Här Wildschütz un eis ofgetrueden. Et geet ëm eng Spillplaz, ëm zwou Parzellen, wou mir schonn d'Hallschent dovunner hunn. A well et en ëffentlechen Terrain ass, brauche mir déi aner Hallschent. Also muss mir déi kréien. Dat hei ass am Fong eng Regularisatioun vun enger Saach, déi scho ganz laang schleift. Well et war e PAP op deenen Haiser an op deene Garagen. Dat war esou ëm d'Joer 2000, hunn ech gesot kritt. Also et muss an deene Paragë sinn. An et muss ee Minimum vu 25 % vum Terrain un d'Gemeng gratis cedéiert ginn. Mat deem Akt kënnen mer endlech ee Schlusspunkt ënner déi Geschicht setzen.

Da komme mer zum Vott. Ech mengen, do si Leit, déi wësse besser Bescheid wéi ech an deem Dossier hei.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de cession gratuite d'une place d'une contenance de 3,22 a au lieudit rue Docteur-Émile-Pauly à Niederkorn.

Da komme mer zum Punkt 3c. Dat ass och schonn eng Geschicht, déi mer kennen. Et geet ëm d'Zone industrielle Haneboesch, déi nei Terrainen. Et ass een Droit de superficie. Mir verlounen et. Et geet dës Kéier un Art Thermic. Den Här bezilt eng Redevance, eng Indemnité forfaitaire unique vun 51.100 Euro. An e bezilt all Joer 426,48 Euro un d'Gemeng. Loyer souzesoen. E muss maintenir dix postes d'emploi. Et geet eng Kéier ëm 3,30 Ar „Auf dem Kerschingerweg“ an eng Kéier „Vor kurzen Hecken“ ëm 1,81 Ar. Et ass een Akt, wéi mer der schonn e puer hei hatten. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Do ass jo och ee Gebai drop geplangt. Dat gouf an der Bautekommissioun och geneemegt. An ech mengen, Dir hutt et och schonn ënnerschriwwen, Madamm Buergermeeschtesch.

Begrësse kënnen mer, dass et eng Sociétéit ass, Art Thermic, déi ass schonn an eiser Gemeng. An zwar an der Rue de Pétange. Ass awer net ganz ideal, déi Plaz, fir eng Entreprise. Ech hoffen, dass de Wunnengsbau op där Plaz gefördert gëtt herno. An ech fannen op dëser Plaz si si ganz gutt a kënnen sech och do weider ausdeen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Souwisou, all Sociétéit, déi do ass, déi muss jo hir Gebai-lechkeete selwer bauen an esou. Dat ass jo am Kontrakt virgesinn.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié portant sur une concession d'un droit de superficie dans la rue des Artisans à Niederkorn avec Art Thermic SARL.

Villmools merci. De Punkt 3d, do si mer beim Gravity-Tower. Dir gesitt, et ass e Procès verbal. Et ass nach keen Akt. De Procès verbal vun der Stee sous

3. Actes et conventions

pli fermé am Hall O hate mer den 31. Mäerz opgemaach a Presenz vum Nottär Schuman, der Buergermeeschtesch, der Madamm Pregno, dem Här Aguiar, dem Här Ricciardelli vum Logement an dem Brudder vun der Keefe-rin. Et war déi eenzeg Offer, déi era-komm ass. Et ware jo véier Objeten ausgeschriwwen. Mir hu just déi do Of-fer kritt.

De Point de départ war 554.789,30 Euro. An et si gebuede ginn: 586.112 Euro mat TVA. Dat ass ee Plus vun 31.322,7 Euro. Dir wësst, mir därefe jo net méi erauskréien. An déi Suen huele mer – déi hei si jo elo net subventio-néiert, déi Wunnengen –, Dir wësst jo, dass dee ganze Projet Gravity vun Nou-ma betreit gëtt. Dat heescht, wann d'Leit bis erausgesicht sinn, wann d'Keefe-rin an d'Locatairen alleguer fest-stinn, da beréit déi Firma d'Leit, well et soll jo ee Matenee-Wunne ginn, et soll jo ee Pilotprojet ginn, et soll jo net nëm-men een Nieftenee-Wunne sinn. Mir hu jo d'Salles communes, mir hunn d'Ter-rassen zesummen an do ass dann eng Berodung. Déi Leit hunn och schonn eng gewëssen Experienz an deem Sec-teur. Dat heescht, déi Sue kënne geholl ginn, zum Beispill, fir an dee Projet ze stiechen. Oder an eis Salles communes. Oder an eis Terrass. Dat kucke mer. Dat ass an deem Sënn.

Wat wollt ech soen? Elo bleiwen nach een Duplex an zwee Triplexen iwwreg. Mir maachen nach eng Kéier een neien Appell. Dee geet ab haut, den 28. Ab-rëll bis de 4. Juni.

Den Duplex, dee geet fir 517.343,87 Euro eraus. Deen huet een anere Präis, well en aneschtors orientéiert ass. Et ass ee Meterkaree manner, et ass ennen. Et ass op jiddwer Fall dee Präis, dee mir ugi kritt hu vum Promoteur. An et ginn zwee Triplexen eraus. Deen ee fir 929.884,99 Euro. An deen anere fir 966.026,79 Euro. Do gëtt elo nach eng Kéier een Appell gemaach, zu deene sel-wechte Konditiounen, wéi mer se hei ofgestëmmt hunn, also net-subventio-néiert Wunnengen. Dat heescht: Du dierfs am Fong Proprietär sinn, mee du muss dra wunnen. Dat bleift bestoen.

D'Krittäre sinn déi nämmlecht: Kanner, Déifferdenger sinn, Alter, Schaff, Famill an esou virun an esou weider. Dat hu mer jo alles hei ofgestëmmt.

Méi hunn ech elo zu deem Procès ver-bal hei net ze soen. Här De Sousa, wannechgelift.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäf-fen- a Gemengerot, virun zwou Wo-chen hat de Statec erausginn, datt d'Lo-gementspräisser 2020 ëm 16 % ge-klomme sinn. De Moien, op Social Me-dia, eng Reklamm vun enger Boîte, déi dann och nach domadder Publicitéit mécht, fir dann dat an d'Luucht ze drei-ven.

Wéi mir viru Wochen an der Loge-mentskommissioun héieren hunn, datt net esou vill Offeren erausgaange sinn, hate mir dat net verstanen. Hei gëtt en Appartement vu ronn 127 m² ënner 600.000 Euro verkaf. Dat sinn ënner 5.000 Euro de m². Héichwäerteg. En Duplex, do uewen, déi Vue. Ech men-gen, déi Vue gëtt emol net bezuelt.

Ech hunn d'Präisser e bësse verglach, déi ech online fonnt hunn. An da kënnt nëmmen eng Äntwert op d'Fro: Firwat ginn déi net fort? Et ass Spekulation. Dat kann een hei net maachen. Well am Gebai niewendrun, am Tuerm, déi Wunnengen, déi si fort. An hei net. Et ass kloer, datt een, deen d'Suen huet, fir sech een Triplex ze kafen, dee gesäit dat net als éischt Wunneng, mee e gesäit dat éischter als Invest. An dat ënnerbanne mir hei.

Wat ech awer och nach e bësse gekuckt hunn. Zum Beispill um oppene Maart kritt een Appartementer ëm 900.000 Euro. 800.000, 900.000 Euro. Wann ech awer elo ee Prêt maachen iwwer 30 Joer fir 600.000 Euro oder fir 800.000 Euro, ech hunn déi zwou Zue-le geholl, da gewannen ech pro Mount 700 Euro. Déi 700 Euro, déi si mir sécher. Do muss ech mol net op eng Spekulation hoffen, mee ech weess: Wann ech do een Appartement kafen, bezuelen ech 700 Euro méi fir mäi Prêt. Oder ech ginn do, a wann een et herno, no e puer Joer, wëll verkafen, dann huet een déi 700 Euro pro Mount gespuert, wann ee sech déi op d'Säit gesat huet.

Dat war einfach esou, well ech e bësse verwonnert war, firwat den zweeten Duplex net verkaf ginn ass.

Il est question du procès-verbal de la vente aux enchères réalisée le 31 mars au Hall O en présence de maître Schuman, de Christiane Brassel-Rausch, de madame Pregno, de monsieur Aguiar, de monsieur Ricciardelli et du frère de l'acquéreuse.

La Ville de Differdange avait mis en vente quatre objets, mais n'a reçu qu'une seule offre de 586 112 € alors que le point de départ était 554 789,30 €.

Les logements en question ne sont pas subventionnés. Mais l'ensemble du projet est encadré par Nouma. Une fois tous les locataires et propriétaires connus, Nouma lancera un projet pilote autour du « bien vivre ensemble ». La tour comprend d'ailleurs des salles communes. L'argent de la vente aux enchères pourra par exemple être investi dans ce projet ou dans les salles communes.

Il reste un duplex et deux triplex à vendre. La Ville de Differdange va lancer un deuxième appel à candidatures jusqu'au 4 juin aux mêmes conditions que le premier appel. Le prix du duplex s'élève à 517 343,87 € et le prix des triplex est de 929 884,99 € et 966 026,79 €. Le propriétaire s'engage à vivre dans l'appartement.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) a lu un rapport du Statec expliquant que les prix du logement ont augmenté de 16 % en 2020. Ce matin, il a vu une réclame sur les réseaux sociaux poussant les prix à la hausse.

La commission du logement ne comprend pas vraiment pourquoi il y a eu si peu d'offres. Car il est tout de même question de 127 m² pour moins de 600 000 €, c'est-à-dire moins de 5 000 € le mètre carré pour un duplex de qualité avec une vue exceptionnelle.

La seule explication que Paulo De Sousa a trouvée est que l'acquéreur ne pourra pas spéculer. Car dans l'autre tour, tous les appartements ont été vendus. Les gens considéraient les triplex comme un investissement et non comme un logement.

Un appartement de la même taille coûte normalement entre 800 000 € et 900 000 €. Cela représente une

3. Actes et conventions

différence de 700 € par mois sur le remboursement d'un prêt de 30 ans. Ces 700 € sont acquis. Il n'y a pas besoin de spéculer. C'est pourquoi Paulo De Sousa est étonné que le deuxième duplex n'ait pas été vendu.

Tous les membres de la commission du logement trouvent qu'il faut lancer un deuxième appel. Le conseiller communal suppose que les gens craignent un peu la vente aux enchères.

En revanche, vendre les triplex risque d'être plus difficile. La commission des logements propose de créer de formes de logement en communauté. Par exemple des étudiants. Paulo De Sousa suppose que Nouma pourra conseiller la commune sur la manière de commercialiser les triplex.

ERNY MULLER (LSAP) *salue le fait que les appartements seront vendus directement selon des critères pré-définis, et non au plus offrant.*

La Ville de Differdange ne réalise pas de bénéfices sur la vente. Les appartements sont vendus au prix net. Parallèlement, le bail emphytéotique représente mille euros le mètre carré.

La Ville de Differdange essaie de promouvoir le logement en construisant ou en achetant elle-même des biens. Cela crée des opportunités pour les gens. Mais ces personnes doivent comprendre qu'il y a des conditions — notamment le fait que le terrain appartient à la commune. C'est sans doute ce qui explique que les gens hésitent à acheter des triplex de près d'un-million d'euros. Pourtant il s'agit d'objets extraordinaires.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *estime que ces appartements n'ont pas été vendus à cause d'un problème de mentalité au Luxembourg. Beaucoup de gens voient le logement comme un investissement permettant de s'enrichir sans rien faire. La Ville de Differdange est pionnière en montrant qu'on peut aussi faire différemment. Comme l'a dit monsieur Muller, les gens ne sont pas habitués aux baux emphytéotiques et au fait qu'ils ne peuvent pas faire d'énormes plus-values avec leurs objets.*

An der Logementskommissioun hate mir eis awer och scho Gedanke gemaach. An do waren all d'Vertrieder der Meenung een zweeten Appell ze maachen. A mir mengen, datt den Duplex awer elo fortgeet. Ech mengen, et war e bëssen d'Angscht derbäi, eng Stee, dat ass net esou bekannt. Et schwätzt sech awer elo ronderëm, fir wéi vill d'Appartement verkaf ginn ass. Ech mengen, do wäerten elo Offere komme fir den Duplex.

Fir den Triplex, do menge mer, datt dat e bësse méi schwiereg gëtt. Doriwwer hu mer eis awer och scho Gedanke gemaach, wéi een dat aneschtens kéint maachen. D'Haaptiddi ass: WG-Formen. Entweder Studenten, oder anerer, déi nei starten an d'Liewen oder soss eppes. Esou eppes ze maachen. Well am neie Gesetz vum Bail à loyer sinn d'WG-Formen definéiert. Mir denken, datt dat eng Méiglechkeet kéint sinn, fir nei Wunnformen op Déifferdeng ze kréien, wann d'Nouma do och mat-schafft. An déi wäerte warscheinlech och gutt Iddien abrénge, fir déi Triplexen uerdentlech ze vermaarten. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir begrëissen, dass déi dräi Wunnengen elo an eng Vente directe ginn, no de Krittären, déi predefinéiert sinn, an net méi au meilleur Offrant. Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, firwat dee Präis do komm ass. Mäi Virriedner huet versicht, dat e bëssen ze maachen, dat ass un éischter Stell: Hei ass kee Benefice am Spill. Mir hunn en Netto-Präis, dee mer un de spéidere Locataire oder Proprietär weiderginn. Mee, mir hunn awer och nach een aneren Effet, dat ass dee vum Bail emphytéotique. An de Bail emphytéotique dat mécht, ech soe mol, ronn 1.000 Euro am Meterkareespräis aus.

Dat sinn Iddien, déi ee kéint fir d'Zukunft – mir si jo amgaang de Logement ze pushen, wou d'Gemeng sech méi direkt ëm de Logement bekëmmert, a sel-

wer ze bauen oder selwer ze kafen. Wa mer dat viruféieren, och op anere Plazen, da kënnen mer de Leit och nach besser Méiglechkeeten offréieren. Si müssen natierlech och verstoen, dass se ënner deene Konditiounen kafen. Dass se net komplett Proprietär sinn, mee dass den Terrain nach ëmmer, wéi an dësem Fall, der Gemeng gehéiert.

An dat schéngt vläicht e Problem ze ginn, wann op eemol d'Montante méi héich ginn, wéi Der elo sot bei den Triplexen, wou mer dann no un eng Millioun kommen, ob mer dann nach Cliente fannen, déi bereet sinn, déi Suen auszeginn, ënner deene Konditiounen. Ech hoffen, dass et de Fall ass. Well et ass wierklech e ganz schéinen Objet. En extraordinären Objet. Loosse mer mol ofwaarden, wat dann do erauskënnt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dass elo just am éischten Tour eng vun deene véier Wunnengen fortgaangen ass, ass e bëssen eng Saach, wéi meng Virriedner scho gesot hunn, vu Mentalitéitswandel, deen et onbedéngt zu Lëtzebuerg brauch, fir de Logement net méi als séichert Invest ze gesinn a fir mat Steng Tonne Geld ze verdéngen, andeems ee guer näischt mécht.

Mir sinn als Gemeng absolutt Virreider an um gudde Wee, fir ze weisen, dass et och anescht geet am Logement. An dass et och méi esou Projete brauch. Den Här Muller huet gesot, Bail emphytéotique ass nach net Usus. D'Leit sinn et net gewinnt, dass se mat hirem Bien net eng enorm Plus-value maachen, ouni eppes dran ze investéieren.

Ech begrëissen dee Projet absolutt. Ech denken, mir sollten um Beispill vum Gravity-Tower an déi Richtung weidergoen, fir änlech Projeten an Zukunft ze maachen. Den Här De Sousa huet et och gesot. Mir sinn och ganz vill implizéiert als Logementskommissioun, eisen Avis gouf och gefrot. Et ass absolutt

3. Actes et conventions

begréissenswäert, dass eis Iddie mata-gefloss sinn.

Effektiv, bei där Geschicht, dass ee keng Suen domadder ka verdéngen, do vergiessen d'Leit oft, den Här De Sousa huet et gesot, dat mécht ee risegen Ënnerscheed op mäi monatleche Budget, ob ech 600.000 Euro Prêt zrëckbezuelen oder 800.000 Euro Prêt. Et huet ee vläicht nach net de Reflex, fir dat matanzerechnen. Duerch dat heite Beispill droe mer dozou bäi, dass deen néidege Mentalitéitswiessel am Logement stattfënnt, dass dat endlech ophält, mat Steng Tonne Geld ze verdéngen, wann ech dat emol esou soen dierf.

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Muller an Här Weirich, ech si frou, dass Der mat eis op dee Wee gitt. Et ass einfach am Sënn vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg eng Wunneng sichen, dass d'Gemeng sech vill méi muss an de Wunnengsbau abréngen, ouni dass et en Invest ass. Verstitt Der. Den Här Weirich huet elo gesot, dass een aus Steng keng Plus-value mécht. Zu deem hu mir eis elo fir déi nächst zwee Joer, déi bleiwen, op jiddwer Fall verflucht. Merci awer.

Da komme mer zum Vott.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Just eng Remark zu deem Vott: Mir stëmmen elo dee Procès verbal. An der nächster Sitzung kënn warscheinlech den Acte notarié mat där Persoun, déi gesteet huet. Mir hunn et fir néideg fonnt, de Procès verbal heihinnerzebréngen. Quitte, dass et net ëm eng Obregkeet geet, déi geet just bei den Nottär zrëck. Mee, dass awer déi Diskussioun konnt lafen. An der nächster Sitzung wäert dann den Akt vun deem éischten Duplex virgeluecht ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le procès-verbal notarié d'ouverture de soumission cachetée du 31 mars 2021 de 4 lots du bâtiment résidentiel Gravity Tower à Differdange.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Ech géif soen, mir huelen nach den 3e an da maache mer eis kleng Paus. Den 3e dréit ëm eng Convention pour l'occupation d'un immeuble situé a Saulnes. Immeuble ass hei am juristeschen Term ze verstoen, well et geet ëm eng Antenn. An et geet ëm eng Antenn a wat drophänkt. A well do eppes drophänkt, si Redevancë schëlleg. Et ass de Système INPT, Infrastructures nationales partagées des télécommunications. Dofir kréie mir Suen. Dat heescht, et ass eng Oplag vun deem Kontrakt, deen de franséische Staat scho mam Här virdrun hat. Do ass eng Maintenance. Mir kréien 2.400 Euro annuellement vum Staat français. An déi gi pro Joer ëm 2 % eropgesat.

(Ënnerbriechung)

De Bail leeft bis 2029 par tacite reconduction pour une période de trois ans. Ech géif Iech bieten doriwwer ofzestëmmen.

Här Schwachtgen, wannechgelift. Dir musst de Mikro umaachen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

A pardon. Mikro un. Ech wollt zu menger Rentrée awer och zu engem Punkt Stellung huelen, nämlech deem heiten. Dat Gebitt hei ass jo den TNT, Territoire Naturel Transfrontalier, loosse mer soen, déi Acquisitioun, déi an deem Kader gemaach ginn ass vun der Gemeng Déifferdeng déi Sait der Grenz beim Roudenhaff. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir nach eng Kéier op d'Wichtigkeet vun deem Projet TNT opmierksam ze maachen, wat jo déi Gemengen ëmfaasst: Héiseng, Zounen an Herserange. Wou awer och schonn Interêt ass vun der Commune aus der Moulaine. Soudass déi Saach

Eric Weirich salue le projet de Gravity et espère que des projets semblables seront réalisés prochainement. Comme l'a dit monsieur De Sousa, la commission du logement est impliquée dans le projet et ses idées ont été retenues.

Il y a une grande différence entre le fait de rembourser 600 000 € ou 800 000 €. Les gens n'y pensent peut-être pas. Ce projet contribue à faire évoluer les mentalités.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

se réjouit des propos de monsieur Muller et de monsieur Weirich. La commune doit s'investir dans la construction de logements pour soutenir les gens.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

rappelle que le vote porte sur le procès-verbal. L'acte notarié sera présenté la prochaine fois. Le collègue échevinal trouvait important de mener cette discussion.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une convention sur l'occupation d'un immeuble situé à Saulnes. En fait, une antenne des infrastructures nationales partagées des télécommunications se trouve sur le site en question. L'État français verse chaque année 2400 € à la Ville de Differdange.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch précise que le bail se poursuivra jusqu'en 2029 par tacite reconduction d'une période de trois ans.

(Interruption de M. Schwachtgen)

Christiane Brassel-Rausch demande à monsieur Schwachtgen d'allumer son micro.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

rappelle que la zone fait partie du TNT, le Territoire naturel transfrontalier. La commune a acquis des terrains en France à proximité de la ferme rouge. Frenz Schwachtgen tient à souligner l'importance du TNT, dont font partie Hussigny, Saulnes et Herserange. La commune de Moulaine souhaiterait aussi en faire partie.

3. Actes et conventions

L'objet en question se trouve à Saulnes dans l'ancienne carrière. L'État français y étant intéressé, on peut supposer qu'il y va de la sécurité nationale.

En fait, la convention avec le ministère de l'Intérieur porte aussi sur d'éventuels actes de vandalisme. Le terrain doit être sécurisé, ce qui est une bonne chose pour l'État français et pour la Ville de Differdange. Frenz Schwachtgen revient sur le terme juridique français d'immeuble. La bourgmestre a dit qu'il s'agissait d'une antenne, ce qui est vrai dans ce cas-ci. Mais un immeuble peut aussi désigner un très grand terrain.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
confirme qu'il s'agit d'un terme juridique.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
ne voudrait pas qu'on pense que l'État français loue toute la carrière pour 2400 €. Il s'agit d'un terrain de 13 m². L'acte devra se montrer précis à ce sujet.

En tout cas, cet acte est positif pour les futures relations avec la France. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
annonce une pause. (Pause)

Christiane Brassel-Rausch passe à un bail commercial avec la brasserie de l'Aalt Stadhaus. Les terrasses, les locaux sanitaires et les vestiaires ont été retirés du contrat, car les services communaux en profitent aussi.

La surface s'élève à 89,87 m² pour un loyer de 1078,44 € HTVA. Le bail porte sur six ans à partir du 1^{er} mars 2021. Les charges se montent à 179,74 €, c'est-à-dire 2 € le mètre carré. Un remboursement mensuel de 167 € jusqu'à mai 2022 s'y ajoute.

Le prix a baissé. Le collègue échevinal s'est basé sur ce que la Ville demande à la Schräinerei, c'est-à-dire 12 € le mètre carré.

La brasserie est ouverte de 11 h à 23 h. La commune a négocié une baisse du droit de bouchon de 15 % à 12 % pour le vin et le crémant. Les sodas doivent être payés. Comme Differdange soutient le commerce équitable, le collègue

sech an Zukunft nach wäert vergrësseren.

Deen Objet hei, méi prezis, läit iwwer Zoune an deem alen Dagebau, deem deemools vun der Société des Carrières exploitéiert ginn ass. Vu dass de franséische Staat dorunner interesséiert ass, léisst dat eranen, een deem elo net wäit siche geet, dass dat eppes mat der Franséischer Sécurité nationale ze dinn huet an esou virun.

Vu dass mer awer déi Konventioun als Gemeng Déifferdeng, duerch dee Kaf, dee mer gemaach hunn, elo do mam franséische Staat maachen, mat der Sécurité nationale, mam franséischen Interieur, ass dat Gebitt och fir si vun enger gewësser Wichtigkeet. Soudass nottamment an der Konventioun vun Actes de vandalisme an esou virun, wou eng Garantie, Reegelen eventuell musse bestoen, fir dass deem Terrain méi securiséiert ass wéi aner Terrainen. An deem Sënn huet de franséische Staat een Interessen, dass dat Gebitt roueg bleift an net engem Vandalismus, engem wëlle Vandalismus géif zum Affer falen. An deem Sënn eng Berouegung och fir eis.

Ech kommen op dat Wuert „Immeuble“ zrëck, am franséische juristeschen Term. Madamm Buergermeeschter, Dir hutt gesot, dat ass eng Antenn. Dës Kéier jo, mee am franséische juristeschen Term, fir si kann een Immeuble och een Terrain sinn. Also och ee ganz groussen Terrain. Et muss een nämlech oppassen, wann ...

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech hu gesot, hei ass et am juristeschen Term.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

An dësem Fall, richteg, jo. An dësem Fall ass et – ech hunn dat x-mol nogelies, net dass op eemol de franséische Staat déi ganz Carrière géif loune fir 2.400 Euro, mee et dréit sech ëm 13 m² Grondfläch. Et muss een nämlech oppassen, wann ee mat de Fransousen an Akte geet, dass dat ganz kloer definéiert ass, wéi deem Immeuble de-

finéiert ass. An dësem Fall ass et just déi Fläch vun 13 m².

An deem Sënn ass deem Akt eng positiv Saach an de futures Relations mat der Grande Nation.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention pour l'occupation d'un immeuble situé à Saulnes (F), section AC parcelle 71, au bénéfice de l'État français (ministère de l'Intérieur).

Et ass elo fënnep op zéng. Zwanzeg op fuere mer virun. Merci.

(Paus)

Da komme mer elo zum Punkt 3f. Do geet et ëm de Bail commercial mat der Brasserie Aalt Stadhaus. Wat hu mer gemaach? Mir hunn d'Terrasse plus d'Locaux sanitaires plus d'Vestiären aus de Meterkaree geholl, well do och d'Gemengeservicer sech dusche ginn an op d'Toilette ginn. Dat heescht, et geet elo nach ëm eng Surface vun 89,87 m². De Loyer ass pro Mount 1.078,44 Euro ouni TVA. De Loyer ass erofgaangen. E fänkt den 1. Mäerz 2021 un, an de Bail leeft op sechs Joer.

Et bleiwen nach Chargen ze bezuele vun 179,74 Euro. Déi si berechent zwee Euro de Meterkaree. An et bleift nach e Remboursement mensuel bis Mee 2022 vun 167 Euro.

U sech ass de Präis erofgaangen. Mir hunn eis un déi 12 Euro de Meterkaree vun der Schräinerei ugeluecht, déi och 12 Euro de Meterkaree bezuelen.

D'Öffnungszäit ass vun eelef Auer moies bis eelef Auer owes. A mir hunn dann och nach den Droit du bouchon vu 15 % op 12 % erofgehandelt kritt fir de Wäin oder de Cremant. An alle-

3. Actes et conventions

guer déi aner Saachen, alles wat Soft-drinks ass, gëtt da bezuelt.

Wat ganz wichteg ass, wou mer drop gehalen hunn, vu dass mer eng Fairtrade-Gemeng sinn, ass, dass de Locataire op d'mannst ee Produit mam Logo Fairtrade a senger Offer huet.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt soen, dass hei just de Kontrakt geännert gëtt, dee mat där nämmelechter Société Amado ass. An den Exploitant bezilt am Endeffekt manner. Hien engagéiert sech, vu méindes bis samschdes vun 11 bis 23 Auer opzehunn. Och sonndes, wann am Ale Stadhaus eng Representatioun ass.

Déi gréng begrëssen dëse Kontrakt, dee weidergefouert ginn ass, dass och weiderhin d'Spectateuren an d'Acteure sech treffe kënnen fir ee Spektakel, wann d'Coronareegelen eis et dann erlaben.

Déi gréng stëmmen dëse Kontrakt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, et ass alles gesot. Ech schlësse mech de Wieder un. Als Vertrieeder vun der CSV begrëssen ech, datt am Kontrakt elo endlech eng Léisung mat der Museksschoul virgesinn ass. Dat hat fir vill Diskussiounen gesuergt. Et ass kloer, datt wann d'Kanner an d'Museksschoul ginn, datt se Softdrinks zu engem normale Präis kënnen kafen an net ëmmer mussen an eng Brasserie goen, zu engem erhéichte Präis. Duerfir si mer frou, datt do eng Léisung fonnt ginn ass, datt d'Museksschoul och elo separat fir sech esou Gerénks ubitt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Wa keng Wuertmeldung méi dozou ass, komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial pour la brasserie Aalt Stadhaus à Differdange avec Amado SARL-S.

Villmools merci. Da komme mer erëm, dat gëtt elo scho geschwë Gewunnecht, an eise sougenannte Pop-up-Store, dee kleng Schloff op 3, Rue du Parc Gerlache. Dat ass eng Kéier B Conscious. Et geet ëmmer ëm deen nämmelechte Raum 55 m². B Conscious verkeeft Naturcrëmen an esou. De Bail ass fir ee Mount, vum 19. Abrëll bis den 18. Mee, fir 400 Euro.

Deen nächsten hänkt schonn drun. D'Madamm Florence Everling wäert do ausstellen. Dee Kontrakt leeft fir néng Deeg, vum 22. Mee bis den 30. Mee.

Wann Der wëllt, kënnen mer déi zesummen ofstëmmen. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Hei geet et ëm ee Lokal, wat souwuel als Pop-up-Store wéi als Konschtgalerie benotzt ka ginn. Ech fannen dat ee gutt Konzept. Vum 19.4. bis den 18.5. kënnen Kosmetik a Kosmetikartikele kaf gi fir ee Loyer vu 400 Euro fir déi Persoun oder déi Sociétéit.

D'Florence Everling ass eng jonk Konschtstudentin vun Esch. Déi kann duerno hir Wierker ausstellen. Mir hatten an der Kulturkommissioun d'Geleeënheet, hir Kandidatur ze gesinn. Mir wënschen hir ganz vill Succès.

Déi gréng stëmmen dës zwee Kontrakter.

échevin a demandé au locataire de servir au moins un tel produit.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) demande à madame Brassel-Rausch si elle a terminé.

Elle poursuit en expliquant que le contrat a été modifié, mais que le locataire reste le même. Celui-ci payera moins. Il s'engage à ouvrir du lundi au samedi de 11 h à 23 h ainsi que le dimanche quand il y a des représentations.

Les écologistes saluent ce contrat permettant aux spectateurs et aux acteurs de se rencontrer quand les règles sanitaires le permettent. Ils l'approuveront.

JERRY HARTUNG (CSV) s'associe à ce qui vient d'être dit. Il se réjouit particulièrement de l'accord trouvé avec l'école de musique. Il est évident que les enfants doivent pouvoir acheter un soda à un prix normal sans aller à la brasserie. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la boutique éphémère du 3, rue du Parc-Gerlache. Elle demande à madame Pregno si elle veut présenter B Conscious.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) répond que non.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) rappelle qu'il est question de 55 m². B Conscious vend des crèmes naturelles. Le bail de 800 € est valable du 19 avril au 18 mai.

La locataire suivante sera madame Florence Everling. Elle occupera les lieux du 22 mai au 30 mai.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) explique qu'il s'agit d'un local pouvant servir de boutique éphémère et de galerie d'art. Le concept lui plaît. Du 19 avril au 18 mai, on y vendra des produits cosmétiques.

Florence Everling est une jeune artiste d'Esch. Elle exposera ses œuvres. La commission culturelle a avisé sa candidature et lui souhaite bonne chance.

Les écologistes approuveront les deux contrats.

3. Actes et conventions

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *s'associe à ce qui vient d'être dit.*

Il s'agit d'un espace où de jeunes entrepreneurs peuvent tester leurs produits avant de s'établir dans la commune. Le prédécesseur d'Eric Weirich, monsieur Diderich, lui a raconté qu'un commerçant vendant des produits italiens a occupé les lieux avant de décider de vendre ses produits toutes les semaines au marché.

Les boutiques éphémères sont dans l'air du temps. Il y en a à Luxembourg-ville et à Esch. Eric Weirich est d'avis qu'il faut élargir le concept.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *précise que le deuxième locataire payera cinquante euros pour neuf jours.*

TOM ULVELING (CSV) *trouve bizarre de louer le local pour neuf jours. Pourquoi pas deux semaines? Si on commence à louer la boutique à l'heure, cela engendrera plus de travail qu'il n'en vaut la peine.*

La tarification est-elle la même que l'on vende des produits ou que l'on expose des œuvres? Car le premier paye 400 € pour un mois et le deuxième 50 € pour un tiers du mois.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *propose d'en discuter au sein du collège échevinal. (Vote)*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé à un contrat au 55, avenue de la Liberté pour les éducateurs de rue. Le local fait 92,19 m². Le loyer versé par la commune se monte à 1400 € HTVA. Le contrat débute le 1^{er} mai 2021. Les charges s'élèvent à 150 € par mois.*

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate que le local du 55, avenue de la Liberté va devenir la base opérationnelle du projet d'éducation de rue. Elle rappelle que le conseil communal a approuvé une convention avec Caritas et l'office social.*

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech géif mech menger Virriednerin uschlëssen. Et ass ee ganz flotten Espace, wou jonk Entrepreneure kënnen hir Iddien, hir Produiten testen, fir sech da vläicht méi fix um Terrain vun der Gemeng ze etabléieren. Mäi Virgänger, de Gary Diderich, hat mer vun engem geschwat, deen och an eise Pop-up-Store war, deen italieenesch Produite verkaf huet, dee mëttlerweil eng fest Plaz op eise mëttelstrecke Maart huet. Wat natierlech immens ass, dass en d'Iddi teste konnt an elo eng fest Plaz an der Gemeng huet. Dowéinst ass dat absolutt ënnerstëtzenswäert. An et läit och an der Zäit. D'Stad Lëtzebuerg huet verschidde Pop-up-Storen. D'Gemeng Esch huet een. Mir och elo. An ech fannen, wann et sech bitt, da sollte mer dat, deemno wéi d'Demande ass, och nach roueg ausbauen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Deen zweete bezilt fir déi néng Deeg 50 Euro Loyer. Pardon, dat hat ech virdru vergiess ze soen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech fannen néng Deeg e bësse komesch. Dann hätt ech gesot zwou Wochen oder esou. Well wa mer elo ufänken, dat en hallwen Dag oder dräi Stonnen ze verlounen, dann hu mer méi Pabeierkrom wéi et bréngt.

An da wollt ech froen, ob et eng extra Tarifikatioun gëtt, wann et Saache sinn, déi verkaf ginn, wéi wann et Saache sinn, déi ausgestallt ginn? Well deen ee bezilt 400 Euro de Mount an deen anere bezilt fir néng Deeg, loosse mer soen, wat 1/3 vum Mount ass, bezilt deen nëmme 50 Euro. Ass et, well déi eng Kënschtler sinn an dat anert éischter Commerçanten?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Mir huelen dat mat an de Schäfferot. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, da komme mer zum Vott, wannechgelift.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial de courte durée d'un local situé au no 3 rue du Parc-Gerlache à Differdange avec B Conscious by Cyrielle Baranowski Révész.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial de courte durée d'un local au no 3 rue du Parc-Gerlache avec Florence Everling.

Ech soen Iech nach eng Kéier Merci. An et geet viru mat eise Kontrakter. Hei-riwwer freeën ech mech ganz speziell. Dat ass op 55, Avenue de la Liberté, e Lokal vun eise Streetworker vun der Caritas. Ee Projet deen op zwee Joer leeft.

Dat Lokal ass wierklech ideal situéiert fir déi Leit. Et geet ëm 92,19 m² fir 1.400 Euro hors TVA Loyer de Mount, dee mir als Gemeng iwwerhuelen, wéi mer et an der Konventioun festgehalen hunn. An dat leeft vum 1. Mee 2021 un. Et ass e Projet pilote mat eise Streetworker. D'Chargé sinn 150 Euro pro Mount.

Ech géif ëm de Vott bieden. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, dëst Lokal op 55 an der Liberté gëtt d'Base opérationnelle vun eise Projet Streetwork, dat heescht d'Büroe vun de Streetworker an Accueil vun hire Clienten. E ganz léift Wuert Clienten. Eng Konventioun an Zesummenaarbecht mat der Cari-

3. Actes et conventions

tas – accueil et solidarité, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social.

D'Lag vum Lokal ass perfekt. Bei der Bréck vum Wangert an no beim Park. Et geet elo mol drëm, fir Kontakt an d'Vertrauen zu de jonke Leit ronderëm an am Parc Gerlache ze kréien.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt dëse Projet a mir stëmmen de Bail. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Am leschte Gemengerot hate mer dëse Streetwork-Pilotprojet gestëmmt. Mir haten eis d'Fro gestallt, wou d'Lokal géif hikommen. Ech hat se scho geäussert virdrun. Ech wëll just nach eng Kéier soen, dass ech et immens wichtig fannen, dass mer dat probéieren, dass mer dee Projet maachen, deen tëschent der Caritas, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social leeft. De Rescht ass gesot ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Den Detail vun der Lokatioun ass elo genuch an des Ëfteren hei erwänt ginn an de Präis och. Dofir ginn ech net méi dorop an. D'LSAP Déifferdeng stëmmt dëse Contrat de bail mat.

Mir sinn awer e bëssen enttäuscht, dass mer keng aner Adress fonnt hu wéi ee Geschäftslokal am Zentrum vun Déifferdeng. Eng grouss Geschäftsvitrinn geet verluer zugonschte vu Bürosraim. Wat d'Geschäftswelt vun eiser Gemeng net méi attraktiv mécht. Och musse mir bedenken, dass d'Transformatiouns-aarbechten, déi jo net kleng sinn, zu laaschte vun der Gemeng ginn. Mir

wäerten awer dee Contrat de bail do matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da gi mer zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial d'un local situé au no 55 avenue de la Liberté à Differdange avec Viola Werding.

Villmoos merci. Da komme mer zum Punkt 3i. Do geet et ëm zwee Bailen. Dat eent ass eng Kënnegung. Ech schloen och vir, déi an engem Siess ze stëmmen. Dat ass d'Kënnegung vun der Société Beto, ...

(Ënnerbriechung)

... mee dann awer d'Lokatioun un den Här Michele Bagnod, wat e Grafikdesigner ass, wat en Typograf ass an en Illustrateur, deen 23,50 m² am Bâtiment C kritt fir sechs Euro de Meterkaree, wat dann en Total hors TVA vun 141 Euro mécht pro Mount. Hien huet den 1. Abrëll 2021 ugefaangen. De Kontrakt geet bis den 31. Mäerz 2022.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

De Michele Bagnod, dee säit zwee Joer zu Lëtzebuerg leeft, zitt elo an de 1535° an. Ech fannen, hie mécht wierklech erfrëschend Posteren. Virun ongeféier zwee Joer hat ech d'Geleeënheet, hie bei der Porte ouverte am 1535° ze begéinen. Ech si wierklech frou ze gesinn, dass hie sech eng Plaz am 1535° gewünscht huet an déi och elo kritt huet. Déi gréng, déi stëmmen dëse Kontrakt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le local est parfaitement situé — près du pont et près du parc. Il s'agira de gagner la confiance des jeunes autour du parc Gerlache. Le DP approuvera le bail.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle que le conseil communal a approuvé le projet-pilote d'éducation de rue, mais n'avait pas encore trouvé de local. Elle trouve ce projet entre la Ville de Differdange, Caritas et l'office social extrêmement important.

GUY ALTMEISCH (LSAP) annonce que les socialistes approuveront le contrat de bail. Cependant, il se dit déçu que le collège échevinal n'ait pas trouvé une autre adresse. Car un local de commerce va être remplacé par un bureau. Cela ne rendra pas le centre-ville plus attractif. En plus, les travaux de transformation couteront cher à la commune. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à deux baux qu'elle propose de présenter ensemble. (Interruption) Elle explique que monsieur Michele Bagnod, un typographe et illustrateur, louera 23,50 m² dans le bâtiment C du 1535° pour 23,50 €/m², c'est-à-dire 141 € HTVA. Il a emménagé le 1^{er} avril 2021. Le contrat arrivera à terme le 31 mars 2022.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) précise que Michele Bagnod vit à Luxembourg depuis deux ans. Elle l'a rencontré il y a deux ans à une porte ouverte du 1535°. Elle se dit contente qu'il ait trouvé un local. Les écologistes approuveront le contrat. (Vote)

3. Actes et conventions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un atelier d'artistes dans la maison Depienne. Monsieur Laurent Schiltz louera l'atelier pour 200 € par mois pour un an avec tacite reconduction.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

précise que le contrat fixe deux conditions: la participation à une porte ouverte et la tenue d'une exposition à Differdange. Les écologistes approuveront le contrat.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un contrat de bail dans la rue des Lignes pour une exploitation jardinière.

Il s'agit en fait de régulariser une situation en mettant des terrains à disposition de sept personnes pour un euro symbolique. La Ville de Differdange avait demandé un avis juridique en 2007.

Le contrat à tacite reconduction est signé pour un an. La Ville de Differdange pourra le résilier à tout moment en prévenant les locataires trois mois à l'avance.

Les personnes en question s'occupaient déjà de ce terrain. Deux locataires ont rejoint le groupe.

Il s'agit d'un terrain constructible. Sur le dernier plan, la parcelle 4 a été subdivisée en 2 conformément à ce qui figure dans le contrat.

GUY TEMPELS (CSV)

mentionne une clause selon laquelle les locataires peuvent être poursuivis en justice s'ils ne payent pas l'euro symbolique qu'ils ne doivent pourtant pas payer.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

ne connaît pas le contrat par cœur, mais il croit savoir que si le locataire d'une parcelle ne paye rien pendant trente ans, il a le droit d'exploiter cette parcelle à vie.

(Discussions)

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub avec Michele Bagnod.

Villmools merci. Am nächste Punkt, am 3j, geet et ëm en Artistenatelier, d'Maison Depienne op der Zowaasch. Den Här Laurent Schiltz kritt den Atelier op der Zowaasch an der Maison Depienne op ee Joer mat enger Tacite reconduction fir ee Joer vun 200 Euro pro Mount.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Am Kontrakt sti verschidde Konditiounen. Zwou dovunner sinn: Participatioun bei der Porte ouverte vun den Ateliers an eng Participatioun an enger zweeter Ausstellung, déi vun der Gemeng Déifferdeng organiséiert gëtt. Ech fannen dat ganz gutt, dass dat drasteet a wichteg. Déi gréng stëmmen dëse Kontrakt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un atelier d'artiste dans la Maison Depienne à Lasauvage avec Laurent Schiltz.

Villmools merci. Am 3k geet et ëm e Contrat de bail an der Rue des Lignes fir Exploitation jardinière. Et geet am Fong drëm, fir eppes ze reglementéieren, wat d'Leit souwisou gemaach hunn. Mir stelle siwe Leit Terrain zur Verfügung, fir e Loyer fir de symbolischen Euro, wou mer awer drop verzichten. Dat ass jo am Kontrakt esou gemaach. Dir gesitt, et geet ëm siwe Stécker. Déi juristes Form ass ofgekläert, well esou ëm d'Joer 2007 hate mer en Avis juridique gefrot.

De Kontrakt leeft vu Joer zu Joer. Vum 1. Januar op den 31. Dezember. Duer no leeft eng Tacite reconduction. D'Gemeng kann ouni Dispositioun zu all Moment kënnegen. Eng Kënnegungsfrist vun dräi Méint. D'Leit hu sech scho virdrun ëm den Terrain gekëmmert, wat ech schonn eng Kéier gesot hunn, an et sinn elo zwee nei Locataires dobäikomm. Et ass Bauterrain, just fir ze erwänen. D'Gemeng huet deen Terrain kaf. Mee mir haten ni ee Kontrakt mat de Leit. Dat géife mer heimat dann nohuelen.

Dat eenzelt, wat ech Iech dozou soe kann, wat ech gëschter nach suggeréiert hunn: Um leschte Plang gesitt Der den Terrain 4 ganz eleng, dat gëtt awer erëm a 4A a 4B opgedeelt, dass dat genau esou ass wéi op hirem Kontrakt, dass do kee Mëssel geschitt.

Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech hu just eng kleng Suggestioun. Et steet eng Klausel dran, wann déi Leit dee symbolischen Euro, dee se net brauchen ze bezuelen, net géife bezuelen, dass se kéinte belaangt ginn. Dat misst ee vläicht einfach ewechhuelen. Well ech mengen, dat eent hieft dat anert op.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hunn eng Fro derzou. Ech kennen de Kontrakt net auswenneg, mee wann een op de symbolischen Euro verzicht, ass et normalerweis esou: Wann ee Locataire vun enger Parzell, laut Parkgesetz, während 30 Joer näischt bezilt, huet en Droit, fir déi Parzell, esou laang wéi e leeft, ze exploitéieren. Dat heescht, e kann net méi erausgehäit ginn.

Ass dat hei kloer elo am Kontrakt ...?

3. Actes et conventions

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hu gesot, et ass juristes och ofgekläert ginn 2007 mat eisem Affekot. An doduerch, dass et drasteet, dass mer géifen op deen Euro verzichten, fale mer net ënner déi do Klausel.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Gutt. Ech hätt nach eng Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hätt nach eng zweet Remark, wat d'Exploitation jardinière allgemeng an der Gemeng ugeet. Mir haten elo kierzlech eis Bëschbotzaktioun. Do kënnst ëmmer ganz vill Material zesummen, zemools vun deene Slums, déi mer nach zum Deel, haaptsächlech an der Kondel, stoen hunn. An et kënnst all Kéier d'Diskussioun op: Ass dat elo Material, wat Bëschbotzdeck ass oder ass et Material, wat aus den ale Cité-jardinière kënnst?

Dat huet mech op de Gedanke bruecht, dass mer wierklech misste fir déi Cités jardinières existantes eng Reegelung kréien, souwuel wat d'Ëmwelt ubelaangt, d'Verschandelung vun der Natur wéi eventuell Rateploe an aner Geschichten ubelaangt. Beispill: D'Escher Gemeng haten um Gaalgebierg eng Kéier e bëssen Table rase gemaach mat der Hëllef vun der Gemeng, wou verschidde Sitte wierklech sanéiert gi sinn.

Ech weess, dass eis Cité-jardinière Nidderkuer an Uewerkuer gutt funktionéieren. Ech weess awer och, dass an der Kondel, wann een do e bëssen trëppele geet, wierklech ganz desastréis Zoustänn heiansdo herrschen. Ech géif suggeréieren, dass eng Kéier am Schäferot gekuckt gëtt, fir do eng Aktioun à moyen terme ze maachen, fir déi Sitte propper ze maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Schwachtgen. Mir huelen dat mat. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech géif mech dem Här Schwachtgen uschléissen. En huet Esch ernimmt. Do war jo relativ Remmidemmi d'lescht an d'viregt Joer wéinst de Schreebergäert um Gaalgebierg. Et ass begrëssenswäert, dass mer deem e bësse virgräifen, e Kontrakt mat Konditiounen mat de Leit ënnerschreien. An effektiv och, wat den Här Schwachtgen sot, dass ee kuckt, dass wierklech och alles an der Rei ass. Dat ass eng ganz gutt Propos.

Schreebergäert si wichteg. Et huet net jiddwereen een eegene Gaart. Et ass absolut begrëssenswäert, dass d'Leit kënnen op e Gaart zrëckgräifen, wa se net selwer direkt ee beim Haus hunn.

Ech hätt eng Fro. Dir hat gesot, et ass Bauterrain. Ech huelen un, dee gëtt iergendwa bebaut. An Dir hutt vun enger Frist geschwat vun dräi Méint. Ech wëll nach eng Kéier d'Beispill vun Esch huelen: Do, wou elo dat neit Südspidol gebaut gëtt, do waren och Schreebergäert an der Zäit. An do hunn d'Leit innerhalb vun engem Mount mussen hir Gäert raumen, well d'Bauaarbechten ugefaangen haten. Dat heescht, wann et hei bis sou wäit ass, wär et gutt, wa mer fréizäiteg géifen iwwer en alternative Site nodenke fir d'Leit, déi elo do e Schreebergaart hunn. Fir ze verhënnere, dass d'Leit virun e Fait accompli gesat ginn an net méi kéinten hire Gaart bedreiwen, wa mer dat eng Kéier bebauen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gären, Här Weirich. Awer passt op, dat hei ass Gemengenterrain. Hei ass elo net Schreebergaart. Hei kréien déi Leit den Terrain vun der Gemeng zur Verfügung gestallt, well elo am Moment näischt aneschtens do ass. Et ass awer net ausgewisene Schreebergaart. Wollt ech just nach eng Kéier preziséieren.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
précise que cette clause n'est pas applicable conformément à ce qui a été décidé en 2007.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

souhaite faire une remarque concernant l'exploitation jardinière. Pendant le dernier grand nettoyage de la forêt, beaucoup de matériel a été ramassé — notamment dans le Kondel. S'agit-il de déchets ou de matériel de l'ancienne cité jardinière?

Frenz Schwachtgen propose de mettre en place un règlement pour les cités jardinières tant en ce qui concerne la pollution que les problèmes de rats, etc. À Esch-sur-Alzette, au Gaalgebierg, la commune a fait table rase et a assaini les différents sites.

Frenz Schwachtgen ne sait pas si les cités jardinières de Niederkorn et Oberkorn fonctionnent bien. Mais le Kondel est dans un état désastreux. Le collège échevinal devrait lancer une action de nettoyage.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *s'associe à ce que vient de dire monsieur Schwachtgen. À Esch, il a beaucoup été question des jardins du Gaalgebierg ces dernières années. Signer un contrat avec les locataires est une bonne décision. Et comme l'a dit monsieur Schwachtgen, la commune doit veiller au bon ordre.*

Les jardins communautaires sont importants pour les personnes n'ayant pas de jardin à la maison. La bourgmestre a dit qu'il s'agit d'un terrain constructible et a parlé d'un délai de préavis de trois mois. Eric Weirich rappelle que le terrain sur lequel est en train d'être construit l'hôpital du sud accueillait aussi des jardins communautaires. Les locataires ont dû quitter les lieux en un mois. Eric Weirich espère que le collège échevinal réfléchira à l'avance à un nouveau site le cas échéant.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond que le terrain appartient à la Ville de Differdange, qui le met à disposition de locataires. Mais il n'est pas classé comme jardin communautaire.

3. Actes et conventions

Les jardins communautaires se trouvent au Kondel, à Niederkorn et à Oberkorn. La commune pourrait classer d'autres terrains comme jardins. Il y a quelques années, il avait été question de mettre des terrains à disposition des gens dans le parc Dune. Christiane Brassel-Rausch propose d'en discuter au sein du collège échevinal.

FRED BERTINELLI (LSAP) soutient monsieur Schwachtgen. Il s'inquiète plus spécialement pour les animaux. Des locataires gardent leurs chiens dans ces baraques toute la journée. Il faudrait effectuer des contrôles pour s'assurer que les animaux sont traités comme il faut.

La Ville de Differdange a une certaine expérience des jardins communautaires. Les plus grands se trouvaient juste à côté du Hall O. Les locataires ont ensuite dû déménager. Bref, la commune a de l'expérience et ce type de jardins fonctionne bien.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à une convention avec l'État portant sur le foyer de jour Kornascht et la crèche forestière. Elle rappelle que la dernière fois, le conseil communal a approuvé une convention portant sur les maisons relais.

Le ministère finance les crèches et le Kornascht à 100 % et non à 75 % comme elle l'avait dit la dernière fois. Il s'agit notamment des frais de fonctionnement et des frais de personnel. La participation de l'État est calculée sur la base du décompte de 2019 majoré de 10 %. En 2021 s'y ajoutent 7,5 heures d'encadrement supplémentaires à cause de la COVID-19. Il a fallu recruter davantage de personnel.

Les maisons relais et les crèches fonctionnent en groupes de 10 ou 15 enfants.

Well Schreebergaart, dat ass jo eben dann d'Kondel an Uewerkuer an Nidderkuer, déi ganz schéin dat ënnerhalen.

Et misst ee vläicht kucken, ob een net nach vläicht aner Parzellen oder aner Terrainen hei an der Gemeng ausweist als Gaart fir d'Leit. Ech wëll do just einfach soen: Déi flott Initiativ, déi mol viru Jore war, fir am Parc Dune de Leit Terrain zur Verfügung ze stellen, wou se kéinten ee Gaart maachen, géif ech eng ganz flott Iddi fannen. Ech géif dat mat an de Schäfferot huelen, fir dass mer doriwwer schwätzen. Well dat war eng ganz, ganz flott Experienz.

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Ech wëll dat och ënnerstëtzen, wat den Här Schwachtgen gesot huet vun deene Gäert. Et geet mer ëm d'Déieren, déi do sinn. Do gëtt net kontrolléiert. Et si vill Leit, déi Hënn ganzdeeglech an deene Buden halen an och aner Déieren. Dat ass no eisem Police-reglement ... vill ass do net erlaabt. Do misst och eng Kéier eng Kontroll kommen, wat richteg ass. Et weess een net, ob déi Déiere gerecht gehale ginn. Ob se déieregerecht gehale ginn. An dofir sollt een dat nokucken.

Wat d'Schreebergäert ugeet, wëll ech hei soen, datt d'Gemeng Déifferdeng eng gewëssen Erfahrung huet. Déi gréissten, déi mer ewechgeholl hunn, dat waren déi, wou elo deen neien Terrain hei steet, just niewendrun, wou mir elo hei setzen. Dat ware vill Schreebergäert. Do hat d'Gemeng ganz schnell reagiert, a Contregäert sinn de Leit ugebuede ginn. Innerhalb vun zwee Méint waren déi fort. An dunn ass deen Terrain hei gebaut ginn. Déi Leit sinn op aner Plazen an anere Gäert ënnerdaach komm. Also do hu mer eng gewëssen Erfahrung, wat och ganz gutt funktionéiert huet. Dat waren alles Gäert, wou mer hei setzen, an déi si verluecht ginn op aner Plazen. Dat war kee gréisser Problem fir d'Gemeng.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Wann et dozou keng Wuertmeldung méi gëtt, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail à Niederkorn dans la rue des Lignes pour des exploitations jardinières avec Joseph Lanners, Victor Manuel Ferreira Vinhas, Guilherme Manuel Da Silva Azevedo, Sónia Cristina de Moura da Silva Pinto, Maria Celeste Da Conceição Ribeiro Teixeira, Walter Vispi et Sónia Jesus Andrade.

Villmools merci. An da komme mer zum Punkt 3l. Wann Der gutt gelies hutt, ass dat genau déi nämmelecht Konventioun, déi mer d'leschte Kéier schonn am Gemengerot haten. Just dës Kéier geet et ëm de Foyer. Dee leschte Gemengerot waren et d'Maison-relaisen. Elo ass et d'Konventioun tëschent dem Staat an der Gemeng fir de Foyer du Jour Kornascht an d'Bëschcrèche.

De Ministère ënnerstëtzt d'Gemeng bei de Crèchen a beim Kornascht zu 100 %. Net zu 75 %, wéi mer am leschte Gemengerot haten. Wat d'Fraise vun eise Crèchë betrëfft, sinn et d'Frais de fonctionnement, d'Frais personnel. D'Participatioun vum Staat gëtt esou gerechent, dass den Dekont vun 2019 als Basis geholl gëtt mat enger Majoratioun vun 10 %. D'Reegel ass ëmmer de Chiffer vu virun zwee Joer plus 10 % Opschlag.

Als Frais supplémentaires kommen elo awer ausnamsweis fir 2021 a covidbedéngt 7,5 % Heures d'encadrement supplémentaires derbäi. Dat ass fir d'Käschte vun deem risegen Zousazpersonal ze stemmen, wat mir duerch eis Demande de dérogation kënne stellen.

Dir wësst jo, dass mir an de Maison-relaisen an an eise Crèchen nach ëmmer mat Gruppe vun zéng, maximal 15 Kanner funktionéieren.

D'Estimatioun vun der Participatioun vum Staat beleeft sech 2021 op

3. Actes et conventions

2.480.000 Euro fir eis Crèchen, de Foyer du Jour Kornascht an d'Bëschrèche.

Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Merci och fir d'Explikatiounen. Ech war effektiv duerchernee geroden, well ech gesinn hunn, dass et genau déi selwecht Konventioun ass. Dir hutt d'Erklärungen elo ginn. Merci duerfir.

Et ass eng Saach, déi mer reegelméisseg hei stëmmen. Eng ganz wichteg Konventioun, well se de Kader setzt, notament wat d'Inklusioun ugeet, wat d'Formatiounen ugeet, wéi dat Ganzt ofleeft.

Ech hunn eng Fro: Et steet dran, dass de Finanzement vun der Formation continue no an no vum SNJ soll iwwerholl ginn. Huet dat eng Auswierkung op d'Organisatioun vun der Formation continue oder ass dat wierklech just eng finanziell Geschicht, wou et just drëm geet, wien d'Formation continue letztendlech vum Personal bezilt.

Fir de Rescht, wéi gesot, ass et eng Standard-Konventioun. D'LSAP dréit dës Konventioun natierlech mat. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Ech wäert dat nofroen. Ech war am Ufank och duercherneen. Well méi kleng kann een déi Chifferen do net tippe wéi op der leschter Säit. Et ass just déi lescht Säit, déi anescht ass. Awer esou mini getippt, also ech hunn och ee Moment gesicht.

Dat anert froen ech no a ginn Iech dann eng Äntwert. Merci.

Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. D'Detailer goufen all genannt, se stinn am Dossier. D'Konventioun leet déi finanziell Modalitéite fir 2021 fest. De Contenu kenne mer schonn. Et gouf gesot, datt dat identesch ass mat

anerem, déi mer schonn hei am Gemen-gerot haten. Ech wollt just profitéieren, fir dem ganze Personal an eise Betreiuungsstrukture villmools Merci ze soe fir hiren Asaz. Virun allem elo aktuell an dësen dach méi schwierigen Zäiten. Mir stëmmen déi Konventioun gäre mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention bipartite 2021 pour les services d'éducation et d'accueil pour enfants concernant le foyer de jour Kornascht et la crèche en forêt.

Merci, da komme mer zum Punkt 3m. Do geet et ëm d'Kapitalerhéijung vun der SNHBM. Mir hunn an der SNHBM 175 Aktiounen vu 7.000, dat gesitt Der hannen. Dat ass plus ou moins 2 %. U sech ass den Apport schonn do. Mir brauchen als Aktionär näischt weider ze bezuelen. Et geet just ëm d'Kapitalerhéijung, vu 66 Milliounen op 93 Milliounen. Amplaz, dass déi ausbezuelte ginn un d'Aktionären, ginn déi an d'Kapital gestach. De Benefice.

Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. D'Demokratesch Partei stëmmt fir d'Erhéijung vum Kapital vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché an déi domadder verbonne Statuten. De Sënn, a wéi den Numm et scho seet, ass den Objet vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché, bezuelbare Wunnraum ze schafen. 35,2 % vun den Haushalter musse mëttlerweil dee gréissten Deel vun hirem Budget fir d'Wunnen ausginn. Wat eng Repercussioun op d'Wirtschaft huet.

De Präis vun de Wunnengen ass an dee- ne leschten zwee Joer staark geklom-

La participation de l'État se monte à 2 480 000 € pour les crèches, le foyer de jour et la crèche forestière.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) avait été surpris de voir qu'il s'agissait exactement de la même convention que la dernière fois. Il remercie la bourgmestre pour ses explications. La convention fixe le fonctionnement des structures d'encadrement — notamment l'inclusion...

Apparemment, le financement de la formation continue sera repris progressivement par le SNJ. Cela aura-t-il des répercussions sur la formation continue ou s'agit-il exclusivement d'une question financière.

Pour le reste, c'est une convention standard que les socialistes approuveront.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

admet que la convention l'a aussi surprise. En plus, les chiffres sur la dernière page sont minuscules. Il a fallu qu'elle cherche bien.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate que les détails figurent dans le dossier. La convention fixe les modalités financières pour 2021. Le contenu est identique à celui d'autres conventions.

François Meisch profite de l'occasion pour remercier le personnel des structures d'accueil pour leur engagement — en particulier en ces temps difficiles.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une augmentation de capital de la SNHBM. La Ville de Differdange possède 175 actions sur 7000, c'est-à-dire plus ou moins 2 %.

En tant qu'actionnaire, la commune n'a rien à payer. Le capital passe de 66 millions d'euros à 93 millions d'euros.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

annonce que le parti démocratique approuvera l'augmentation de capital de la Société nationale des habitations à bon marché. L'objectif de la SNHBM est de créer des logements abordables. 35,2 % des ménages versent la plus grande partie de leur budget dans le logement. Cela a des répercussions sur l'économie.

4b. Règlements de circulation / 5. Commissions

Le prix des appartements a augmenté fortement ces deux dernières années tout comme les frais de construction à cause de la pénurie de matériaux. C'est ce qui explique l'augmentation de capital et la modification des statuts.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) ajoute que les prix de l'immobilier n'explorent pas seulement depuis deux ans, mais depuis au moins dix ans. C'est pourquoi l'augmentation de capital est importante pour la SNHBM. Il faut qu'elle puisse remplir ses missions. Differdange veut être pionnière dans le domaine du logement. Cette augmentation de capital va dans la bonne direction.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux règlements temporaires de circulation.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) constate qu'une partie des règlements concerne des particuliers. Il s'agit de benches, d'échafaudages... Bref, les choses habituelles. Laura Pregno ajoute qu'une partie du parking du contournement est réservé pour les forains. Ils ont installé quelques jeux dans le centre-ville.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux changements dans les commissions consultatives. Monsieur Serge Goffinet est remplacé par monsieur Manuel Da Silva au sein de la commission de l'environnement pour le LSAP.
(Vote)
Christiane Brassel-Rausch passe aux questions.

men. Wéi scho gesot 16 %. A wéi mer gëschter an de Medie konnte lesen, sinn d'Käschten op de Baustellen amgaang ze explodéieren, well d'Baumaterial duerch d'Pandemie knapp gëtt, haaptsächlech d'Holz an d'Stolproduiten. Dofir stëmme mir d'Erhéijung vum Kapital an déi domadder verbonne Statute vun dësem Punkt. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi meng Virriednerin scho gesot huet, d'Präisser lafe fort am Logement, net nëmmen déi lescht zwee Joer, mee déi lescht zéng Joren. An et hält net op. Dowéinst ass et immens wichteg, dass ee vun deenen zwee ëffentleche Wunnengsbauträger, notament d'SNHBM, weidert Kapital opgestockt gëtt an hir Missioun erfëllen an erweidere kann, fir ëffentleche Wunnengsbau ze bedreiwen. Mir wëlle jo Virreider sinn am Beräich Logement. An dat hei geet absolutt an déi richteg Richtung. Dowéinst stëmmen ech dat heiten och mat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement les nouveaux statuts avec augmentation de capital de la Société nationale des habitations à bon marché SNHBM.

Villmools merci. Iwwert de Punkt 4a hu mer laang diskutéiert. Dee kënne mer iwwersprangen. A fir de Punkt 4b, Règlements temporaires de circulation, géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Dir Dammén, Dir Härren, wéi all Gemengerot fanne mer och hei erëm drénglech Verkéiersreglementer. Et sinn eng ganz Rei Privatsaachen dobäi oder vu private Leit, Bennen, Steeën – och vu gréisseren Entreprises –, Stützmaueren, Aarbechten un Haiser. Saachen, déi mer ëmmer erëmfannen. Ech hunn näischt Extraes fonnt.

Vläicht nach eng Kéier ze erwänen, dass ee klenkt Stéck vum Parking Contournement reservéiert ass fir eis Forainen. Wéi Der gesinn hutt, si jo e puer Spiller am Zentrum vun Déifferdeng opgeriicht, fir deene Klenngsten ënner eis dann och emol an dësen Zäiten ee klenkt Laachen op d'Gesicht ze zauberen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Merci. Si mer elo scho beim Punkt 5? Ass dat esou? Changements au sein des commissions consultatives. Kënne mer guttheeschen, dass d'LSAP den Här Serge Goffinet an der Ëmweltkommission duerch den Här Manuel Da Silva ersetzt?

Dann heesche mer dat unanime gutt. Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da wiere mer bei de Froen, déi eis den Här Meisch an d'Madamm Saeul eraginn hunn. Ech géif d'Wuert un den Här Meisch ginn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir haten am Virfeld e puer schrëftlech Froen eragi betreffend déi Buedemsenkung an dat enormt Lach, wat doduerch op der Strooss tëscht Déifferdeng an Héiseng, also dem CR174, entstanen ass. Dat Lach war e puer Meter breet an déif.

Zu de Froen: Wéi eng Auswierkungen huet dee Virfall op de Projet, fir direkt niewendrun e Wandpark opzeriichten? Wuelwëssend, dass dee ganze Bierg vu Galerien duerchzunn ass. Wat ass dee Gesamtmontant, dee bis haut an d'Ausschaffe vum Projet DiffWAND gefloss ass? Wéi vill vun dese Montante géif un der Gemeng hänke bleiwen, wann de Projet géif fale gelooss ginn op där Plaz? Wat sinn d'Resultater vun den Analysen a Machbarkeetsstudie betreffend esou engem Wandpark? Kann e Reschtrisiko ausgeschloss ginn op esou engem kriddelegen Terrain? An dann hate mer och nach gefrot, fir dem Gemengerot eng Kopie vun allen Etüden an Analysen zoukommen ze loosse.

Dat war et schonn. Villmools merci am Virus.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Ech géif d'Wuert direkt un d'Ressortschäffin weiderginn. Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Merci der DP an dem Här Meisch fir d'Virstellung vun dese Froen. D'Affaissement vun der Strooss tëscht Déifferdeng an Héiseng huet net direkt eng Repercussioun op de Wandpark. Dat, wat do geschitt ass, ass, wéi Der och sot, näischt Neits an deser Regioun. Esou eppes kann iwwerall am Bësch fonnt ginn. Wat Ponts et Chaussées fir d'Strooss selwer decidéiert, ob dat elo geféierlech ass oder net, respektiv wéi eng Repercussioun dat huet, dorüwer kënne mir hei elo näischt soen.

Mir wëssen duerch d'Analys vun den topografesche Kaarten an dem Verglach vun 1927 an 2008, dass een um Plateau kann erkennen, dass Affaisse-

menter tëscht 6, 6,1 a 7,7 Meter geschitt sinn. Dat op ronn 100 Joer. Et kann een domadder soen, dass ee groussen Deel vun deem, wat afale kann, schonn agefall ass.

Fir de Reschtrisiko, oder dee minimale Reschtrisiko, deen nach ëmmer bleift, ze eliminéieren, kéimen aus eisem Statistiksbüro, deen eis iwwert déi ganz Prozedur ganz kompetent beroden huet a weider beréit, zwou méiglech Fondatiounen a Fro. Dat Ganzt muss awer nach mam Ëmweltministère gekläert ginn. Dat wär engersäits d'Hohlraumverfüllung, wou direkt ënner der Zon d'Fondatioun einfach opgefëllt gëtt. An dat anert, dat wär Pieuxen, déi tëscht 50 a 60 Meter an de Buedem ginn, wou se op de stabillen Ënnergrond treffen.

Déi ganz Konklusioone vun der ganzer Problematik, all d'Dokumenten vun deene ganze Prozeduren, déi ofgeschloss sinn, sinn op DiffWAND erëmzefannen.

Da géif ech zu der zweeter Fro kommen. De Käschtepunkt, dee bis haut engagéiert ginn ass, ass e bësse méi wéi 1,1 Millioun Euro. D'Gemeng huet dovun 50 % gedroen. Déi Käschte si fir Wandmiessungen, Wandauswärtung, Vullenetüden, Fliedermaisetüden, Schall a Schattenwurf, Bureau fir geotechnesch Etüden an natierlech och d'Erstellung vum EIE-Dossier.

Fir d'Suite vum Projet hänkt et natierlech dovun of, ob weider Ëmweltetüde respektiv aner Etüden elo nach verlaangt ginn. Mir mengen, dass mer relativ um Schluss wäeren, wat d'Etüden ubelaangt. Mir waarden u sech nach op déi lescht Réckmeldungen.

Wann de Projet elo falegelooss géif, hätt d'Gemeng keng weider Käschten ze droen. A wann d'Gemeng de Projet weiderféiert, wann en also géif realiséiert ginn, da misst ee kucken, wéi mir an dee Projet eraklammen, ob mir dat mat Biergerbedeelegung a Biergerparticipatioun oder ënner anere méigleche Forme kéinte maachen.

All d'Etüden, déi fäerdeg an ofgeschloss sinn, an all d'Analyse fannt der op DiffWAND. Do fannt Der en Onglet op der Internetsäit mat all den Etüden

FRANÇOIS MEISCH (DP) a envoyé des questions écrites concernant l'effondrement ayant eu lieu sur la CR 174 entre Differdange et Hussigny. Le trou dans la chaussée est énorme.

Cela aura-t-il des répercussions sur l'aménagement des éoliennes à côté? De nombreuses galeries se trouvent sur la colline.

Combien d'argent le collège échevinal a-t-il déjà investi dans le projet du Diffwand? Combien la commune va-t-elle perdre si le projet était abandonné? Quels sont les résultats de l'étude de faisabilité?

Les démocrates ont aussi demandé une copie de toutes les études et analyses.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Meisch pour ces questions. L'affaissement de la route entre Differdange et Hussigny n'a pas de répercussions directes sur le parc éolien. Il s'agit d'un phénomène fréquent dans la région. En revanche, Laura Pregno ne sait pas ce que l'Administration des ponts et chaussées va décider concernant la route en soi.

Si l'on compare les cartes de 1927 et 2008, on constate qu'il y a eu des affaissements de 6,1 m à 7,7 m. Cela signifie qu'une bonne partie de ce qui peut s'écrouler s'est déjà écroulée.

D'après le bureau d'études consultant le collège échevinal, pour éliminer les risques résiduels, il y a deux possibilités. Il faudra cependant l'accord du ministère de l'Environnement. La première solution consiste à remplir les zones creuses. La deuxième consiste à installer des pieux de cinquante à soixante mètres dans le sol. Tous les documents relatifs à la procédure se trouvent sur diffwand.lu.

Pour le moment, un peu plus de 1,1 million d'euros ont été engagés, dont 50 % par la Ville de Differdange. Ces frais se composent d'études sur le vent, les oiseaux, les chauvesouris, le bruit, l'ombre portée, etc. Il reste à voir si d'autres études seront nécessaires. Laura Pregno pense qu'on arrive au bout. Si le projet était abandonné, la commune n'aurait pas de frais ultérieurs. Si la commune décide de poursuivre le projet, elle devra en

décider la forme — par exemple avec une participation citoyenne.

Laura Pregno répète que toutes les études se trouvent sur diffwand.lu. Elle propose aux conseillers d'y faire leurs recherches, car pour imprimer toutes les études, il faudrait beaucoup de papier. Bien sûr, s'il ne s'agit que de quelques documents, la commune pourra les imprimer.

FRANÇOIS MEISCH (DP) remercie madame Pregno pour ses explications. Il suppose que la commune perdrait 50 % de 1,1 million d'euros si le projet était abandonné.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) répond que oui. Il s'agit de 575 000 €.

ERNY MULLER (LSAP) trouve que les questions des démocrates sont pertinentes. Car quand de tels incidents surviennent, il faut réfléchir aux conséquences sur les alentours. Erny Muller n'a pas pris connaissance des études. Il y a jeté un œil, mais ne sait plus ce qu'elles contiennent. De toute façon, il ne s'y connaît pas assez.

Ne serait-il pas opportun de demander à un expert indépendant de donner un avis au conseil communal?

Erny Muller sait que des études ont été réalisées. Mais la commune veut-elle s'assurer davantage?

Il suppose que le collègue échevinal a l'intention d'assurer l'équipement. Mais les assurances sont-elles prêtes à assurer cet équipement sur la base des expertises effectuées?

GUY ALTMEISCH (LSAP) a une question concernant Aquasud et une question concernant les tristes événements survenus au cimetière d'Oberkorn.

nom Joer klasséiert. Déi een och do kann ofliesen.

Ech denken, et wär vläicht dat einfachst, dass d'Conseillere sech dorobber baséieren, fir hir Noliesungen an hir Recherchen ze maachen, well et enorm vill Pabeier ass, wa mer dat elo alles géifen erauszéien. Wann et natierlech eenzel Dokumenter sinn, déi deen een oder deen anere wëll, si mer gäre bereet, dat erauszéien an erauszedrécken. Mee mir gi jo ëmmer méi op de Wee vu paperless, a mir sinn all ekipéiert mat eisen Ecranen, soudass ech denken, dass dat machbar wär. Wann et natierlech fir een e Problem ass, zéie mer gären dat eent oder dat anert Dokument eraus.

Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Ass dat okay?

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Jo. Merci fir d'Erläuterungen. Just fir d'Verständnis: Dat heescht, wann de Projet géif falegelooss ginn, da géif d'Gemeng op 50 % vun där 1,1 Millioun sëtzebleiwen?

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo, genau, Här Meisch. Dat si 575.000 Euro.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Okay. Merci.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Gären.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann haten den Här Muller an den Här Altmeisch eng Fro ugemellt. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wéilt eng Zousazfro stellen, wann Der erlaabt. Mir fannen déi Iwwerleeungen an déi gestallte Froe vun der DP berechtigt. Well all Kéier, wann esou eppes geschitt, muss ee sech Gedanke maachen iwwert d'Konsequenze vun eventuellen Anlagen, déi net wäit ewech stinn.

Mir wollte froen, ob et net opportun wär – ech kennen elo déi Etüden net am Fong, ech hat zwar schonn eng Kéier, muss ech soen, dragekuckt, mee ech weess elo net méi genau wat drasteet. Mir si jo och keng Experten. Wär et net interessant, dass een neutralen Expert eis géif als Gemengerot en Avis ofginn. Ech weess et och net. Ech hunn héieren d'Statik an och verschidden Environments-, Terrainsbeschafenheeten an esou weider dat wär scho gemaach ginn a gekuckt ginn. Mir kënnen dat dann nëmmen esou zur Kenntnis huelen.

D'Fro ass, ob mer eis nach zousätzlech wëllen ofsécheren oder net. Oder ob dat net néideg ass.

An déi zweet Fro wär: Déi Ekipementen, wa se da mol do stinn, ginn ech dovun aus, dass déi assuréiert ginn. Dass mer eist Kapital assuréieren, wat mer investéieren. Do stellt sech dann erëm déi selwecht Fro. Fanne mer eng Assurance? Sinn d'Assurancë bereet, och opgrond vun deenen Expertisen, déi gemaach gi sinn, dës Ekipementen ze assuréieren, Point de vue Perte équipements, awer och aner Geforen, eventuell en cas d'accident an esou weider? Dat ass nach eng Zousazfro, déi sech eventuell do stellt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn zwou Froen. Déi eng Fro concernéiert den Aquasud an déi aner Fro déi traureg Evenementer, déi mer mussen erliewen zu Uewerkuer um Kierfecht.

D’Fro betreffend den Aquasud mat eisem Exploitant Vert Marine ass follgend: D’Pandemie war eng schrecklech schwéier Zäit fir den Exploitant vun eisem Aquasud, der Firma Vert Marine. Covidbedéngt war d’Installatioun zou respektiv deelweis mat ville Restriktionen op. Dank der Hëllef vum Staat konnt den Exploitant vum Chômage partiel fir seng Ugestallte profitéieren. D’Salariéen hunn 80 % vun hirem Loun kritt.

An deem Zesummenhang dränge sech der LSAP Déifferdeng verschidde Froen op. Hunn d’Salariéen an dëse schwéieren Zäiten déi 20 % manner Loun vun der Firma bezuelt kritt, oder ass et net zu engem Lounausgläich komm? Sinn all Hëllef vum Staat, déi d’Firma krut, bei der Rechnung fir d’Gemeng berécksiichtegt ginn? Ech mengen, manner Fraise fir den Exploitant misst jo automatesch en Afloss hunn op den Dekont fir d’Gemeng.

Mir konnte staunen, ewéi e Méindeg eng Info un d’Clientèle vun der Schwämm verschéckt ginn ass, dass de Komplex vum 3. Mee bis de 16. Mee zou wäert sinn an dat wéinst der Fréijoersbotz. D’Covidrestriktiounen ginn deelweis fir de Sport gelackert. De Schwammclub kann erëm trainéieren. D’Eltere gi mat de Kanner an d’Schwämm – an dat no laangem Waarden. An den Exploitant mécht eng Botzaktioun, laut Mail, vun zwou Wochen. Dat ass bal net ze glewen.

Déi aner Fro, déi ech hunn am Zesummenhang mat deem schroe Vandalismus zu Uewerkuer um Kierfecht. Mir hunn all d’Biller an der Press gesinn an d’Artikele gelies. Dat ass op d’Schäerfst ze verurteilen. Et ass mir awer nogedroeg ginn, dass de Kierfecht zu Uewerkuer nuets net zougespaart wier. Dat wier awer eng Moosnam, wann dee Kierfecht zougespaart wier, déi sécher keng honnertprozenteg Garantie géif ginn, mee awer vläicht ee klengt Hindernis weider wier, fir Leit mat schlechte Gedanken oder schlechten Idéie méi zréckzehalen.

Aus Sécherheetsgrënn wier et gutt, wann do zougespaart wier. Dat géif awer vläicht e bësse méi Sécherheet fir dee Site do bréngen. Well eng oppen Dier, och wa se zwee Meter héich ass, ass jo keen Hindernis. Zougespaart ass

et awer mol een Driwwerklammen an en Zréckklammen, wann eng Intervention vun der Police kéim. Dat wär jo wëschenswäert. Esou hätt een do awer méi ee geschlossene Raum an et géif d’Saach awer fir déi schlecht gesënnte Clientèle e bëssen erschwéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da proposéieren ech, dass d’Madamm Pregno op dem Här Muller seng Fro äntwert ...

ERNY MULLER (LSAP):

Entschëllegt, Madamm Buergermeeschter, ech hunn nach eng Fro. Wa mer déi kéinten direkt stellen. Ech hat geduecht, mir géifen déi éischt fir d’éischt ofschléissen. Dofir hat ech mech zu deem Thema gemellt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hunn awer nach eng zweet Fro. Da géif ech déi och nach stellen. Dat ass eng Fro un den Här Ulveling. Ech wollt hie froen, ob et him bewosst wär, dass déi Bréck, déi als Foussgänger- an als Vëlospassierelle um Contournement Richtung Avenue de la Liberté geet, dass déi an engem ganz schlechten Zoustand ass, an dass do riskéiere Leit ze falen. Ech hunn et souguer gesinn. Ech sinn eng Kéier do spadséiere gaangen. Bon, deen hat zwar op säin Handy gekuckt an do louch en um Buedem. An och fir Vëlofuerer. Ech mengen, do misste mer dréngend awer handeln. A bis déi Bréck da ganz nei ass, se dann och nach an en Zoustand bréngen, dass déi Placken net méi lass ginn. Well déi hiewe sech an déi sinn zu enger ganz Partie an et gétt der ëmmer méi. Merci.

La pandémie a eu des conséquences graves pour l’exploitant d’Aquasud, Vert marine. Les installations sont restées ouvertes en partie, mais avec des restrictions. L’exploitant a pu profiter des aides de l’État concernant le chômage partiel. Les salariés ont reçu 80 % de leur salaire normal.

Les socialistes voudraient savoir si l’exploitant a compensé les 20 % de salaire restants. Les aides de l’État ont-elles été incluses dans la facture à la commune? Si l’exploitant a moins de frais, cela devrait avoir une répercussion sur le décompte pour la commune.

Guy Altmeisch se dit étonné que le complexe soit fermé du 3 au 16 mai pour le nettoyage du printemps. Les restrictions sont en train d’être assouplies. Le club de natation peut reprendre ses activités. Les enfants veulent aller nager. Et voilà que l’exploitant décide de procéder à un nettoyage du printemps de deux semaines. C’est incroyable.

En ce qui concerne les actes de vandalisme au cimetière d’Oberkorn, Guy Altmeisch ne peut que les condamner. Cependant, il a entendu dire que l’on ne fermait pas les portes la nuit. Les fermer ne supprimerait pas totalement le risque, mais cela constituerait un obstacle supplémentaire. Cela contribuerait à améliorer la sécurité et à rendre la tâche plus difficile à cette « clientèle » difficile.

ERNY MULLER (LSAP) a une question supplémentaire. il demande s’il peut la poser tout de suite.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que oui.

ERNY MULLER (LSAP) a une question pour monsieur Ulveling. Sait-il que la passerelle du contournement en direction de l’avenue de la Liberté est en mauvais état et que les gens risquent de tomber? Erny Muller se souvient s’y être promené et avoir vu un homme tomber. Il y a urgence. Les plaques ne sont pas solides.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

constate que les études sur les éoliennes ont été effectuées par des bureaux indépendants. Il s'agit d'experts dans des domaines particuliers comme les oiseaux ou les chauvesouris. Bref, les études sont indépendantes.

En ce qui concerne l'assurance, il est clair que le projet ne pourra pas être réalisé sans. Si les études démontrent que le projet est réalisable, les assurances ont confirmé qu'elles l'assureraient.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)

explique qu'Aquasud est dans l'obligation d'effectuer un arrêt technique tous les ans. Cet arrêt permet de faire le point sur le fonctionnement des machines.

L'arrêt technique a lieu maintenant parce que la piscine est moins fréquentée à cause de la crise sanitaire. L'accès au grand bassin est limité à 16 personnes et celui au bassin d'apprentissage à 2. Paulo Aguiar espère que dans les mois à venir, ces restrictions seront levées au moins en partie.

En plus, le personnel étant au complet, Aquasud n'a pas besoin de recourir à de la main-d'œuvre externe.

En ce qui concerne l'accès au public, la piscine est ouverte tous les jours. Mais il faut trouver des compromis entre le public et les associations comme le club de natation, qui occupe les lieux quatre fois par semaine de 14 h à 20 h.

TOM ULVELING (CSV)

revient sur la question du cimetière, qu'il faudrait verrouiller. L'idée est bonne, mais pour l'appliquer il faudra modifier le règlement pour y indiquer clairement les horaires d'ouverture. Or, le collège échevinal souhaite que les proches puissent se rendre au cimetière quand bon leur semble. En plus, d'autres sites sont fermés, mais sont quand même victimes de vandalisme.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Da géif ech elo d'Wuert un d'Madamm Pregno gi fir Är éischt Fro. Den Här Aguiar géif den Aquasud maachen. An op de Kierfecht an op d'Bréck géif den Här Ulveling agoen. Madamm Pregno, wannechge-lift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Fir nach eng Kéier op d'Etüden zréckzekommen, déi si vun onofhängege Büroes gemaach ginn. Do sinn all Kéier Fachexperten ageschalt ginn, fir déi verschidde Beräicher a verschidden Theemen ofzedecken. Dofir hu mer dann och esou vill Etüden, well mer dann eeben den Expert vun de Vullen hunn, deen déi eng Etüd mécht an en Expert vun de Fliedermais déi aner. Also dat si lauter onofhängeg Etüden an och deementspriedend da Büroen, déi ageschalt goufen.

Wat d'Assurance ugeet, ass et effektiv esou, dass ouni Assurance dee Projet net ka realiséiert ginn. Mir hunn dat awer alles ofkläre gelooss. Wann all d'Etüde weisen, dass de Projet realisabel ass, dann hu mer confirméiert kritt, dass Assurancen dee Projet kënnen assuréieren.

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Aguiar, wannechge-lift.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, madame la bourgmestre. Monsieur Altmeisch, effectivement Aquasud est dans l'obligation contractuelle d'avoir un arrêt technique toutes les années. Cet arrêt technique permet de faire le point en ce qui concerne les machines de la piscine du complexe. Les machines qui traitent l'eau et qui font tourner toute la piscine. Cet arrêt est obligatoire une fois toutes les années.

Pourquoi l'a-t-on fait maintenant ? Tout simplement, à cause du calme lié aux restrictions sanitaires — parce

qu'on peut seulement mettre 16 personnes dans le grand bassin et 12 personnes dans le bassin d'apprentissage. Vu qu'il y a une faible clientèle, vu les mètres carrés auxquels peuvent recourir les sportifs, on a préféré le faire maintenant en espérant que pendant les mois à venir les restrictions sanitaires vont être levées un tout petit peu et qu'il y aura un flux plus important à la piscine.

Cela permet également de faire des économies d'eau. Les avantages : récupération de l'eau des bassins d'intérieur pour remplir en partie les bassins d'extérieur. Et comme le personnel est au complet, le recours à la main-d'œuvre externe est faible.

En ce qui concerne l'accueil au public, je dois vous rappeler que dans le cadre des restrictions sanitaires et dans le cadre de la mise en évidence du sport, nous ouvrons tous les jours du lundi au dimanche. Nous essayons de trouver un compromis entre le public, les associations ou le Schwammclub, qui peut faire développer son activité sportive quatre fois par semaine.

Dans de cadre-là, nous ouvrons de 9 h jusqu'à 15 h 30 pour le public, respectivement de 14 h à 20 h pour le Schwammclub. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Ulveling, wannechge-lift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Do war déi eng Fro vum Kierfecht, fir dat zouzespären. D'Iddi ass gutt an deem Sënn. Et muss een natierlech kucken, da muss een dat ganz Reglement erëm änneren an et muss ee genau Zäite festschreiwen, wou et dann op an zou ass. Respektiv et muss een och ee fanen, deen dat zoumécht. Dat ass emol deen ee Problem.

D'Iddi war am Fong, dass d'Leit kéinten egal wéini bei hir Verstuerwe goen a sech net mussen u speziell Zäiten halen. Ech weess net, ob et esou dissuasiv ass, well mer gesi jo och op anere Plazen, déi zougespaart sinn, d'Saache

ginn awer futti gemaach. Mee et kann ee sech et iwwerleeën. Et muss ee kucke mat eise Servicer, ob et méiglech ass, ob mer een hunn, dee kéint zouspäre goen, respektiv wat fir zousätzlech Fraisen dat géif kaschten an ob dat et derwäert ass.

Dat anert war eng Fro vum Här Muller iwwer d'Bréck. Net méi spéit wéi bei der Aweigung vum Polizeigebai hat den Här Bertinelli mer dat och scho gesot. Ech hunn dat du weiderginn. Mir sollten effektiv kucken, dass dat erëm gefléckt gëtt. Viru Jore waren déi Placke scho lass. Dofir hunn ech gesot, se misste sech emol iwwerleeën, ob et vläicht net een anere System géif ginn, wou een net dauernd misst duerno kucken, well alles erëm lassgeet.

Mee mir wësse jo och, dass déi Bréck iergendwann eng Kéier nei gemaach gëtt oder soll gemaach ginn. Mee Dir hutt Recht. Et ass kloer, d'Leit dierfen net do falen. Dofir kucke mer, eng Léisung ze fannen, vläicht mat méi grouse Placken oder iergendwéi eppes mat stole Placken. Ech weess et net. Mee si sinn amgaangen ze kucken, ob een do net eng aner Léisung ka fannen, wéi just ëmmer déi doten, déi dann erëm lassfueren an erëm dann esou gaapsen, wéi ee seet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Den Här Krecké huet sech och d'Wuert gefrot. Här Krecké, wannechgelift.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech hänke gär eng kleng Zousazerkklärung bei den Aquasud bäi, wou den Här Altmeisch eng Fro derzou gestallt huet. Déi Leit hunn alleguer 100 % vun hirer Pai behal. Déi 80 %, déi s de dann erëmkris, kriss de erëm als Employeur. Mee déi sinn net gekierzt ginn an hire Gehälter. Dat war jo eng Fro.

Vläicht och nach eng Remark zum Arrêt technique. Dat ass all Joer obligatoresch zwou Wochen. Dat ass eng ganz wichteg Komponent. Mir maachen elo dëser Deeg och déi oppe Schwämm fit. Et ass fir d'éischt, dass mer de Switch maachen, dass mer dat

Waasser aus de banneschte Basengen, wat jo och manner gestresst ass – mir sinn op 10 % vun den Zougäng, déi s de virun der Pandemie has, mat all dee-ne Restriktiounen, déi si wéi se sinn –, huelen a mir fëllen d'Waasser aus de Basenge vum Indoor eriwwer an d'Schwämm baussen.

Ech fannen dat ekologesch eng immens gutt Saach, dass mer dat Waasser net einfach an den Egout oflase loosse vun de banneschte Schwämmen, mee dass mer dat regeneréiere fir de bausechte Becken. Well et ass ëmmer eng immens Quantitéit vun Dausende Meterkibb Waasser, déi bei esou engem Remplissage gebraucht ginn. Dofir ass et gutt, dass mer elo dee Switch am Mee maachen, fir d'Waasser baussen ze notzen, dat bannescht, wéi gesot, regeneréiert gëtt an net weider gestresst ass. Dat vläicht just als Zousaz.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Da géif ech déi ëffentlech Sëtzung heimat ofschléissen, Iech villmools Merci soe fir Är Presenz. Et ass weesentlech besser, mat Iech hei am Sall ze setzen. Hoffe mer, dass mer op deem dote Wee kënnen weidergoen. Bleift gesond. Da gi mer an déi netëffentlech.

Tom Ulveling se renseignera auprès des services communaux pour savoir si une fermeture entraînera des frais conséquents.

Monsieur Muller a posé une question concernant le pont. Monsieur Bertinelli en avait déjà parlé à Tom Ulveling lors de l'inauguration du commissariat.

Ce n'est pas la première fois que les plaques cèdent. Il faudrait donc trouver un système ne nécessitant pas de réparations constantes.

Mais monsieur Muller a raison: il est intolérable que les gens tombent. Les services communaux réfléchissent à une solution.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

revient sur la question de monsieur Altmeisch concernant le salaire des employés d'Aquasud. Ceux-ci ont tous reçu 100 % de leurs salaires. L'employeur se voit, rembourser, quant à lui, 80 %.

L'arrêt technique annuel est obligatoire pendant deux semaines. Aquasud est également en train de préparer la piscine en plein air. C'est la première fois que l'eau des bassins intérieurs sera réutilisée pour la piscine en plein air.

Cette réutilisation est possible parce que la fréquentation a été réduite à 10 % à cause de la pandémie. D'un point de vue écologique, c'est une bonne chose, car il est question de plusieurs milliers de mètres cubes d'eau.


CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

clôture la séance. Elle se dit contente que celle-ci ait eu lieu dans cette salle.

QUAND SE LAVER LES MAINS ?



Lorsque vos mains sont sales




Avant chaque repas



Après s'être mouché



Après avoir touché
son masque



Après être allé
aux toilettes

Se laver les mains à l'eau et au savon permet d'éliminer les virus et les bactéries qui peuvent nous rendre malades.